

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°03 / 2015



Vél'Ok – Vélos en libre-service

LA VILLE D'ESCH AU SERVICE DE SES CITOYENS:


NOUVEAU COLLECTEUR PRINCIPAL D'EAUX USEES ENTRE ESCH-SUR-ALZETTE ET SCHIFFFLANGE

Construction du nouveau collecteur principal d'eaux usées entre la ville d'Esch-sur-Alzette et la station d'épuration SIVEC à Schiffange, le présent projet prévoit:

la réalisation de 5 fosses à l'aide de pieux en béton armé avec des diamètres intérieurs allant de 7 à 12m et des profondeurs pouvant aller jusqu'à 13m et

la réalisation de la partie fonçage du collecteur à l'aide de tuyaux en béton polymère Ø 2000mm sur env. 1520m et Ø 1600mm sur env. 360m

Bureau d'études: Génie civil:
association momentanée



NADON

Sociétés participantées



Luxcontrol

Projet subventionné par:



Administration de la gestion de l'eau
et des Infrastructures



www.esch.lu

vous êtes ici

fossé diamètre S10 Ø 7.00 m

fossé diamètre S11 Ø 12.00 m

fossé de dépôt Ø 12.00 m

fossé de dépôt Ø 12.00 m

fossé de dépôt Ø 12.00 m

**Fossé D12000 sur env. 610 m
dans 250 m dans un rayon de 100 m**

fossé diamètre S13 Ø 12.00 m

• CREEINE CADASTRE: DROITS RESERVÉS À L'STATE DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

500 m

Durée prévue des travaux : Novembre 2015 - Décembre 201

Ville d'Esch-sur-Alzette

Projet, coordination et suivi chantier : Division Travaux Municipaux - Génie Civil (Tel.: +352 2754 3400)
TR-ENGINEERING - Ingénieurs-conseils (Tel.: +352 49 00 65 1)

Maitre d'ouvrage :

Conseillers présents:


M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonner – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Conseiller absent:

M. Everard Wohlfarth

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décisions	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	5
3. Correspondance	5
4. Université: développement futur; présentation et discussion	5
5. Avenant à la Convention avec l'association Vélo-Union Esch dans le cadre de la «Flèche du Sud»; décision	19
6. Convention avec l'association sans but lucratif ROSA LETZEBUERG A.S.B.L.; décision	19
7. Adhésion au réseau RAINBOW CITIES NETWORK; décision	19
8. Convention Services pour jeunes; décision	22
9. Dossier Monkeler: Interpellation; décision	22
10. Règlements de circulation définitifs:	31
a) Règlements-taxe concernant le stationnement payant, modification; décision	
b) Règlement concernant les activités ambulantes sur la voie publique; décision	
c) Modification du règlement de circulation: emplacements food-trucks et stationnement longue durée dans la rue Henri Koch; décision	
d) Modification du règlement de circulation: installation d'un parking dans la rue du Turin; décision	
e) Circulation: Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	
11. Office Social:	37
a) Nomination du nouveau trésorier de l'Office Social; décision	
b) Réduction de tâche; décision	
12. Questions de personnel; décision	37
13. CISEA: Mandat du chef de corps; décision	37



Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 10. Juli 2015

14. Etat des restants 2014; décision	38
15. Transactions immobilières; décision	38
16. Devis et crédits spéciaux; décision	38
17. Logement: Contrats de bail et avenants; décision	38
18. Subsides ordinaires et extraordinaire; décision	39
19. Commissions consultatives; modifications; décision	39
Résumé en français	39

2. Information au public des décisions de personnel

/

3. Correspondance

/

4. Université: développement futur; présentation et discussion

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP):

(LSAP): „Kolleginnen a Kollegen, gudde Moien allegueren op eiser leschter Gemengerotssitzung virum Summer, wou mer dann dono bal dräi Méint Paus hunn. Ech begréissen lech allegueren an och d'Press.

D'Informationounen iwwer Personaldecisioun kritt Der wéi émmer dono och verdeelt. Mir hunn de Punkt iwwert d'Uni haut op d'Dagesuerdnung gesat, well mer der Meenung waren, datt et wichteg ass, de Gemengerot eng Kéier driwwer ze informéieren, wat am Moment amgaangen ass op Belval ze passéieren. A parallel dozou och hei an Esch.

D'Uni ass amgaangen ze plénneren. Dat a groussen Zich. A ronderém passéiert e ganze Koup. Zénter 2011 ass d'Uni am Fong geholl mat der éischter Installatioun vum LCSB schonn op de Frichen. Si waren déi éischte, déi do waren. An elo ass déi Cité des Sciences jo amgaangen, sech ze entwéckele mat der Maison du Savoir an der Maison des Sciences Humaines. D'Maison du Savoir ass amgaangen, d'Uni ze intégréieren, d'Fondatioun Restena an den Institut Universitaire International du Luxembourg.

D'Maison des Sciences Humaines huet de LISER, dat wat fréier de CEPS war, den Income Study an de Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe bei sech. D'Maison de l'Innovation huet den Institute of Science and Technology, Luxinnovation an de Centre de Formation Professionnelle Continue – all Mënsch bekannt énnert dem Dokter Robert Widong sengem Centre de Formation –, déi spezialiséiert sinn an der Formatioun wat de Spoldissecteur ugeet.

D'Plénneren am Moment betréfft ongefähr 1.000 Employéen an 2.100 Studenten. A laut der Agora wäert dést Joer de Cap vun de 5.000 Employen, dat heescht Leit, déi um Site wäerte schaffen, am September erreecht sinn. Eleng 4.000 dovunner schaffen an den Administrationen, an de Centres de recherche, de Geschäfter, Déngschtleeschungsbetriben an a méi wéi 220 Sociétéiten, déi sougnannte Start-ups.

De 5. Juni dëst Joer huet d'Regierung konfirméiert, datt et eng Opdeelung géif ginn, betreffend d'Faculté de Droit, d'Économie et de Finances, an dat op deenen zwee Siten Esch-Belval a Stad Lëtzebuerg um Kierchbierg.

Um Campus um Belval wäerte fir d'Rentrée 2016/2017 d'Studenten am Bachelor och eropkommen. Den Dekanat, d'Bibliothéik, d'Masterformatiouen, d'Doktoranden, allegueren déi Aktivitéite ronderém d'Recherche an d'Formation professionelle wäerten um Kierchbierg instaléiert ginn.

Am Januar/Februar dëst Joer huet d'Uni am Fong geholl ugeaangen ze plénneren mat enger klenger Equipe – Equipe Belval, wéi se se genannt hunn. Mat 40 Persounen, déi déi ganz Plénneraktioun koordinéiert an organiséiert hunn. An et ass eng onwahrscheinlech grouss Aktioun.

De Luxembourg Center an den Institute of Cognitive Science and Assessment (COSA), déi eleng sinn och nach eng Kéier dobäikomm mat 40 Persounen.

Am Juni elo dëst Joer ass dunn de Rektorat mat der Zentraladministration (110 Persounen) an d'Administration vum LCSB mat 30 Persounen als éischte an déi grouss Raimlechkeete vun der Uni geplénner.

Elo am Moment, Juli an August, si 450 Employéen vun der Faculté des Sciences Humaines amgaangen ze plénneren. Am September kommen nach eng Kéier 160 Persoune vum LCSB dobäi. An da wäerte fir d'Rentrée de 14. September déi 2.500 Studenten op Belval plénneren.

25 Persoune vum Service des études et de la vie étudiante wäerten am Oktober an hir Büroen plénneren, an am Dezember kommen nach eng Kéier 60 Persounen dobäi vun der Life Science Research Unit.

Dat si Chifferen am Moment, déi am Raum sinn. Mä dat ass eng risegross Ak-tioun, déi do amgaangen ass, organiséiert ze ginn oder iwwert d'Bühn ze goen, vun där mir direkt esou net allze vill matkréien. Ech kann lech awer soen, datt et eng enorm logistesch Erausfuerderung ass. An der Maison du Savoir wäerte bis an den Oktober eran 220 Persoune schaffen, an der Maison des Sciences Humaines 450, déi zwéschent Juli a September eraplénneren wäerten. An dann an de Gebaier vu Biotech I an II komme bis zur Rentrée de 14. September nach eng Kéier 220 Persoune bái.

Dat Ganzt huet enk mat der Uni missten organiséiert ginn, a parallel dozou hei natierlech och op der Gemeng schonn zénter Joren, awer elo ganz enk. Begleet mat Entrevuen, déi am Schäfferot statt-

fondt hunn. Mat eise Servicer allegueren, wou en enken Austausch besteet. Mir hunn den 21. Januar dëst Joer eng éischte Reunioun gehat mat dem Conseil de gouvernance vun der Uni, fir eis enk kënnen ofzeschwätzen, wat ronderém dat ganzt Geplénners an déi weider Aktivitéiten, déi zukünfteg Aktivitéiten, soll mat Esch organiséiert ginn.

Ech kann lech soen, datt énnert dem Här Marc Jaeger an dem Här Massimo Malvetti den absolute Wonsch besteet, mat eis hei zu Esch enk zesummenzeschaffen. Dat heescht och ze kucken, datt d'Studenten an Esch kommen. An dat Ganzt huet sech schonn eng éischte Kéier ausgedréckt gehat, datt mer mat der Uni zesummen d'Nuit de la culture hei zu Esch organiséiert hunn an datt mir als Gemeng op den éischte Portes Ouvertes e Stand haten op der Uni, wou enorm vill Leit hi komm sinn. Dëst fir Esch kënen och ze presentéieren.

An déi aner Zesummenarbecht, déi och enk ass, ass déi mat dem Projet Co-Habitate, vläicht besser bekannt énner „Un toit, deux générations“, mam Här Moussa Seck. De Projet, dee vun Esch och énnerstëtzzt gi war am Kader vun „1, 2, 3 GO social“, wou d'Madame Freis Astrid och Presidentin vun der Asbl ass a wou eng ganz Rei Leit vun de Parteien allegueren heibannen och Member sinn.

Des Weidere si mer amgaangen, mat eise jumeléierte Stied och méi eng intensiv Kooperatioun opzehuelen, wat d'Uni an d'Aktivitéite ronderém betréfft. Eng wei-der Sitzung hate mer elo mat dem Conseil de gouvernance den 1. Juli. Wou mer einfach esou en éischte Bilan gezunn hunn a gekuckt hunn, wat si Saachen, déi net esou gutt lafen.

Op dem Ordre du jour ass natierlech déi sportlech Offer. Dir wësst allegueren, datt déi Gebailechkeeten, déi sollten um Belval entstoen, betreffend enger Offer wat de Sport ugeet – déi se och bis elo an der Stad hunn –, nach iwwerhaapt net gebaut gi sinn. Wat e grosse Problem duerstellt. A wou mer hei zu Esch, an ech mengen och verschidde Lycéen, d'Käpp zesummegestreckt hunn. Fir ze kucken, fir hinnen trotzdem kënne Méiglechkeeten unzebidden, en attendant, datt déi aner Sportsinfrastrukture kommen.

E weidere Problem ass nach wie vor dee vum Véloswee, dee mer nach émmer net hunn. Eng direkt Verbindung, wou mer jo ugefrot hunn. An dat ass Arbedsterrain, ArcelorMittalsterrain, wou mer als Schäfferot mat eise Servicer, mat de Vertrieder vun der Arcelor zesumme waren. Do besteet eng Méiglechkeet, fir kënne vun dem Site vu Belval direkt op Esch ze kommen, fir beim Garage Losch eraus-

zekommen. D'Propriétésverhältnisser stinn nach èmmer zur Diskussiouen. Mir hunn eng weider Entrevue elo mat der Arcelor am September, wou mer dat heiten nach eng Kéier wäerten zur Diskussiouen bréngen. A mir ginn och ènnerstëtzzt vum Conseil de gouvernance vun der Uni, déi eis do och hëllefen. Well se Interêt hunn, datt d'Studenten och kënnen iwwert e Véloswee séier an den Zen-trum vun Esch kommen, datt eng Anbin-dung besteet.

De Restaurant vun der Uni, d'Kantin, déi fänkt elo den 31. August u mat schaffen. Wat awer weiderhin och feelt, dat ass d'Problematik oder d'Zurverfügungstelle vu Maisons relais respektiv Crèchen. Déi Diskussiouen hu mir scho relativ fréi mat der Uni ugefaange gehat.

Op dem Terrain vun Esch loungen zwou Propose vir, déi net konnte gemaach ginn, well se an enger Gebailechkeet waren, wou net gutt adaptéiert war fir eng Maison Relais. Wou se an engem Gebai gewiescht wieren, wou kee Gréngs ron-derém ass, an d'Kanner do sech net gutt hätte kennen ophalen. An déi zweet Saach ass, datt net iwwerall kann eng Crèche, respektiv eng Maison relais gemaach ginn. Well mer awer op engem Site sinn do uewen, wou et eng gewëssé Kontaminatioun gëtt a wou een den Agrément net kritt.

Mir hu mat der Gemeng Bieles regelméis-seg och Austausch iwwert de Site Belval, well et gëtt en Deel op Bieleser Säit an en Deel op Escher Säit. A mir hunn hinnen och nach eng Kéier un d'Häerz geluecht, well schonn Diskussioune gelaf sinn, och op hirer Säit ze kucken, d'Méglechkeeten ze entwéckele fir Crèchen, respektiv Maisons relais.

Wat eis Gemengeservicer ugeet, hunn déi ganz intensiv a regelméisseg Sitzunge mat dem Kommunikatiounsservice vun der Uni a mat dem Büro, dee chargéiert ass, fir d'Supervision vun dem Plénne-ren. An dat en vue vun der Ouverture am September. Ausserdem hunn eis Servicer och enk Kontakter mat de Studenten-organi-satiounen do uewen, déi sech on-bedéngt och wëllen hei an Esch établéié-ren an amgaange sinn, e Programm ze entwéckelen. A verschidden divers Aktivi-téiten, déi mir amgaange sinn – mat eise Servicer – mat hinnen ze plangen.

Zénter 2007 huet de Service Développe-ment social eng ganz Rei Visiten hei zu Esch organiséiert fir d'Studenten an de Sciences sociales an éducatives, dat wa-ren der siwe bis 2007 a leider némmen eng zwëschen 2013 an 2015, well do um Niveau vun der Fakultéit e Changement war vum Personal. Mir wëllen dat weider-hin intensivéieren. Dofir waren awer eng

ganz Rei Visiten hei an der Gemeng ge-wiescht. Vläicht ass lech dat och emol opgefall.

An där Zäit elo d'lescht Joer an dëst Joer sinn dräimol Gruppe komm mat 50, 60, 70 Studenten, déi Esch am Fong geholl kennegeléiert hunn. Déi kommen elo hei-hinner, ginn op Belval, an eng ganz Rei vun hinne kennen Esch eigentlech net. An dann hu mer dat folgendermoosse gemaach, datt mer hei am Sall emol fir d'éischt während enger Stonn eis ausge-tosch hunn. Erklärungen ofginn hunn, datt Esch net eleng aus enger Uelzechstrooss bestehtet an anere Saachen, déi Der kennt, déi èmmer iwwer Esch geschriwwé ginn. Mä datt e ganze Koup flott Projete ginn, wéi zum Beispill de Gaalge-bierg, wéi eng Auberge de la jeunesse, déi kënnt, wéi allegueren déi Aktivitéiten um kulturelle, sportleche Plang an esou weider.

Déi waren èmmer en Dag ènnerwee, an ech muss soen, datt déi sech all Kéiers kënnen eng ganz Rei Siten ukucke goen, wéi Cockerill oder wat och èmmer. Hir Proffen, déi maachen hinnen e Pro-gramm a ginn och mat hinnen. Ganz oft ass den Denis Scuto dobäi, deen Esch jo ganz gutt kennt. An et war all Kéiers en Aha-Erlebnis. Datt se gesot hunn, mir hunn Esch net esou kannt. A mir sinn der Meenung, als Gemeng, datt dat op jidde Fall immens wichteg ass, och eis hei vir-zestellen an ze soen, wat nach alles hei-leeft.

Mir hunn eng Konventioun als Gemeng gemaach mat der Unité de recherche INSIDE. Mat deene mer zesummen – dat war hei am Gemengerot, déi Konven-tioun – den neie Rapport social amgaan-ge sinn ze erstellen: 2014/2017, dee leeft jo iwwer dräi Joer. E weidere Volet vun deem Rapport social wäert am Hierscht virgestallt ginn.

2007 an och elo 2013/2014 hu mer zesumme mat der Unité de recherche vun der Uni eis Pläng erschafft – Jugend-kommunalplang a Seniorekommunal-plang. Zénter 2009 si mer Member vum Observatoire vum Belval, wat eng Plate-forme virtuelle an der Recherche ass. Den Observatoire fonctionnéiert am Kader vun Aktivitéiten, déi och fir eis wichteg sinn hei zu Esch, an der Recherche d'identité politique, société an espace.

Den Här Massimo Bricocoli ass ukomm, och hei zu Esch. En huet seng éischt Schrëtt op der Uni selwer ènnerholl an ass elo amgaangen, Esch ze eroberen. Ech muss lech soen, wou ech en déi éischte Kéier empfaangen hunn, war e just amgaangen an d'Uelzechstrooss ze plénneren. E war um Belval, wéll ganz no hei am Zentrum sinn an huet eng Wun-

neng matten an Esch fonnt. An och mat de Servicer hei an der Gemeng huet e scho Kontakt opgehol, huet sech mat deene getraff, fir eis Gemeng kennenzeléieren, fir eis Servicer kennenzeléieren a fir konkret kennen op Projeten ze schaf-fen.

Dir wësst, datt dee Léierstull agesat ginn ass, fir eis Stad, eis Gemeng eben och op déi nei Defien ze préparéieren. An och ze kucken, wéi kann eis Escher Bevölkerung profitéiere vun der Uni. Eis schéngt, datt dat e ganz wichtige Schrëtt ass, e wicht-tegt Zil ass, zesummen ze kooperéieren. Dést an de Beräicher vum Développe-ment économique et sociale, natierlech fir de ganze Süden. Awer och an Iwwer-leeungen, Ideéen vun Entreprises sociales, déi eng Erafuerderung sinn. Wou mer eng ganz Rei Saachen, eng ganz Rei Projeten hei zu Esch jo schonn hunn. A wou mer mat him zesummen och wëlle schaf-fen. D'Konzept ass eigentlech op zwee Féiss opgestallt. Op där enger Säit d'Entreprenariat social an op där anerer Säit de Management social.

Den Här Bricocoli huet wéi gesot am Mäerz 2015 ugefaangen an e kënnt vun enger vu senge leschten Unien, vun der politechnescher Universitéit vu Mailand. An en huet sech do spezialiséiert a ganz spannende Gebitter, déi fir eis hei zu Esch enorm wichteg sinn. Dat heescht an der Rehabilitation urbaine, an der Politik vum Logement, wat eng enorm Erafuerde-ration net némme fir eis hei zu Esch, mä fir d'ganzt Land ass. An dann och den demographesche Wandel an der Region.

Mir wäerten och am Hierscht mëi genau op säin Aufgabegebitt agoen, op déi Erafuerderungen, déi en elo am Mo-ment amgaangen ass sech unzehuelen.

Ech wäert selwer den Här Bricocoli nach eng Kéier d'nächst Woch gesinn. Awer déi grouss Erafuerderung wäert déi si vun dem Logement, vu Studentewun-nungen. Ech mengen Dir wësst, mer hu Gemengewunnungen, mä et ginn net genuch Mietwunnungen hei zu Esch, och an der Region net. An d'Erafuerde-ration ass déi, wéi kënne mer all déi Pro-blematik mat de Studenten, déi elo kommen, an dem ganzen Personal ron-derém, och gutt an transparent a ge-sonnt ugoen, ouni datt eis Bevölkerung dodrënner leid.

Virun enger Rei Méint hat ech scho gezielt, datt mer mat der Uni a mat der Adem, mam Arbeitsamt op Belval eng Charte entwickelt hunn betreffend Aar-bechtsplazen, déi sech ronderém d'Im-plantatioun vun der Uni erginn. Dést ganz besonnesch an dem Beräicher vun de Mannerqualifizéierten, am Déngscht-leeschungsberäich och. Also Beräicher,

wou d'Uni och e ganz grousse Besoin huet. A mir waarden drop, datt mer d'Charte kënnen zu dräi énnerschreiwen, mat der Uni, d'Gemeng an d'Arbeitsamt. Fir datt gekuckt gëtt, virun allem Leit aus dem Süden, respektiv vun Esch privilegiert kënnen anzestellen. Ech hu schonn oft hebanne gesot, dass mir e Jugendchômage vu 25% hunn, vun deenen also énnier 25 Joer. An och en héije Chômage vun den 50+. Wou mer Pisten entwéckelen, fir do och kënnen enk zesummen ze schaffen.

Des Weideren hu mer an de vergaangene Méint och en Angebot mat der Uni zesummen entwéckelt fir déi nei Studenten, déi kommen. Et ass och e Wunsch vun der Uni gewiescht, wou se gesot hunn, Esch ass amgaange ganz vill fir eis ze maachen: mir wëllen eppes zréckginn a wou leie Besoinen. An do hu mer dee Projet vun der Hausaufgabenhëlf entwéckelt, fir Kanner an de Primärschoulen. Et ass lech bekannt, datt net iwwerall déi Hausaufgabenhëlf ugebuede gëtt, an datt dat e grousse Problem ass. Et hu sech eng ganz Rei Studenten scho gemellt, fir dat ze maachen. Dat géif bei hinnen och unerkannt ginn op engem Deel vun hirer Formatioun.

Et si virun allem déi natierlech, déi aus den Erzéitungswëssenschaften kommen. Et ginn eng ganz Rei Leit, wat eis och bekannt ass, déi kënne sech net privat Nohëlfstonne fir hir Kanner leeschten. An hei ass e Wee, wou mer amgaange si mat der Uni zesummen ze goen – och mat hirem Professer, den Dr. Willems –, wou dee Projet kann héchstwahrscheinlich ab Hierscht och operationell sinn.

D'Iauguratioun vun der Uni, d'Reception den 22. September an déi grouss Séance académique, wou offiziell do uewen um Belval wäert d'Uni opgoen, si mer och amgaangen mat hinnen ze préparerien. D'Gemeng Esch huet e Kit de bienvenue fir d'Studenten a fir d'Personal vun der Uni entwéckelt. Dat, wat viru Jore de „Student Welcome Package“ genannt ginn ass, hu mer e bësselchen émmodeléiert. Et wäerte sech an deem Dépliant, dee wäert an e puer Wochen zur Verfügung stoen, eng ganz Rei wichteg Informatioune fir d'Studenten an d'Employéen erëmfannen. Ennert an rem iwwert allegueren déi Aktivitéiten, Fräizäitaktivitéiten, déi mer hunn. Och den Tourismus, Kultur, Sport, alles an deem Beräich. Och wichteg Informatiounen, wat fest Bestanddeeler si vu Manifestatiounen, déi hei zu Esch stattfannen. Dir wäert och de Kleeserchersëmzuch dran erëmfannen. Also fest Datumen, déi hei zu Esch souwisou iwwert d'ganz Joer ugebuede ginn, fir all Mount.

An dann natierlech all déi Adressen, déi enorm wichteg sinn, wéi Adresse vu Spideeler, Informatiounen iwwert d'Mobilitéit, Verkéier an iwwert d'Servicer vun der Gemeng. Et ass eng flott Sacoche ass entwéckelt ginn, wou déi Informatioune allegueren wäerten dra sinn. A parallel dozou wäert eng gratis Entrée och si fir an eis Escher Schwämm ze goen. Sou datt d'Studenten och d'Méglechkeet hunn, fir dat këinne kennzeléieren. Et wäert ab Hierscht, wann d'Uni hir Dieren opmécht, eng grouss Ausstellung hei zu Esch sinn am Zentrum. Mir hunn virun e puer Méint en Angebot kritt gehat vun der polnescher Fotografin Elisabetta Tschikovska. Si huet en Angebot fir Fotoen un eis als Gemeng gemaach. Si huet eng ganz Rei Fotoe vun hire Reesen an Europa an an aner Länner gemaach, énnert dem Thema „Les sourires du monde“. Dat si ganz grouss Fotoen, déi énnier fräiem Himmel wäerten an Esch opgestallt ginn an déi wierklech enorm flott sinn, an déi ganz mënschlech eriwerkommen.

Dunn hate mer d'Idee gehat, respektiv de Kulturservice hat d'Idee gehat, fir déi an Esch opzestellen, awer op där anerer Säit och d'Studenten als Escher wëllkommen ze heeschen. Dat heescht, d'Ausstellung „Les sourires du monde“ wäert ergänzt gi mat Fotoen „Les sourires d'Esch“. Déi sinn entwéckelt ginn a kreativen Atteliere mat de Jonken aus de Maisons Relais Brill II a Brouch a mat den Awunner vun dem Escher Altersheim. Do si kreativ Atteliere gewiescht an déi wäerten dann an deem Moment zu Esch gewise ginn. Et ass, mengen ech, ganz Flott Aart a Weis d'Leit aus, d'Studenten an d'Mataarbechter aus alle Länner hei zu Esch wëllkommen ze heeschen.

Ech mengen, mir hu souwisou schonn 117 verschidden Nationalitéiten hei zu Esch wunnen. D'Uni schwätzt vun 100 Nationalitéiten, déi si als Studenten an als Fachmataarbechter op der Uni hunn. Do sinn eng Rei Nationalitéiten, déi mir net an Esch wunnen hunn. Vläicht fällt et deem engen oder aneren och schonn op, datt op där enger oder anerer Platz an engem Geschäft oder beim Coiffeur oder Vereenzelter schonn englesch schwätzen. Et kënnnt eng komplett nei Erausfuderung op eis zou, déi awer enorm spannend ass.

Des Weidere si mer och amgaangen, mat de Studentenorganisatiounen, wéi ech virdru gesot hat, e Programm ze organiséiere betreffend Concerten. Et sinn am Moment Propose gemaach ginn. Mir waarden op Antwerte vun de Studentenorganisatiounen, ob mer als Coorganisateur oder a wéi enger Form och émmer

mat hinnen zesummen optrieden. Ech mengen, si sollen hir Ideeë presentéieren an eis da soen, a wéi eng Richtung datt se wëlle goen.

Et kënnnt eng Spezialeditioun vum Escher eraus, wou eng ganz Rei Temoignagen a Reportagen natierlech ronderëm „wéi ass d'Liewen hei an Esch“ ass. Och d'Theme wéi Mobilitéit, Logement an alles wat wichteg ass och fir d'Studenten.

An et ass e Reportage an eisem Kultesch, wou de Rektor vun der Uni en Interview wäert ginn. Awer net némmen hien, mä och Leit vum Schäffens- respektiv Gemen- gerot, Beamten, Salariéen, déi bei eis hei op der Gemeng schaffen. Och Studenten, sou breet halt wéi méiglech, well jiddwereen op iergendeng Aart a Weis natierlech mat dem ganzen Émzuch ze dinn huet.

Mir hunn e Partenariat ugebuede kritt als Escher Gemeng mat Médiation S.A. am Kader vun der Organisatioun „Bistrot du Jeudi“ ronderëm d'Thema d'Arrivée vun der Uni hei zu Esch. Deem engen oder aneren ass vläicht bekannt, datt zénter dräi Joer de „Jeudi“ Tables rondes, respektiv...

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Informatiounsowenter.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „...Informatiounsowenter organiséiert, Merci Dan, ronderëm verschidden Themen, aktuell Sujeten, Wirtschafts- sujeten oder sozial Sujeten. Eng ganz Rei vun de Leit, mat deenen de „jeudi“ ze summeschafft respektiv déi och Partner sinn, kommen aus de Beräicher vum Enseignement, Kultur an esou weider. A mir hunn do e Partenariat ugebuede kritt, wou mer kënnen e Sall zur Verfügung stellen, an énnert där enger oder anerer Form eng ganz Rei Aktivitéiten, dat heescht Interviewen organiséieren. An do si mer och amgaangen, dat definitiv ze plangen.

Wou si mer dru mat de Studentewunnen- gen? De Chantier am alen Hôtel Mercure an am Diva huet ugefaangen. Dat hutt Der vläicht matkritt. A mir hunn ausserdeem jo nach en Haus op 24, rue du Brill, wat och soll émgebaut ginn.

An deenen dräi Gebaier sinn natierlech och Commercë virgesinn. De Mercure an den Diva hunn ugefaange mat den Émbauarbechten. Am Brill ass am Fong geholl net esou vill ze maachen. Et si verschidde Saachen ze adaptéieren, ze transforméieren, also kee grousse Schan- jen.

Den Hôtel Mercure wäert 35 Unitéiten ubidden, wann e fäerdeg ass an den Diva der 18. An Dir wësst, datt mer am Diva e

Mixte-Projet gemaach hunn, Studenten a Jonker vun Esch. Am Haus am Brill, wat d'Gemeng kaf hat, wäerte véier Unitéiten, véier Studioe virgesi sinn, déi sech éischter un d'Doktoranten adresséieren. Dir gesitt an Ären Ênnerlagen, wat bis elo schonn u Studentewunnenge realiséiert ginn ass an de Jore 2003-2013. Dat sinn insgesamt fir Esch 222 Unitéiten. Dat geet vun Haiser an der Victor-Hugo-Strooss, rue du Nord, Kueleberg, Résidence de la Poste, Maison Thoma an esou weider bis Bieles, déi op hirer Säit nach déi Résidence Unival mat 175 Logementer virgesinn. An dat mécht insgesamt 397 Logementer, déi färdegt sinn. Dann ass nach e Véierjoresprogramm virgesinn, vun 2014 bis 2017. Do wäerten dann zousätzlech nach dobäkommen: elo ab dem 1. September dat grousst Gebai vun der Maison La Luxembourggeoise (LALUX) um Belval, also zu Bieles, mat 45 Logementer. Hei zu Esch bis den 1. September 2016 an der Kanalstrooss nach eng Kéier 35 an an der Résidence Unival nach eng Kéier 211. An dann den 1. September 2017 nach eng Kéier ronn 28 Logementer. Sou datt mer op en Total komme vu weidergeplangte Logementer vun insgesamt 319, mat deene vu Bieles. A fir Esch sinn et der 274.

D'Uni huet also am Moment 765 Zëmmeren, déi iwwert d'Stad Lëtzebuerg, dann Esch, Monnerech, Närzeng a Walfer verdeelt sinn. An der Opdeelung fannt Der och erëm, wou énnner anerem Monnerech 30 Wunnengen zur Verfügung stellt, Diddeleng 15, Närzeng 6, Walfer 6, d'Stad Lëtzebuerg 311 an Esch mat hiren 222. An der Diskussioun si wei-der Proposen.

Et ass awer esou, datt mer eis eens gi si mat der Uni, fir d'Éischt ofzewaarden, wéi elo déi Wunnengen allegueren uge-holl ginn. Well et kéint e Problem bestoen, datt ze vill Wunnenge géife geplangt ginn. A si wëlle kucken, wéi d'Studenten elo dat Angebot och unhuelen.

Mir hunn och gesot kritt, datt de Conseil de gouvernance vun der Uni ganz staark un deem Projet vum Cohabitation interrésséiert ass, deen am Moment amgaangen ass realiséiert ze ginn. A wou ech muss leider soen, datt bei Entrevuen, déi statt-fonnt hu vun der Asbl beim Ministère du Logement, respektiv méi beim Ministère de la Famille, d'Leit vun der Asbl d'kal Schëller gewise kritt hunn. Datt keng Ênnerstëtzung géif komme fir dee Projet a fir Esch, wat iwwerhaapt net ze verstoen ass. An datt et éischter als eng Konkurrenz ugesi gétt fir Studentewun-nenge vun der Uni. Wat eis awer total absurd erschéngt, well dann ass de Projet net verstane ginn.

Mir sinn der Meenung, datt et e ganz wichtige Projet ass an datt een en Zesummeliewen an enger Stad, wou eeler Leit fir Studente Wunnengsraum zur Ver-fügung stellen, fir géint Aarbecht, fir am Haushalt ze hëllefen, fir e Gaart ze maachen, fir ze hëllefé Kommissiounen ze maachen, datt dat eng immens flott Form vun Integratioun an enger Stad ass. An hei d'kal Schëller ze weisen, schéngt eis alleguerete wierklech awer absolut net ubruecht, soudass mer gesot hunn, mir können dat och eleng maachen. Mir wäerte mat deem Projet starten. Et sinn eng, zwou juristesche Saachen, déi musse gekläert ginn an da wäert ab September och do d'Méiglechkeet bestoen, datt Stu-dente sech kenne melle bei de Leit. Ech mengen, wann dee Projet emol bis ugefaangen huet an en ass e Succès, da sprangen allegueren déi aner, déi vir-drin Nee gesot hunn, drop, a waren émmer dofir, wéi dat oft de Fall ass. Mä mir wäerten domadder starten. Dir fannt dann zum Schluss nach an Ären Ênnerlagen eng ganz Rei Aktivitéiten, Evenementer, déi stattfonnt hunn. Dat eigentlech vun 2013 un. Ech wëll do net an d'Detailer goen, d'Dokumenter leie vir. Ech wëll just op een Evenement awer agoen. Dat ass déi éischte Kéier dee grousse Stand den 28. Mäerz dëst Joer, deen Informatiounsstand, deen op der Uni bei hiren éischte Portes Ouvertes op Esch-Belval stattfonnt huet. Dat war en onwahrscheinlechen Erfolleg. Do sinn iwwer 4.000 Visiteure komm gewiescht, scho ganz moies fréi, fir sech de Site unzekucken an natierlech och – an ech fannen dat dat Normaalst och vun der Welt –, eng ganz Rei Escher Leit a vu ron-derëm. A besonnesch déi Leit, déi do ge-schafft hunn, déi do op de Schmelze ge-schafft hunn an natierlech kucke kom-men a virwëzte kommen, wat passéiert hei, wat leeft hei of.

An ech muss soen, datt do eng ganz Rei flott Diskussiounen mat deene Leit statt-foonnt hunn. Et war e groussen Erfolleg. Natierlech waren och d'Studenten dohiner komm. Awer ech fannen och déi Mi-xitéit, wéi Leit sech dofir interesséieren, d'Awunner sech dofir interesséiere fir déi Rentrée, ganz spannend.

Dir hutt an Ären Dokumenter nach eng Kéier en Zäitraffer, wéi wien wéini elo wou a wéi ee Gebai plénnert. Ech si vir-drin ganz kuerz drop agaangen. Ech wéilt vlächt just nach zousätzlech soen, datt op deenen 120 ha, wou d'Uni elo am-gaangen ass, a wou och weider Gebaier entstinn, herno ronn 7.000 Studenten an 3.000 Professeren a Fuerscher wäerte sinn. An datt et enorm wichtig ass, datt mer déi enk un eis bannen.

Et ass wichteg, well et mierkt een, och Esch ass am Wandel. Etleches passéiert. eng Rei Leit ware géschter op der Place de la Résistance, déi matkritt hunn, datt mer déi zwee Pavillonen an den Gino's ageweit hunn, wat e ganz wichtige Moment war. D'Lugendherberg gétt d'nächst Joer färdegt.

Mir sinn an de Verhandlungen, wat de Musée de la Résistance ugeet, a wou mer am Hierscht och kënne méi detailléiert Infoe ginn. Etleches ass amgaangen ze passéieren. An ech menge ganz einfach, datt, wéi ech géschter scho gesot hu bei der Ouverture vun de Pavillonen, en In-vest an Esch en Invest an d'Zukunft ass."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Très bien!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ech wëll ofschléisse mat enger Noriicht, déi och indirekt mat der Uni ze dinn huet, déi eis allegueren interes-séiert. Mir hate geschwat, oder hatten ugekénegt gehat, datt mer endlech de Problem Monopol géifen an der Uel-zechstrooss geregelt kréien. An zénter géschter ass et héich offiziell an ech kann et och elo matdeelen, datt de Monopol definitiv kaf ass an zwar vun dem Groupe Wajsbrot mat ajs, Wajsbrot, vun deem Grupp, deen et elo 30 Joer am Frankräich gétt, e grousse Grupp, e wierklech be-kannten Acteur an dem Marché immobi-lier am Frankräich. Si hu Projeten zu Pa-räis, Lyon, Reims, Stroosbuerg, Toulou-se, Avignon, Nice, Bordeaux, Marseille...“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „An Esch“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „...an elo Esch. Rio, Tokyo, New York. Si hu Kontakt mat wierklech ganz grousse Chaînen, vun deenen ech lech der e puer wëll nennen: Zara, Mango, H&M, Monoprix, Nespresso, Galerie Lafayette, Douglas, Fnac, Cultura. An dat geet an déi Richtung. Wie vun deenen Nimm sech definitiv wäert installéieren, gi mer an den nächsten Deeg gewuer. Si hu ganz grouss Enseignen och an der Be-kleedung, déi bekannt sinn a si begleede Projeten an d'Stied, wou se wëllen och d'Gebailechkeet mat erhalen, esou wéi se ass. Do ginn et eng ganz Rei ganz schéi Projeten, déi mer gesinn hunn, a si sinn zénter 2009 hei zu Lëtzebuerg instal-léiert, an zwar an der Stad. Si ware bis elo émmer némmen an der Stad.

An de Groupe AKDIME, deen eenzelne Leit och eppes wäert soen, huet et fär-degruecht, zesumme mat hinnen ze schaffen a se ze iwwerzeegen, op Esch ze

kommen. A si si begeeschtert. Et wäert héchstwahrscheinlech, esou wéi et ausgesät, net den eenzege Projet sinn, dee se wëlle réaliséieren, soudatt mir natierlech enorm frôf waren, wou mer gewuer gi sinn, datt se mat eis wëllen zesumme schaffen.

Et geet natierlech ém eng Enseigne, wou se wëllen héchstwahrscheinlech am Béräich vum Textil sech hei zu Esch installéieren. Mä net némmeren. Si wëllen och Wunnengen an dat Gebai eramaachen, wat sech absolut ubitt, a wou mer wierklech immens frôf driwwer sinn. Wou se vun deem Projet Monopol héieren hunn, hu se déi Verhandlungen opgeholl mat Brevast. Si waren do a laange Verhandlungen an hunn et färdegbruecht, dat erauszeschielen an dat heiten ze iwwerhuelen.

Wéi gesot, eng grouss Enseigne wäert kommen, mat Logementer. Am Hierscht wäerten héchstwahrscheinlech dann och déi éischte Pläng presentéiert ginn, sou wéi et elo ausgesät. Si wëlle wierklech direkt urappen. Si ganz interesséiert, an ech mengen, ech brauch net ze verstopfen, datt mir oder mir alleguereten hei enorm frôf sinn, datt dee Knaschleck endlech verschwënnent.

Och dat, mengen ech, sinn einfach wichteg Zeechen. Et beweegt sech eppes. Et ass eppes amgaangen ze entstoen, wat matrappt. An dat heiten ass och e ganz wichteg Punkt, besonnesch fir den Zen-trum vun Esch a fir eis alleguereten, a fir eis Matbierger. An dofir si mer och enorm frôf doriwwer.

Dat war elo einfach e Gesamtwerbleck. Mir sti fir Froen an Äntwerte weider zur Verfügung. Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren."

Zwou Stëmmen: „Très bien!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ech notéieren. Mir fänken u mam Här Majerus, den Här Bernard, Kersch Guy, Madame Bofferding, den Här Hansen, den Här Zwally. Hunn ech kee vergiess? Neen, da fänkt den Här Majerus un.“

Luc Majerus (déi gréng): „Ech soen lech villmoos Merci, Madame Buergermeeschter, fir dës ganz komplett Virstellung vun der Uni. Déi gréng sinn natierlech och extrem stolz, dass elo dat, wat scho säit Joren ‘in aller Munde’ ass, tatsächlech ugeet. D’Sudente kommen, Esch wäert eng Ville universitaire ginn. An haut sinn ech exzessiv positiv gestëmmt.

Ech wollt hei e bësse Punkte virdroen, déi ech fonnt hunn an engem Palmarès

2014/15 vun de Villes d'étudiantes, „les recettes pour vous draguer“, aus dem Salon de l'étudiant aus Frankräich. Do sinn awer eng ganz Rëtsch interessant Punkte virgedroe ginn, wéi ee Studente kann unzéien an och do behalen, a wat een de Studente ka bidden. Ech wollt lech do zwou, dräi Ideeë ginn. Verschiddener si schonn ugesprach gi vun der Madame Buergermeeschtesch, anerer si vläicht iergendwéi scho geplangt, wou ech elo näischt dovunner weess. Et kann näischt schueden, fir eng Kéier en Tour driwwer ze maachen, wat dann den Attrait vun deene Villes universitaires a Frankräich ausmëcht, déi déi meescht Studenten unzéien.

Fir d'Alleréischt sinn eng Rëtsch Studen-testied a Frankräich, déi sech e Marketing urbain geleescht hunn, zum Beispill iwwer Facebook oder iwwer Twitter mat engem Sigel. Wéi „I love Esch“, „I love Uni Esch“. Sou gëtt et zum Beispill d'Marque Uni Lyon, déi méttlerweil 40.000 Suiveuren huet op Facebook an eng 20.000 Abonnéen op Twitter.

Firwat esou e Sigel vläicht schafen? Ma dat ass ganz einfach. All déi Studenten, déi dovunner au courant sinn an déi da sech als Friend oder Suiveur vun däri Marque aloggen op de Computer, kéint-en dann iwwert dee Moyen zum Beispill gewuer ginn, dass den Owend am Thea-ter dat an dat ass an et sinn nach souvill Plazen op. Oder d'nächst Woch ass am Conservatoire e Concert, dee sech adres-séiert un déi an déi. An dräi Wochen hu mer an der Kufa dat an dat. Well ech mengen, dass déi meescht Studenten hautzaags net méi onbedéngt déi In-formatiounen aus Zeitungen eraushue-llen, mä eben éischter iwwert Internet, Facebook, Twitter a wat och émmer.

Dann en zweete Punkt, deen anscheinend ganz gutt ugesinn ass bei de Studenten, dat ass en „dispositif d'accueil à la rentrée“, zum Beispill e Guichet unique fir alleguereten d'Formalités administrati-ves. Eng Idee, wou ech lancéieren, wou ee sech nach vläicht mat der Uni misst zesummesetzen. Well do muss ee jo vläicht op verschidde Plaze goen, mä wou een nach eventuell alles kéint iwwert eng eenzeg Plaz maachen.

Dann „un toit pour tous“: dovun ass elo schonn e bësse méi am Detail geschwat ginn. A Frankräich ass de moyen Loca-tionspräis, Charges inclus, 500 Euro de Mount. Dat heescht, wa mir elo wëllen als Esch Studenten unzéien, déi dann ebe vläicht net op Metz ginn oder op Stroossbuerg, da misste mer och kucken, dass mer dann net e Loyer hunn, deen 1.000 Euro ass. Do ginn et Méiglechkeeten, och fir d'Stied, fir mat de Partneren - a Frank-

räich ass et dann d'Uni, et ass oft de CROUS etcetera -, fir Initiativen ze lan-céieren. D'Madame Buergermeeschtesch sot et schonn. An dat ass e wichtige Punkt.

En Echange vun enger Gaardenaarbecht oder Kommissioune maache goe fir eeler Leit oder sech ém den Haushalt këmme-ren: dat ass eng Initiativ, déi natierlech perséinlech ass. Mä do kann d'Stat natierlech och d'Strukture setzen, dass dat méiglech ass. Zum Beispill zu Toulouse sinn elo fir dës Rentrée 70 Studenten, déi net vill Suen hunn, déi e Logement à coût modéré vun der Stad Toulouse zur Ver-fügung gestallt kréien. An en contrapartie musse se sech an de Projete vun engem schwierege Quartier engagéieren, à con-currence vun esouvill Stonne pro Mount. Wat nach eng Studentestad ausmëcht, ass ‘branché numérique’, also Hotspot, Wifi, Fibre optique etcetera. An op däri Foire de l'étudiant ass tatsächlech de Fazit gewiescht vum François Riou, ech mengen dat war deen, deen de Salon do superviséiert huet: „Les villes ont besoin de communiquer avec les jeunes, de les informer sur les événements qu'elles orga-nisent tout au long de l'année, car la plupart ne savent pas ce qui se passe près de chez eux. Pour cela les outils nu-mériques sont beaucoup plus efficace que les guides en papier, qui disparaissent progressivement.“

Also do ass e relativ pessimistesch, mat alles wat Pabeier ubelaangt ass. D'Stu-dente kucken a priori zu 90% sech déi Informatiounen anescht opzehuelen. Et sinn elo verschidde Stied a Frankräich, déi den „Open Data“ lancéieren, wou ee carrément all d'Données publiques kann iwwert dee Site kucke goen. Bon, dat ass anscheinend relativ schwiereg a kosten-opwendeg. Do ass zum Beispill Rennes a Nantes, déi dat lancéiert 2010 an 2011 hunn.

Da proposéieren d'Stied, an dat wier och eng gutt Idee fir Esch, de Studente fir hiert alldeeglecht Liewen e bëssen ze simplifiéieren. Ech weess, Stroossbuerg huet esou eppes agefouert. Dat war zu menger Zäit net an dat huet mech dee Moment och perséinlech schwéier em-merdéiert. Do huet ee missen op 25 ver-schidde Plaze lafen, fir d'Kaart ze maache fir d'Kantinn, d'Kaart ze maache fir de Bus, d'Kaart ze maache fir hei, d'Kaart ze maache fir do. Stroossbuerg an och Anger hunn elo eng Carte multiservices gegrënnt, déi souvuel valabel ass fir den Transport, wéi fir d'Bibliothéik, wéi fir d'Sportinfrastrukturen, wéi fir d'Kantin, etcetera.

Enfin liesen ech hei, „pour aider les jeu-nes à manger mieux et moins cher“: Dat

do hat och d'Madame Buergermeeschtesch schonn ugeschwat, also déi Épicerie sociale et solidaire. Do kéint ee jo eventuell och kucken iwwert d'Escher Gemeng, iwwert de CIGL, do de Studenten entgéint ze kommen – och deenen, déi net vill Suen hunn –, fir all Mëttes e Menu du jour iessen ze goe vun 10-12 Euro. Fir déi, déi net all Dag Loscht hunn, an d'Kantin ze goen.

Dann Aides financières: dat betréffet éischter vläicht de Staat wéi d'Gemeng. Wat wichteg wier fir d'Studenten, dat wär och, dass d'Stad – si hu jo dräi Méint grouss Vakanz –, hinnen eventuell géif d'Méiglechkeet ginn en Job étudiant ze kréien. Mission impossible? Neen, ech soen net, dass et net geet. Et kann een an all déi Richtunge weider schaffen a weider denken. D'Gemenge selwer kënnen zum Beispill fir d'Etudianten en Job d'éité fannen. Dat ass dee beschte Moyen, fir se do ze behalen. Dat ass vläicht och de Moyen, fir se souguer dozehalen, nodeem se hir Studie fäerdegt hunn. An et ass och dee beschte Moyen – an ech mengen, dat kënnt jiddergem zegutt, de Commercen, der Kultur –, dass déi Studenten net vu méindes bis donneeschdes op der Uni sinn an donneeschdes op sonndes heem fueren. Dat heescht, d'Idee ass jo och, dass déi do bleiben, och iwwert déi grouss Vakanz. Dann den zweet- oder drëttleschte Punkt. Ganz wichteg ass, dass 'les transports, ça roule'. Ech mengen, dat ass jo ganz kloer, dass eng Studentestad muss en Transport hunn, dee fonctionell ass, dee bëllieg ass an deen ekologesch ass. Dréivéirel vun deene Stied a Frankräich, déi am Palmarès uewe sinn, hunn e Système à location de vélos gratuit. Déi hunn allegueren en Tramway oder e Bus. E Bus à haut niveau, dat heescht, do ginn dann esouguer extra nei Strecke gemach, fir d'Studente vun X op Y ze bréngen. Dofir émsou méi wichteg, dass mer do mat där Arcelor deen Accord géife fannen, dass duerch hiert Gebitt – well dat ass de kierzeste Wee –, do géif, en plus mat schéinem Gréngs dat Ganzt uplanzen, de Véloswee entstoen. Dat fir dass déi Studenten net um Belval bleiwen an owes an d'Stad fueren. Mä dass si zum Beispill owes vum Belval op Esch kommen. Dat ass dann dat, wat den Transport ubelaangt.

Dann en anere Punkt. Do héieren ech scho gewësse Leit schwätzen, jo mä Studenten, da gëtt et nach méi Kaméidi owes, elo sinn d'Caféë schonn iwwervoll, a mir hunn Tapage nocturne ecetera. An effektiv, wann elo 7.000 Studenten heihi kommen, gëtt et a priori net méi roueg. Dofir hunn déi aner Stied a Frankräich,

déi dat schonn experimentéiert hunn, zum Beispill selwer Soiréeën organiséiert. Zum Beispill Rennes.

Rennes lancéiert sät 2005 d'Soirée Dazibao, all Donneschdeg pro Mount. An zwar op Plazen, déi e bëssen inédit sinn. Dat heescht, mat der Gemeng zesummen an erger Piscine, an erger Hal, op engem Parking, an engem Parking souterrain. Déi Soirée sinn extrem gutt besicht an d'Leit si ganz interesséiert a waarden drop, dass den nächsten Donneschdeg vum nächste Mount ugeet, fir ze wëssen, wou dann dës Kéier d'Party ass.

Zu Toulouse hu se Partyen, déi da mat Professioneller, Educateuren, Animateuren encadréiert sinn. Zu Reims an zu Metz hu se de System agefouert mat engem Chèque Taxi. Dat heescht, fir dass d'Studenten net owes, nodeem se gedronk hunn, voll mam Auto heemfueren, kréie se Bonge fir een, zwee Euro. Do kéint ee vläicht och eppes maachen iwwert d'Escher Gemeng mat deene klenge Bussen, déi mer hunn.

(Diskussion)

Dat sinn Ideéë wéi gesot, fir dass déi Partyyen, soe mer, an erger bësse méi norméierter Aart a Weis stattfannen. An dass d'Leit dann éischter do ugezu ginn, wéi dann all Owend enzwousch anescht ze sätzen.

Dann hunn ech nach „A l'écoute des jeunes“, dat ass och schonn ugeschwat ginn. A Frankräich sinn elo eng ganz Rëtsch Municipalitéiten, déi experimen téiere sou eng Mise en place vun engem Conseil des jeunes ze maachen, wou elo net némme Studente müssen dra sinn, mä och ebe Jeunes, déi an der Stad wunnen a vläicht do schaffen. Zu Bordeaux organiséiert d'Mairie eemol pro Mount ee Rendezvous téscht der Buergermeeschtesch an deene 16-25jährege am Kader vun engem Dispositif, dee se „Parole aux jeunes“ nennen.

An dann de leschte Punkt, an net deen onwichtegste fir mech. Des agglomérations qui se mettent au vert. Déi Studentestied a Frankräich, déi am meeschte Studenten unzéien, si Stied, wou ganz vill a punto Environnement investéieren, Gréngs uleeën. Zum Beispill Metz. Ech gesi Metz virun 20 Joer, ech gesi Metz elo. Dat ass net méi déiselwecht Stad. Och Stroossbuerg. Zu Stroossbuerg, do wéi ech do ukomm sinn als Student, konnt ee kaum iwwert d'Strooss goen, well dann ass een iwwerrannt ginn. Elo fueren iwwerall Trammen duerch d'Wisen an duerch ...

(Gelächter)

A si hunn et iergendwéi fäerdegt bruecht, déi meescht Autoen aus der Stad ze kréien an eng Mobilité douce anzefiéie-

ren. An ech mengen, dat kéinte mir eis jo dann och als Escher Gemeng lues a lues duerch de Kapp goe loessen.

Et ass natierlech net alles do, wéi mer et gären hätten. Dat ass jo och normal, mir fänken eréischt un. Et ass och net verbueden, e bëssen ze kucken, wat anerer maachen, wou scho Studente sät Joren an Unie sinn. Dofir wollt ech lech just déi puer Ideeën do mat op de Wee ginn. Ech hunn dat ganz interessant fonnt, dass um Salon des jeunes déi dote Punkten envir gehuewe gi sinn. An ech mengen, mir sinn an erger gudder Richtung fir eng Rëtsch vun deene Punkten ze offréieren. A fir déi aner kann ee jo da lues a lues mat der Uni zesumme kucken, wat een nach ka maachen, fir déi Studenten dann och hei ze empfänken an ze hoffen, dass se owes heibleiwen, de Weekend heibleiwen a vläicht esouguer, wee weess, en Deel vun hire Vakanzen.

Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Majerus. Den Här Bernard an dono den Här Kersch.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Merci och fir Är Ausféierungen iwwert e wichtegen Aspekt vum Liewe vun der Stad Esch, vun der Entvécklung vun der Stad Esch.

An et kann een haut soen, kuerz virum September, „Was lange währt, wird endlich wahr“. Dat ass ganz tipptopp, dass dat elo demarréiert. Mir si praktesch ee vun deene weínege Länner, wou net alles zentraliséiert ass an den Haaptstied – ausser an deene ganz grousse Länner sinn natierlech och Universitéiten zu Lyon, zu Marseille, dat weess ech. An émsou méi ass et gutt a positiv fir d'Stad Esch, dass mer et fäerdegt bruecht hunn, d'Universitéit op Esch ze kréien.

D'Fro, déi sech stellt, a jiddweree stellt sech déi: Si mer prett? Si mer prett fir elo am September 2.500 Studenten ze empfänken an 1.000 Leit Personal? Si mer prett, déi néideg Infrastrukturen, déi néideg Saachen unzebidden? Ech komme ganz kuerz dodrop zréck, fir dass den Demarrage vum Universitéitsliewen och positiv ass.

Besonnesch prospektiv ass et jo wichteg ze wëssen, dass mer op iwwer 7.000 Studenten wëllen hikommen a ronn 2.000, vläicht 2.500 Leit Personal. Dat sinn iwwert den Daum gepeilt iwwer 10.000 Leit. Dat ass engersäits natierlech positiv fir d'Entvécklung vun der Stad Esch, anversäits stellt et eis awer viru Problemer. An Dir hutt se och ugeschnidden an och detailléiert, souguer begrënnt an Ärer Interventioun.

Ech wollt just e puer Saachen an de Raum stellen. Dái Problemer, wou mer mussen oder solle prett sinn, sou schnell wéi et geet, dat ass natierlech de Wunnraum fir Studenten. Dat wésse mer, an de Moment ass dat net de Fall. Mä dái Gedanken, dái elo gesot gi si vun der Madame Buergermeeschter fir d'Zukunft, dái si jo awer wegweisend an ech fannen do si ganz gutt Ideeën dran, wéi de Co-Habitation an esou virun. An do soll een och soen, 'kommt Zeit, kommt Rat'. Mä et muss een awer och prospektiv do virgoen.

En anere Problem ass, hu mer genuch héichqualifizéiert Librairien, respektiv eng Bibliothéik, dái dem Niveau vun de Besoins universitaires entsprécht? Dat ass och eng Fro, dái ee muss stellen. Dat ass natierlech eng Saach, wou Studente brauche fir hir Dokumentatioun, och fir hir Acquisitioun vun héichqualifizéierte Bicher, wat hir Formatioun ubelaangt an esou virun.

En drëtte Punkt, dat ass d'Fräizäitgestaltung. Si ass vu mengem Virriedner ugeschnidde ginn. Richteg ass, dass wa vill Studenten do sinn, dass dat net lautlos iwwert d'Bühn geet. En Deel vun eis hat d'Gléck oder d'Ongléck op enger Universitéit ze sinn. A mir wéssen aus Erfahrung, dass dat net esou roueg iwwert d'Bühn geet. Do muss een natierlech sech däers bewosst sinn.

Aneräts och am Zesummenhang mat der Fräizäitgestaltung stellt de Problem sech vun der sportlecher Infrastruktur. Och dat huet d'Madame Buergermeeschter richtegerweis ugeschnidden.

An dann natierlech wat d'Crèchen ubelaangt an d'Maisons Relais, wat nach e seriöe Problem duerstellt. Ech sinn der Meenung, dass et wichtig ass, och Käntinnen, respektiv wéi mäi Virriedner gesot huet, Restauranten ze hunn, dái fir e vernünftige Präis de Studente kënnen elo lesse bidden. An elo ass et einfach esou, dass wann déi do Infrastrukturen net do sinn – haaptsächlich dann, wa mer op 10.000 sinn –, da gëtt et e seriöe Problem. Dat wésse mer. Do hu mer natierlech nach e bësse Sputt, e bëssen Zäit. Mä da gëtt et e seriöe Problem.

Wichteg ass et natierlech och – dat hat ech vergiess virdrun an ech wéll dat nach kuerz bäßigen – e wichtige Bäitrag fir d'Liewe vun eiser Stad Esch, fir eise Commerce an der Stad Esch. Wann een esou eng nei Populatioun, loosse mer et emol esou nennen, elo kritt an der Stad Esch, da kann dat némme positiv Repercusioonen och op de Commerce vun der Stad Esch hunn.

Mir hunn eng laang Erklärung kritt vun der Madame Buergermeeschter. Och mäi

Virriedner huet gewësse Punkten ugesprach, dái wierklich och aktuell sinn a richteg. Ech mengen, mer sollen optimistesch sinn. Et bleibt natierlech nach vill ze dinn. Loosse mer et einfach upaken a loosse mer der Uni vill Erfolleg wënschen. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci och. Et war elo den Här Kersch an dann d'Madame Bofferding.“

Guy Kersch (dái Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Mat der Universitéit komme jo e ganze Koup Erausfuerderungen op eis Stad duer. Mir mussen de Quartier Universitéit besser un d'Stad Esch ubannen. Et geet och drëm ze verhënneren, datt Belval am Autosverkéier erstéckt. Dofir muss een den Zuch-, Bus-, Foussgänger- a Vélosverkéier ausbauen. Natierlech muss ee genuch Studentewunnungen ubidden, awer och Wunnenge fir d'Personal vun der Uni mat hire Familien an esou weider. Et sinn esou vill Chancen, awer och eng Rei Problemer, datt een deeglaang iwwer déi ganz Problematik kéint schwätzen. D'Madame Buergermeeschter huet jo schonn eng ganz Rei positiv Initiativen an ugeduechte Projeten ernimmt, grad ewéi meng zwee Virriedner och.“

Ech wéll elo némmen op zwee Punkten e bësse méi wäit agoen: éischent d'Studenteliewen an eiser Stad an zweetens den Notze vun der Uni fir eis Schoulen a fir eis Escher Kanner. Well d'Universitéit jo och d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren ausbilt.

Zum éischte Punkt: Natierlech si Studentewunnenge wichtig. Mä Wunnungen alleng ginn net duer. Wann Esch eng richteg Universitéitsstad an net just eng Studenteschlofstad soll ginn, da brauche mer e Studenteliewen. Wou verbréngt een dann no de Virliesungen an nom Léiere seng Fräizäit? Hei an Esch oder dach éischter an der Stad oder nach enzwousch anescht?

Mir hunn an Esch eng grouss kulturell Offer mam Theater, Conservatoire, Kulturfabrik, Rockhal, Kino. Si all si gutt a wichtig, well se d'Liewen hei an Esch méi interessant a méi attraktiv maachen. Mä déi Haiser alleng maachen awer nach net dat aus, wat een eng Kulturscene kéint nennen. Si sinn alleguer institutionaliséiert. Dái eng méi, dái aner manner. Hautdesdaags wëllen awer émmer méi Jonker Kultur net einfach némme consomméieren, mä si wëllen och selwer an der Kultur schaffen a Kultur schafen. Den Trend geet kloer a Richtung Kreativitéit an Demokratiséierung vun der Kultur. Dat weist de groussen Erfolleg zum Bei-

spill vum 1535°C zu Déifferdeng oder vum Johanssen Théid sengem Projet Quartier 3.“

Eng Stëmm: „Très bien!“

Guy Kersch (dái Lénk): „Esou Geleeënheeten an Offere musse mer also als Gemeng probéieren, an Zukunft méi ze erméiglen. Mer hunn och an Esch ausser dem Pitcher am Fong keen ugesotene Bistro. Elo drop ze waarden, datt déi vergréissert Nofro eng vergréissert Offer wäert schafen, dat ass aus Escher Sicht e bësse riskant. Well esou eng Offer, dái brauch déi néideg Plaz an Infrastrukturen. An déi sinn an eiser Stad méi rar wéi an eisen Nopeschgemengen. Och hei musse mer als Gemeng séier nohëllefen, fir datt déi Entwécklung net laanscht eis leeft.“

Mäin zweete Punkt ass: Wéi kréie mer méiglechst vill Escher Kanner op d'Uni? Mer wéssen, datt am Verglach mam Rescht vum Land méi Escher Schüler no der Grondschoul net an de klasseschen oder an den technesche Lycée kommen. An esou hu mer déi paradox Situatioun, datt grad eis Escher Kanner am mannste Chance hunn, eng Kéier hei kënnen ze studéieren. D'Ursaache si bekannt. Esch ass eng multikulturell Stad mat 65% net-lëtzebuerguer Schoulkanner. An deenen hir Eltere sinn an der grousser Majoritéit net Banquieren, Affekoten, Entrepreneuren oder Proffen. Et ass also virun allem e soziale Problem an némmen an zweeter Linn e Sproocheproblem.

Mir droe jo awer als Stad Esch de Léierstull Sozialmanagement op der Uni, deen zénter dësem Fréijoer mam Professor Bricocoli besat ass a mir kréien och elo déi pädagogesch Fakultéit vun der Uni op Esch, dái d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren ausbilt. Hei bitt et sech un, de Projet Sozialmanagement ze verbanne mat der Schoul a mat der Unterrechtsentwécklung an den Escher Grondschoulen. D'Hausaufgabenhëlf mat Studente vun der Uni, dái d'Madame Buergermeeschter ernimmt huet, kann doranner en éischte Schrott sinn.

Mä dass mer d'Uni zu Esch hunn, bréngt eis déi eemoleg Chance, datt mer kéint an Zesummenarbecht mat der pädagogescher Fakultéit eis Besoinen an eis Ressourcen analyséieren. Mir kéint als Gemeng och Schoulprojeten a Richtung Integratioun, Inclusioun a Geréiere vun der Heterogenitéit duerchzéien, zesumme mat Experten a Studente vun der Uni. Mir kéint och hëllefen, déi Ziler an der Schoulmeeschterformatioun praktesch émzesetzen, andeems mer eis Escher Grondschoulen encouragéieren,

verstärkt Stagairé vun der Uni opzehuelen. A mer kéinten an Zesummenaarbecht mat der Uni ciblér Formations continues fir eist Léierpersonal ubidden. Am beschte Fall kéint eisen Asaz an deem Senn dozou féieren, datt de Stellewäert vun de Sujeten Integratioun, Inclusioun a Geréiere vun der Heterogenitéit an der Schoulmeeschterausbildung op der Uni an d'Lucht géif goen. An dovunner géifen net némmin d'Escher Kanner, mä d'Kanner aus dem ganze Land profitiéieren. Mir, a virun allem eis Escher Kanner können also némmin dovunner profitiéieren, wa mer zilbewosst mam Här Bricocoli a mat der pädagogescher Fakultéit vun der Uni zesummeschaffen. An deem Senn schloen ech dem Schäfferot vir, d'Zesummenaarbecht mat der Uni ze verdéieren an eng Campagne ze lanciéieren énnert dem Motto: „Escher Kanner op d'Uni“.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Kersch. D'Madame Bofferding an dann den Här Hansen an dono nach den Här Zwally.“

Taina Bofferding (LSAP): „Kolleginen a Kollegen, et ass esou wäit, d'Uni ass do. Do, wou emol eng Kéier d'Héichiewe gedämpft hunn, wäerten elo d'Käpp dämpen. Ech hunn dat eng flott Ausso fonnt, déi ech wéini an engem Artikel gelies hunn. No dësem Motto ass elo op der Industriebrooch Belval am Schied vun den alen Héichiewen e komplett neie Quartier entstanen.

Belval zielt zu deene gréissten an ambitionisten urbanisteschen Entwicklungsprojeten a ganz Europa. D'Cité des Sciences ass d'Leitmotiv vum Belval schlechthin, déi d'Uni Létzebuerg, d'Fuerschungszentren an d'Startup-Zentren zesumme beherbergt.

D'Uni ass e Wirtschaftsfacteur. D'Studie beleeën, dass regional Héichschoulen zu enger Verréngerung vum Chômage bäßdroen. Och wa fir d'Uni Létzebuerg selwer keng konkret Zuele virleien, well dat jo sécherlech nach ze fréi ass, ginn et awer sécherlech méi Facteuren, déi de wirtschaftlechen Afloss verdäitlechen. Et bitt sech d'Méiglechkeet, souwuel qualifi-ziert Aarbeitskräfte auszubilden, déi dréngend um Aarbeitsmarché an der Economie gebraucht ginn, wéi och e Mehrwäert fir d'Economie vum Land. A vergiesse mer och net, dass d'Uni selwer e ganz grousse Patron ass, mat iwwer 1.500 Beschäftegten.

Den neie Rektor, Rainer Klump huet an engem Interview betount, dass d'Uni keen Elfenbeinturm wéll sinn, mä e Liuchtturm, deen an der Gesellschaft

strahlt. Dobäi kennt déi europäesch Komponent, d'Notzung vun europäesche Fuerschungsprojeten, d'Méisproochegkeet an de Standuertvirdeel.

Fir d'LSAP, mä och fir all déi aner Parteien heibannen, war d'Ubannung Belval un eise Stadkär Esch émmer ganz wichteg. D'Fro, wéi mer d'Uni an eis Gemeng integréieren, an dat net just énnert dem Gesichtspunkt vun der Mobilitéit, huet eis vun Ufank u beschäftegt. Mat Akafszentrum, Restauranten, Café, Kinokomplex a Fräizäitméiglechkeiten ass Belval méi wéi just en Niewenzentrum vun Esch.

Allerdéngs sollen d'Impakter vun dësem neie Quartier sech net just op d'Fro vun der Economie beschränken, an d'Cité scientifique soll net als rengen neie Stadtdeel consideréiert ginn.

D'Uni muss souwuel mat der Populatioun wéi och mat de Betriben, déi ronderëm sinn, interagéieren. Ech schwätzien hei ganz bewosst déi sozial Dimensioun un. De Prozess vun der Integratioun leeft net vum selwen un. Als Gemeng hu mer hei eng Verantwortung am Rapprochement téschent den einzelne Communautéiten an der sozialer Kohäsion. Sensibilisierungscampagné si jo schonn ugelaft. Mir denken do un d'Affichen, öffentlech Lösungen oder zum Beispill och de „Student Welcome Package“.

Wa mer iwwert sozial Verantwortung schwätzien, muss ech natierlech och eis Chaire universitaire erwähnen, wou mer eis engagéiert hunn, fir sozialen Engagement a betriiblecht Denke mateneen ze verknäppen. Et kéint och e bedeutende Moyen ginn, fir eis Projeten duerch d'Fuerschung ze stäerken an auszubauen – am Senn vun der Stad Esch, am Senn vun de Leit, déi zu Esch liewen an och am Senn vun de Leit, déi hei schaffen. Eng weider wichteg Aufgab, déi eis Gemeng huet, si Studentewunnengen. Wann ech d'Opléschtung vun de Logementer esou kucken, gesäit een, dass d'Gemeng hir Hausaufgabe gemaach huet. An de leschte Joren ass den Taux geklommen a weist och den héchsten um ganzen nationalen Niveau un. Ugestrieft ginn elo nach Projeten am fréieren Hôtel Mercure an am eemolegen Diva.

D'Zil war ni, d'Studente just op enger Plaz énnerzebréngen, mä se op eng équilibriert Manéier am Stadzentrum a Belval ze lokaliséieren, ganz am Senn vun der Mixité sociale, déi d'Uni selwer représentiert.

Virun engem Joer war dat och d'Thema bei den Assises sociales, wou festgehale ginn ass, dass bei der Mutation vun der Stolstad Esch zur Universitéitsstad bei der Entwicklung vun der gesamter Stad och

den Zentrum muss belieft ginn. Wat interessant ass: Wann een op der Internetsäit vun der Uni selwer kucke geet, gi fénnef Grénn opgeléscht, firwat ee sech fir e Studium op der Uni Létzebuerg soll decidéieren.

Als éischt heescht et, d'Uni ass modern, dynamesch, se ass fuerschungsorientéiert an huet och eng héichwáerteg Ausstattung. Zweetens gëtt ugefouert, dass se am Häerze vun der Europäescher Unioun läit. Den drëtte Punkt ass d'Méisproochegkeet an dat Internationale. Wéi scho virdrunner gesot ginn ass, hu mer Studenten aus 107 Länner an och Fuerscher aus 60 verschiddene Länner. E véierte Punkt, dee se uginn, ass d'Mobilitéit – am Senn, dass ee muss ee Joer Auslandssemester fir de Bachelor-Studium maachen. An e fénnefte Grond, dee se opléschten, ass de perséinleche Flair. Hei gëtt ganz vill Wäert op d'perséinlech Betreuung, d'Tutorat, geluecht. Och ze begréissen ass, dass et kleng Hörsäll ginn an dass och a Gruppen zesumme geschafft gëtt.

Ech mengen, dat si fénnef flott Punkten, déi resuméieren, firwat et sech lount, iwwert e Studium hei zu Létzebuerg um Belval nozedenken.

Am Mäerz hat d'Uni Esch Porte ouverte an hirem neien Haapsätz an huet direkt e grousse Succès gehat. Bal 3.000 Visiteure si kucke komm, an duebel sou vill Leit si gezielt ginn, wéi nach um fréiere Campus virun e puer Joer. Eng Émfro énnert de Visiteuren huet erginn, dass eng 70% den neie Site ganz flott a ganz inspiréierend fannen. Zwee Drëttel vun de Gáscht waren hei aus dem Land, an de Rescht ware scho potenziell Studenten aus den dräi Nopeschlänner, déi hei-hinner luusse komm sinn.

Am Hierscht ginn 2.000 Studenten erwaart, a wann de Standuert ganz ausgebaut ass, gëtt mat 7.000 Studenten an 3.000 Léierkräften a Fuerscher gerechent. All déi Skeptiker a kritesch Stëmmen, déi deemoools d'Uni schonn ofgeschoss haften, éier se iwwerhaapt gebaut ginn ass, müssen, mengen ech, haut agestoen, dass d'Uni op déi richteg Schinne gesat ginn ass. A vergiesse mer och net, dass deemoools an der Chamber 2003 net all d'Députéiert fir dat Gesetz vun der Uni gestëmmt haten. An der Téschenzäit huet d'Uni hir Positioun an der Létzebuergeser Gesellschaft fonnt. An och op der internationaler Kaart ass si keng Onbekannte méi. Dat spigelte sech och am Image vun der Uni erém.

Allerdéngs muss een agestoen, dass d'Plénnereaktioun net ouni Problemer iwwert d'Bühn gaange war. Virun engem Joer huet d'Chamber nach e sougenann-

tend Noutgesetz misste stëmmen, fir dass d'Uni endlech hiren Êmzuch op Belval an Ugréff konnt huelen. Finanziell Problemer si Schold um Retard, well déi viregt Regierung, notamment déi deemoleg Héichschoulministesch, verpasst hat, déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung ze stellen. Leider sollt den deemolege Rektor, den Här Tarrach recht behalen, wou hie sot, dass d'Uni net viru senger Pensionéierung op Esch wäert plënneren. Hien ass jo bekanntlech d'lescht Joer gaangen.

Wat och nach feelt an deem Kontext, ass d'Unibibliothéik. Während déi meeschte Unie Bibliothéiken hunn, déi den zentrale Kär vum Areal ausmaachen, gouf um Belval festgehalen, si méi spéit nozerechen. E Kritikpunkt, dee besonnesch aus dem Eck vun Humanwëssenschaften ze héieren ass, betrüft d'Zuel vun de Büroen, déi zur Verfügung gestallt ginn, déi der Entwécklung vun der Fakultéit net gerecht ginn. Am Verglach zum Standuert Walfer ginn d'Aarbechtsbedéngunge verschlechtert, well d'Büroen an der Maison des Sciences mat 13 Quadratmeter knapp bemiess sinn.

Eng weider Differenz stellt sech duerch d'Ënnerbréngung vum CEPS an datselwecht Gebai, déi am Verglach zu hirer Situatioun virdrunner sécherlech elo e gude Coup gemaach hunn. Allerdéngs, wann ee se vergläicht mat der Fakultéit fir Sproochewëssenschaft, Konscht- an Erzéitungswëssenschaft, géif ee men- gen, dass si awer scho privilegiert ginn, wat jo gutt fir si ass. Si hunn eng ganz Etage fir 90 Mataarbechter zur Verfügung. Déi aner Fakultéit huet duebel sou vill Personal a muss awer mat der nämme lechter Fläch auskommen.

Wann ech richteg informéiert sinn, énnerläit d'Verwaltung vun den Immobilien dem Fonds Belval. An dat geet anscheinend sou wäit, dass d'Vergi vu Raim oder Zougänglechkeetsrechter fir d'Gebaier net vun der Univerwaltung, mä vum Fonds selwer getätegt ginn. Ouni Berechtegungskaart kënnt een net einfach an d'Uni eran. Béis Zonge behaapten, dass d'Uni och d'Gestaltung vum soziale Liewen net selwer bestëmme kann. Et ass virdrunner scho gesot ginn, eng Crèche ass bis haut nach net virgesinn. Dat wär awer an eisen Aen enorm wichteg, fir all déi Beschäftegt op der Uni, wou sécherlech ganz vill drënner sinn, déi Kanner hunn. Awer mir brauchen och eng Offer fir déi Studenten, déi och schonn Eltere sinn. Aktuell lafen do nach Diskussiouen. Dat hate mer jo och am Kader vun der Schoulorganisatioun déi leschte Kéier gesot kritt. An et wär wierklech sénnvoll, eng Kannerbetreuungsstruktur ze etablieren.

A sénnvoll wär et och, séier Sportinfrastrukturen opzériichten, well net all Student huet genuch Täschegeleg, fir sech en Abo am Fitnessstudio ze huelen oder iwwerhaapt Loscht, dës Sportaart auszueben. D'Ausso vum Vertrieber vun deene Gréngen, bezüglech de Fräizäitgestaltungsméiglechkeiten an de Soiréeë fir Studenten huet mer gutt gefall. Vlächtkéint dat heite jo den Ophänker sinn, fir eis Diskussioune ronderëm déi fréier ERA-Piscine erëm opliewen ze loossen. Wou mer, mengen ech, an eisem Koalitiounsvertrag festgehalen haten, dat Areal duerch en iwwerregionale Projet erëm ze revaloriséieren.

Ofschléissend géif ech gären ee Saz iwwert de Site Belval insgesamt verléieren. De leschte Weekend war d'Fest vun den Héichiewen, wat ganz vill Leit op de Belval gezunn huet, genau esou wéi och déi alljährlech Summerparty, déi vun engem Grapp Escher organiséiert gétt. Um selwechte Weekend huet och nach den Agora Streetball vum Basket Esch stattfonnt. Denke mer och nach un de Kulturlaf, deen elo ugangs September erëm ganz vill Leit op de Site wäert bréngen.

Dës Manifestatiounen an och weiderer weisen, dass de Belval sech net selwer iwwerlooss gétt. Au contraire, Belval bougéiert, ass innovativ an zitt Leit dohinner. Dat ass och gutt esou. Néierens am Land ass d'Zukunft esou siichtbar wéi hei. An deene leschten zéng Joer ass kaum ee Steen op deem anere leie bliwwen. An och dat ass gutt esou.

Mir freeën eis op d'Uni an op all déi Leit, a si ganz zuversichtlech, dass mir all zesummen d'Défie wäerte meeschteren. An ech widderhuelen dee positive Message, deen d'Buergermeeschtesch virdrunner gesot huet, deen huet mer ganz gutt gefall: „En Invest an Esch ass en Invest an d'Zukunft.“ Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci villmools. Den Här Hansen, w.e.g.l.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch, och Merci un d'Virriedner. Sait den 2000er Joren ass gewosst, dass d'Universitéit op Esch soll kommen. Mä d'Uni ass scho sät 2011 hei zu Esch. Et ass elo eng aner Etapp an der Universitéit, elo wou se awer definitiv d'Dieren am September mat der Rentrée académique opmécht. D'Gemeng huet sech sécherlech ganz vill Méi gi fir den Accueil vun de Studenten an och de Mataarbechter. An d'Gemeng huet esou och bewisen, datt all d'Leit hei zu Esch wéllkomm sinn.“

Ob mat de Studenten, de Logementen oder zum Beispill d'Kulturfabrik, déi ganz vill Kollaboratioun mat der Uni huet an och ganz vill edukativ Projete mécht. Dat weist, datt de Wëllen zur Integratioun vun der Uni an der Stad do ass. De Point pour Jeunes notamment ass och méi wéi begeeschtert, fir mat der Uni kennen ze kollaboréieren. Oder eis Sportinfrastrukturen, déi vun der Uni scho sät e puer Joer benutzt ginn. Wou notamment d'Universitéitsfussballséquipe hei zu Esch en Tour op engem Terrain trainéiert. Mä och am éffentlechen Transport si ganz vill Efforte gemaach ginn. Ech denken do zum Beispill un den TICE, deen eng ganz gutt Ubannung momentan schonn um Belval huet, an déi bekanntlech nach ausgebaut soll ginn, wa méi Leit kommen.

Den Här Majerus huet sécherlech ganz recht mat der Participation étudiante a Frankräich. Just ass et esou, datt a Frankräich eng aner Kultur herrscht an datt déi Participation, wéi e scho genannt huet, am CROUS eng historesch Participation ass, eng Victoire vum Studentemouvement, dat esou zur Kultur bägedroen huet. A Frankräich ass et halt méi, datt d'Studenten op den Universitéite matbestëmme kennen. Ob et am CROUS ass, ob am Conseil d'administration, Conseil des études et de la vie universitaire etc. Dat si Victoirë vum Studentemouvement, déi mir hei sou leider net hunn.

Mä ech fannen d'Idee vu méi Participation, zum Beispill um Gemengenniveau, eng ganz gutt, déi een onbedéngt verfolge muss, fir d'Studenten och besser hei intégréieren ze kennen an d'Landschaft an an eis Stad.

Mä wéi gesot, d'Uni ass elo ukomm. D'Mataarbechter si sécherlech ganz ze-fridden, mä ech stelle mer och eng Rei Froen. Wann een op de Belval geet, ass do eng Zone à mobilité douce. A wann ech gesinn, wéi vill Parkingen do entstinn, mat limitiéerten Opfahrten, dann interrogeieren ech mech, wéi och ee vu menge Virriedner scho gesot huet, wat do den Impakt op den Trafic ass. A wéi vill Parkplazen de Site Belval iwwerhaapt verdréit. D'Ofschafe vun der Ligne directe Thionville-Longwy, déi zu Esch-Belval sollt stoebleiwen – a grad elo, wou sech d'Uni ganz op Belval deplacéiert – ass, mengen ech, och eng Negatioun vun deem Principe de mobilité douce. Well dat trefft jo vill Mataarbechter, net némme vun der Uni, mä och vun anere Betriber um Belval, déi déi Moyenen net méi kennen huelen. Belval sollt jo eng Cité à mobilité douce sinn.

An et ass scho länger gewosst, dass d'Uni op Esch kënnt. Also stéiert mech, wann

ech mech ieren, duerfir fannen ech et och ganz komesch, datt bis haut keng Crèchen um Site Belval fir d'Mataarbechter vun der Uni a fir d'Studente geplant ginn.

Da fannen ech et awer och nach grad paradoxal, datt wéi d'Tageblatt d'lescht Woch bericht huet, eng E-Mail un d'Personal erausgaangen ass, datt Zweierieder net virun der Maison du Savoir erlaabt sinn. Wou sollen d'Leit an enger Cité à mobilité douce hir Vëlöe parken – 300 Meter uwendriwwer bei iergendengem anere Gebai, wa se an d'Maison du Savoir ginn? Vläicht hanne beim Incubateur? Firwat si keng Vëlosstännern an Iwwerdiecher fir Motorieder oder E-Scooter virgesinn?

Oder mengt do wierklech een, d'Studente géifen herno schéi brav d'Vëlöe ganz wäit ewech vun hire Liessäll parken an da roueg ze Fouss iwwert de ganze Site marschéieren. Ech mengen net. Ech mengen, dat geet esou wéi an aneren Universitéiten.

Ech hat d'Chance an zwee verschiddene Länner können ze studéieren a méi Universitéiten an anere Länner ze besichen. Ech mengen, dat geet wéi iwwerall: d'Vëlöe ginn iwwerall ugestréckt do, wou et passt. Ob dat elo engem passt oder net.

An dann ass d'Fro awer Madame Buergermeeschtesch: Wien entscheid um Belval iwwert den éffentleche Raum? Wien entscheid, datt do d'Vëloen net däerfe geparkt ginn? A wien entscheid do iwwert dat Konzept vun der Mobilité douce, do wou et elo eng Negatioun gëtt. A besonnesch komesch a bizarr fannen ech, datt dës Entscheidunge vun enger privater Sécherheetsfirma um Belval renforceiert ginn.

Do stellen ech mer awer aner Froen, Madame Buergermeeschtesch. Well fir mech ass eng Universitéit eng Plaz vun intellektueller Entfaltung, an dozou gehéiert och eng gewësse Liberté académique. An dozou gehéiert natierlech och alles, wat am éffentleche Raum ass. Wéi mer grad gesot hunn, mir wëllen accessibel, demokratesch Kultur, déi och am éffentleche Raum entscheid. Mä wéi kann dat passéieren, wann et konstant Limitatiounen ginn?

D'Universitéit – dat muss ee sech och emol sécher am Kapp halen –, ass och kee Businesscenter. Duerfir ass dat ganz onsénneg, esou Saachen erauszeginn. Ech hunn e bëssen d'Gefill, wann ech mer dat do esou ukucken, datt eng Stad an der Stad entsteet. A wann een d'Mobilité douce op deem Site wëll, muss ee se besser promouvéieren, notamment wéi den TICE et mécht: mat accessibelen,

gutt ugebonnene Buslinnen a gutt ugebonnener Zuchinfrastruktur, déi och an d'Groussregioun erausgeet. Merci Madame Buergermeeschtesch."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally nach.“

André Zwally (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech si frou, dass Der dëse Punkt op den Ordre du jour geholl hutt, well et ass jo gläich esouwält. Eppes, wat mer elo scho während gutt zéng Joer amgaang sinn ze debattéieren. A mir sim och frou, dass mer dann elo esouwält sinn.

Ech wollt awer kuerz nach eng Kéier den Historique maachen, well et awer och wichtig ass, ze wëssen, wou mer hierkommen. Et ass jo effektiv iwwert d'Arbed deemools gewiescht. Wéi d'Stokkris ee vun den Héichpunkten hat, am Joer '97, wéi de leschten Uewen ausgemaach ginn ass, an domadder dann e Stéck Geschicht geschriwwen ginn ass. An iwwert dee Wee déi 120 Hektar fräi gi sinn, fir eng Revalorisatioun ze maachen. Et ass jo och net esou, dass d'Politik sech net schonn am Virfeld Gedanken doríwwer gemaach hat, well jo och aner Sitten zougemaach gi sinn. Ech denken do un Diddeleng, déi schonn éischter an deem Fall waren – do si mir besser ewechkomm wéi si. Well mir hunn en Entwicklungsplang gehat, deen och prioritär agestuft ginn ass, während Diddeleng vill méi spéit komm ass. A se elo eréischt mierken, dass se eppes virun der Hausdier hunn, wat se können an deem Senn och weiderentwéckelen.

Et ass dunn de Projet GIE-ERSID gewiescht – deen eng vun den éischten Etudé war, déi sengerzäit présentiert gi sinn, och zesummen um Niveau vun dem IVL. An an deene si sech Gedanke gemaach ginn. Den Ursprong war, fir Alternativen ze sichen, wat de wirtschaftlichen, de sozialen, de kulturellen an och den integrativen Aspekt ugeet, fir dat nei ze maachen. De Motto war „Nei Modelle fir d'Zukunft vum Land“, an de Credo vun der Politik huet sech dorobber age-schoss gehat.

Et war awer eréischt den deemolegen Inneminister énnert der CSV/LSAP-Koali-tion, de Woltesch Mich, dee sech deemools mat sengem ganzen Gewiicht do erageluecht huet. An och eppes fäerde-bruecht huet, wat bis dohinner net esou war, nämlech en neit Dokument aus deem GIE-ERSID respektiv aus dem IVL ze maachen, en neit Konzept ze maachen, nei Visiounen. An dorausser entstanen ass dann de Masterplang Coenen, dee mer haut allegierte kennen.

Ech mengen d'Architekten an d'Landschaftsplaner, déi eis bis dohinner nach net esou bekannt waren, d'Ingenieurs, déi Responsabel vun nationaler an och lokaler Politik, déi hunn hiren Input ginn. An dëst war dat wichtegst Dokument no dem Stübben-Plang, well mir Escher hate jo awer schonn am Virfeld de Stübben-Plang, schonn ém 1900 dorëmmer. Sou-dass déi Stadentwicklung fir eis näischt Neies war. Dann huet se awer mat deem zweetgréisse Masterplang Coenen eng nei Nues kritt gehat.

Doropshin ass dann Agora geschafe ginn, wat jo da 50/50 Staat an och Privat war, déi Entwicklungsgesellschaft, déi déi Ter-raine vun deem Ganze geréiert. An de Staat huet de Fonds de Belval kreéiert, deen eigentlech déi ganz Gebaier vun dem Staat ze geréieren huet, respektiv och ze bauen huet.

Also deen eigentleche Megaprojet ass eréischt ugaangen, wéi d'CSV/LSAP-Re-gierung d'Decisioun geholl huet, fir dee Megaprojet Uni op Esch ze kréien, dat op déi Industriebrooch, déi soll revaloriséiert ginn. Mir sollten och do net vergiessen, dass deen deemolegen Héichschoul-minister an och déi deemoleg Buergermeeschter e groussen Undeel un der Implantatioun vun der Uni hei zu Esch hunn. A mir sollen net vergiessen, hinnen an deem Senn dann och Merci ze soen.

Mat Spannung an och mat vill Gedold si mir als Gemengerot un déi Megaaufgab erugaange gewiescht. An dobäi erauskomm ass, datt mer eis elo gemeinsam können op de 15. September freeën. Als Escher CSV si mir émmer konstruktiv un dës Entwicklung mat erugaangen. An ech mengen, dass mer eise Rôle als Op-positionu gespilt hunn: déi ganz PAGen a PAPen, wou mer dach awer mat be-stëmmtem fachleche Wëssen an och Kompetenz versicht hunn, eis Escher Soli-daritéit am Dossier vum Belval-Ouest matzespillen.

Eist Zil war jo – wat iwwregens och hei d'Spreecherin vun de Sozialiste gesot huet –, fir den Aarbeitsplatzofbau ze stoppen, fir neie wirtschaftliche Wuess-tum ze erreechen, eng nei Ära vu Kultur, sportlecher an integrativer Politik an eng besser Liewensqualitéit. Haut musse mer eis d'Fro stellen, ob mir dëst Zil erreecht hunn.

Als CSV menge mir, wa mir de Constat haut maachen, awer Defiziter opzeweisen an eiser Virgab, déi mer eis elo während deene Jore ginn hunn.

Wouranner bestinn déi? Do gëtt et dat Zil, wat fir eis als CSV dat wichtegst Ele-ment zum Geléngent ass, vun engem gemeinsamen Esch. Well mir émmer dat Gemeinsaamt an de Raum stellen. Dat

ass nämlech dat vun der urbaner Ubanung vun deem neie Quartier un déi gewusse Struktur vun Esch.

Als een, dee 40 Joer – an dat ass net fir d'éischt, wou ech dat soen – do geschafft huet, wéi déi ganz Schmelz nach normal fonctionnéiert huet, iwwer 220 Hektar hat, hunn ech émmer gesot, dass et schonn am interne Gebrauch zwee Voleften oder zwou stiedlech Identifikatiounen gi sinn. Dat eent war dee virun dem Äquator, dat ass déi Strooss, déi eigentlech den aktive Site mat den neie Quartiere verbënnt, an deen hannendrun. Deen hannendrun huet offiziell an eisem Sproochgebrauch émmer zu Bieles gehiéiert. Dat ass nämlech do, wou deen neie Quartier elo entsteet.

An deen aneren, deen huet traditionell émmer zu deem Escher gehiéiert. Ech mengen, et ass och do, wou eis Suerg émmer erém ass. Wéi et och hei scho gesot ginn ass, och elo vum Virriedner, eng Stad an der Stad kenne mer eis net erlaben. An et ass och wichteg, dass mer do déi richteg Akzenter setzen, fir deem doent entgéintzwerken.

Mir hunn – an dat erfreet mech och, dass Der dat gesot hutt Madame Buergermeeschter –d'Motioun eragi gehat, wat d'Mobilité douce ubelaangt, déi Affaire vun deem Wee. Dir sot elo, dass d'Proprietéitsverhältnisser nach net gekläert sinn. Ech hu schonn deemools gesot, dass et eng vun de Prioritéite sollt sinn, fir ze wëssen, ob et dem Fonds du rail gehiéiert, well dat CFL-Cargo ass. Well alles, wat op de Schinnen hei am Land fier, ass ewell Fonds de rail. Oder ob et nach émmer ArcelorMittal gehiéiert?

Ech hat um Agora-Fest, wou virun dräi Woche 15 Joer gefeiert gi sinn, mat deene Responsabele vun ArcelorMittal nach eng Kéier Rieds an och mat de Responsabele vun dem Fonds de Belval. Nodeem ech hinnen et erklärt hunn, an nodeem mir och sengerzäit als CSV Schéffleng an Esch bei de Wurth gaange sinn, huet op eemol jiddwereen et verstanan, wat et da sollt sinn. Wat fir ee Wee, dass domadder gemengt ass.

Mir hunn och d'Hoffnung net opginn a mir gi se och net op, dass mer wierklech eng Kéier zu enger Konklusioun kommen an dass mer dee Wee kréien, deen eis wichteg schéngt – an deen och all Riedner hei gesot huet –, nämlech d'Mobilité douce. Datt d'Foussgänger an d'Véloé kenneen dolaanscht goen. A wéinst menge kenneen mer och nach vill Gréngs dohinner maachen. Et ass scho Gréngs, wat do besteet, Här Majerus, do brauche mer eis net extra unzestrenge. Mä dat wier natierlech e gutt Geléngen, ..."

Luc Majerus (déi gréng): „Méi geet émmer.“

André Zwally (CSV): „... fir dat ze maachen. Soss ass émmer alles rout, elo sträiche mer alles gréng un, wat och gutt ass.“

(Gelächter)

Mir hunn awer och gesot, dass eis dat Gesamtkonzept, wat d'Verkéiersplanung am Rond-point Raemerech ubelaangt, wierklech Misère mécht. Bei der Weiderentwicklung huet sech dozou émmer erém d'Fro gestallt, net eleng wéinst der Uni, mä d'Uni kënnt awer elo dohinner. Mir wëssen, dass dat och de Knackpunkt ass. Well mer haut jo wëssen, wat alles vu Frontalieren dohinnerkënnt, déi sech dann an de Rond-point a Richtung Lëtzebuerg deplacéieren, da maache mir eis scho Gedanken a Suergen, wann et elo de 15. September lassgeet. A mer elo op eemol 1/3 dovunner, 2.500 Leit, 2.000 nei Beweegunge kréien, déi sech an de Rond-point beginn an deene Spätzenzäiten. Wou déi eng fort op Lëtzebuerg an déi aner Richtung Esch op d'Uni wäerte kommen. Da wäert dee Problem net gélist ginn.

A mir maachen eis wierklech Gedanken, wat fir eng Lösung mer do sichen. An et ass net vu Muttwéll, dass Der och deklariert hutt an op de Wee gaange sidd vun der CSV, déi d'Propos gemaach hat, fir do eng Kéier en neit Verkéierskonzept ze maachen. Dat kenne mer némmen appreциéieren.

Déi aner Saach war de Boulevard. Dat war och eng vun den néng Ideeën, fir de Boulevard Prince Henri um Schinnereseau kennen ze benotzen. Ech mengen, wann een d'Liberalisatioun gekuckt huet um Niveau vun Europa, da weess een, dass et ganz schwéier ass, déi Itinerairen an dat Benotze vun deene Loten, déi ee kann asetzen.

Dat heescht, eng national oder eng privat Eisebunn ka bei der Lëtzebuerger Eisebunn nofroen, fir e Lot ze kréien. Deen ass an engem bestëmmten Itineraire. An dat weist och drop hin, dass net manner op d'Schinne geluecht gëtt, mä méi.

De Wuerentransport ass een, deen normalerweis net prioritär behandelt gëtt, de Persounentransport dogéint gëtt prioritär behandelt. Mä wann een awer weess, dass d'Loten ufänken, méi Ufroen ze kréien, da weess een och, dass déi kuerz Strecken ewechfalen an dass méi laang Strecken dobäi erauskommen. Dofir war dat gutt gemengt, mä ech mengen awer, datt mir dat dote kenne vergiessen. Mir wäerten och do ni esou eppes kréien.

Par contre: Déi Ustregungen, wat d'Brillplaz ubelaangt, an domadder verbonnen och d'Brillstrooss, hunn hir Friichte gedroen. Mir hunn haut eng Brillplaz. Mir hunn zesummen och hei dräi Chalete matgestëmmt. Wat och dozou bäidréit, dass mer op d'mannst de Gedanken, fir d'Studenten iergendwou énnerdaach ze kréien, mat gefördert hunn. A mir hoffen och, dass dat de Succès kritt, deen et soll hunn.

Och wa mir, wat d'Brillstrooss ubelaangt, eis Bedenken hunn. Do musse mer wierklech nach aktiv bleiwen, fir Leit dohinner ze kréien.

Bei de Kulturattraktiouen hu mer eigentlech net wierklech eppes Neies unzibidden. Mir hunn zwar d'Kufa, mir hunn de Conservatoire, mir hunn den Theater. Mä dëst ass wierklech näisch Neies. Dat war dat, wat mer hate fir eis Escher Leit an anerer, déi dohinnerkommen.

Mä et feelt awer wierklech en Deel Industriekultur. An do kommen ech op dat, wat een zu Déifferdeng kann erëmfannten. Déi hunn nämlech den Effort gemaach. Si hunn eng Villa Hadir, déi se amenagéiert hunn, fir kenneen an engem moderne Rahme Leit dohinner ze kréien. Si hunn elo viru Kuerzem de 1535°C opgemaach, eng al Hal, déi deemools ArcelorMittal fräi ginn hunn. Mir hu keng esou typesch industrie-kulturell High-lights.

Mir haten dat awer op der Lentille Terres Rouges gehat. Mir hu jo als CSV scho gesot, dass, wa mer gäre wëllen deene Kulturschaffenden eppes ginn, do ginn et nach aner Méiglechkeeten, wéi elo hei gesot ginn ass. E bëssen deen Under-ground, deen déi Leit siche ginn, fir kenne Party ze maachen. Wou se e bësse fir sech sinn.

Da muss ech soen, dass mer eigentlech dat Zil nach net hunn an dass mer et verpasst hunn, fir zu engem gegebenen Zäitpunkt geziilt op déi eigentlech Affär vun de Studenten hinzeschaffen. De Plateau Barbourg, wou mer jo de „Student Leisure“ virhaten, dee fält jo och elo ewech. Mir hunn also deen Attraktiounspunkt, dee mer geziilt hei am gewusseenen Esch haten, deen ewechfält. An do hu mer am Moment näisch. Et gëtt vum Diva geschwat, et gëtt vum Pitcher geschwat. Mir hunn ausser dem Pitcher elo wierklech näisch, wou mer kéint nach zousätzlech offréieren.

De Spricher vun deene Gréngs huet hei och eng Antenn an d'Spill bruecht. Mir hunn dat scho laang gemaach. Déi Leit, déi scho méi laang dobäi sinn, wëssen, dass d'CSV deemools scho gefrot huet – net alleng am Hibleck op d'Universitéit – dass déi Escher Gemeng eng

Antenn sollt dohinnersetzen. Fir allegueren déi administrativ Saachen hei a ver einfacher Form dohinnerzeseten. Mir wieren natierlech frou, wann déi Propos, déi d'CSV gemaach huet, erêm géif nei opgeriicht ginn a versicht géif ginn, fir dat ze maachen.

D'Sportsanlagen, de Sportslycée an alles dat, wat am Ufank versprach gi war, gëtt et net. Mir hunn e flagrante Manktum u Sportanlagen. A wann d'Studente kommen, gi mer op de Wee, fir ze soen, hoffentlech komme se bei eis an d'Veräiner. Mir wëssen, dass mer iwverlaascht sinn, dass mer eigentlech näischt zousätzlech méi hunn. A mat all deenen neie Sportaarten – well mir oft an deenen ale Gedanke si vun traditionelle Sportanlagen –, déi kommen, muss ee méi differenzéiert a méi individuell denken. An do feelt eis wierklech den attraktiven Deel, fir zu deenen ze soen, hei maacht mer emol eng Kéier de Constat, wat dir gär maacht, an dann offréiere mer dat.

Wat d'Studentewunnengen ubelaangt, Madame Buergermeeschter, hutt Dir dat richteg gesot. Ech wëll just drop hiwei sen, datt et eng gutt Initiativ ass, wann Dir sot, mir kucken elo mol, wéi déi dote Saachen ukommen, déi mer bis elo hunn. Well wann ech elo den Undeel huelen, deen um Belval ass: Dir hutt do vun 175 Kummere geschwat, plus 98 Studioe. Dat ass ongefíer déi Zuel, déi Der genannt hutt.

Et ass nach eng zweet Résidence, Uni-Val II, virgesinn. Do kommen nach eng Kéier 400 nei Zémmeren, respektiv Studioe bái. Ech mengen, dat seet jo villes aus. Mir hunn eigentlech als Escher Gemeng da just 1/3 hei zu Esch an 2/3 leien effektiv do uewen an deem neie Quartier Belval.

Ech wollt nach kuerz awer op een oder zwee Gedanken agoen, wann Der erlaabt. Dat ass nämlech deen, wou den OECD eng Empfehlung ginn huet, wat d'Universitéit ubelaangt, déi elo hei op Esch kënnt. A Form vun hirem Fonctionnement an a Form vun där Énnerstëtzung, déi se einfach brauch.

Virun néng Joer, 2006, ass eigentlech en OECD-Bericht gemaach ginn iwwert den Innovatiounssystem. An do sinn Empfehlungen ausgesprach gi gewiescht. Do ass gesot ginn, mir maachen eng Kéier e Set-up oder e Follow-up, fir déi Innovatiounslandschaft énnert d'Lupp ze huelen, wat dann aus dem Rapport erauskomm ass. Et stellt sech d'Fro, wouhinner a firwat. An dunn hu se gesot, dass d'Stolindustrie u sech duerch eng dominéierbar Finanzbranche ersat ginn ass. Dat ass e Fakt. Mir si jo haut amgaangen, nei Léisungen ze sichen. An déi siche mer an der

Recherche, déi mer jo gären um Belval hätten, mat der Innovatioun.

An et stellt sech och eraus, dass am Privatsektor tëschent 2003 an 2012 kons tant 1.600 Leit an der Innovatioun, an der Fuerschung geschafft hunn. Par contre, am Êffentlechen ass d'Zuel an deem Zäitraum vun 300 op 1.800 eropgaangen. Et ginn also Efforte gemaach, wat mer och begréissen. A mir énnerstëtzten dat och selbstverständlech um Niveau vun all deenen Ausriichtungen, déi komm sinn. Well jo awer den LCSB, den SnT, de Centre de Recherche Publique - Gabriel Lippmann a verschidde CAPen zesummegleucht gi sinn, déi och elo en neien Numm kritt hunn, fir dat kennen ze maachen.

Si hunn awer och gesot, dass Fuerschung net datselwecht ass wéi Innovatioun. An do ginn et Énnerscheeder, wat och jidd werengem kloer ka sinn. A si soen och, datt et wichteg fir dës Regierung ass, déi eigentlech awierkt, fir an deenen nächsten 20, 30 Joer déi richteg Decisiounen ze huelen. Si soen, dass Fuerschungs- an Innovatiounsförderung vun de Betiber, déi duerch de Ministère de l'Économie kënnt an och festgeluecht gëtt, ze breet gefächert ass. Si soen, dass Gelder missen op ausgewählte Branchen ausgeluecht ginn. An et soll ee méi delegéieren um Niveau vu Lux-Innovatioun oder iwwert den nationale Forschungsfong.

An do stellt sech dann d'Fro, wat mer wëllen a firwat. Do soe se dann, dass bahnbrechend Innovatiounen émmer an engem Dräierbündnis zesummekommen – dat ass dee mat de Centres de recherche, mat den Entreprisen a mam Staat zesummen. Déi Dräierkoalitioun bréngt wierklech eppes do eraus. An et sollt een oppassen, dass net dat Gebot, déi politesch Ausriichtung gëllt, wat am Moment d'Regierung seet – als Titel: „Was nützt?“. Dat kéim och enger Ofschafung vun der Uni als en „unabhängiger Faktor in der Gesellschaft“ gläich.

Also et muss een oppassen, dass een hinen do hiren Esprit d'entreprise an hir Eegenheet net ewechhëlt, well dat e wichtegt Thema ass. An ech wëll dann och soen, dass zum Enn vun deem Rapport kënnt, dass de Staat muss méi a Belval investéieren op deem doten Niveau.

Zum Schluss nach ganz kuerz: d'Kommunikatioun ass och wichteg. Ech mengen, mir hunn déi deelweis ugeschwat, mà déi ass awer wichteg. Wann ech elo e Verglach mat der Stad Lëtzebuerg maachen, déi 107.000 Awunner mat 160 Nationalitéiten huet, déi hunn e Service de communication, deen op dräi Basé schafft. Dat eent ass Communication in

terne, dat anert ass Kommunikatioun mat de Medien, déi émmerhinn 2014 iwwer 257 Communiqués gemaach huet, 50 Pressekonferenzen organiséiert huet an iwwer 433 Äntwerte ginn huet am Beräich vun de Medien. An da gëtt et déi Communication externe.

Wann een déi doten dräi Voleten hëlt, da mierkt een, dass bei der interner Kommunikatioun bei 3.800 Beschäftegten op 57 Servicer zwee Leit permanent do beschäftegt sinn. Bei der Communication médias ass ee beschäftegt. A bei där wichtigster, där externer Kommunikatioun – wou zum Beispill 7.500 Säiten um Web musse kontrolléiert ginn, wou 5.000 aktiv Facebook-Leit sinn, déi hire Site émmer erêm suivéieren, a wëssen, dass de Réseau social e wichtegen Deel ass – sinn 3 ½ Leit beschäftegt.

Also eisen Opruff: Wa mer wëllen no baussen agéieren, wa mer dës Uni wëlle weider attraktiv maachen, net de Volet vun der Kommunikatioun vergiessen. Wou d'Stad Lëtzebuerg 6 ½ Leit huet. Mir musse kucken, datt mer entspri chend de Volet kréien, fir dat esou kënnen ze maachen.

Zum Schluss soen ech allegueren deen, déi matgeschafft hunn, e Merci fir dat Gelénge vun der Uni. Et steet nach villes virun der Dier. An ech mengen, dass an 20 Joer, wann déi nächst Generation hei iwwert dee Volet schwätzt, mir dann allegierte gemeinsam kennen hou freg sinn, dass mir op d'mannst elo mol bis de 15 September dat heiten erreecht hunn. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Zwally. Nach kuerz d'Madame Freis, déi sech nach eng Kéier nogemellt huet.“

Astrid Freis (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech entschëllege mech, ech hat mech net direkt ugemellt. Ech wollt just nach kuerz eppes soen, wou elo déi meescht Virriedner net dovunner geschwat hunn. An dat ass vun där Asbl Cohabit'Age vum Här Moussa Seck, wou ech Presidentin sinn. Ech hue len un, dass net vill Leit dat elo hei ervir gehuewen hunn, well et vläicht eppes ass, wat nach net immens bekannt ass. Wat ech awer hoffen, wat wäert bekannt ginn. A wat a mengen Aen och eng ganz grouss Wichtegkeet huet, well et emol eng aner Form ass: Cohabit'Age, d'Wuert seet et jo schonn.“

Ech mengen den Här Majerus war eng Kéier kuerz drop komm, dass et dat schonn am Frankräich gëtt. Also ech hat nach net oft d'Chance, op e Ministère ze goen. Dat hat ech dann elo eben als Pre-

sidentin vun där doter Asbl. Mir sinn op zwee Ministère gewandert. Dat Éischt war de Ministère du Logement, wou mer e ganz kalen Empfang kritt hunn.

(Diskussioune)

Mir haten am Fong e klenge Film do préparéiert, fir dat Ganzt virzestellen. Wat wierklech immens positiv war. Do stet dran, dass eeler Leit, Rentner oder esou, mat méi jonke Leit sollen zesumme wunner, also co-habitéieren. Eventuell eeler Leit, déi Wunnengen hunn, déi se net méi ganz benotzen. An dann dee Moment Studenten do ophuele mat dräi verschidde Varianten. Eng Kéier géint e klenge Payement vun de Chargen. Eng Kéier, dass se deene Leit, déi net esou vill Suen hunn, wat oft de Fall ass bei de Rentner, dee Moment géifen e Loyer báisteieren. Oder eben, wat och wichteg ass, dass ee fir deen aneren do wier, dass do d'Leit mateneen eng Kéier, zwee- oder dräimol an der Woch kéinten zesummen iessen oder sech Gesellschaft leeschten an een deem aneren eppes báibréngen.

A wéi mer op de Ministère du Logement gaange sinn, fir do e bëssen Ênnerstzung ze froen, war den Empfang éischents net sympathesch, zweetens guer net oppen, fir esou eng Saach. An et ass einfach gesot ginn, dat do gétt et jo schonn. Ech weess zwar net wou, mä bei eis gétt et dat nach net. Mir hunn zimlech gelangweilt Gesüchter gesinn, wat mir perséinlech och op d'Nerve gaangen ass a wat ech och gesot hunn.

(Gelächter)

An do hu mir gesot kritt, mir solle bei en anere Ministère goen. Dat hu mer dann och gemaach. Do si mer bei de Ministère de la Famille gaangen. An déi ware méi sympathesch, mä déi hunn awer och gemengt, wat déi dote Saach mat der Famill ze dinn huet. Also, wa Studenten a Rentner näischt mat Famill ze dinn hunn, da froen ech mech, wat eng Famill an hiren Aen dann ass."

Eng Stëmm: „Du muss Kanner hunn, soss ass et keng.“

Astrid Freis (LSAP): „Also si hate gemengt, d'Escher Gemeng hätt jo schonn e Büro zur Verfügung gestallt, an den Här Seck hätt jo och schonn 10.000 Euro gewonnen an engem Concours, wou e säi Projet virgestallt huet. Also ech kenne keen, deen 10.000 Euro an engem Concours wénnt, dee mat enger Idee kénnt, déi kee Kapp a kee Schwanz huet. An dann hätt d'Escher Gemeng jo och 10.000 Euro gesponsert, fir déi doten Idee weiderzentwéckelen. An du hu mer gesot kritt: Dir hutt jo Suen, Dir hutt e

Lokal, wat wéllt Der dann iwwerhaapt nach hei?

Dat hunn ech guer net korrekt fonnt, an dofir wéll ech dat och hei kuerz vermierken. Do hätt och nach eng Persoun gemengt, mir hätte jo eng dynamesch Buergermeeschtesch, déi géif sech da wahrscheinlech asetzen. Do hunn ech gesot, Gott sei Dank hu mer eng dynamesch Buergermeeschtesch. An déi setzt sech och fir sozial Projete wéi deen hei-ten an.

Mir schaffen drun, mir sinn amgaang, en Internet-Site ze maachen. A wierklech och en Opruff un eeler Leit ze maachen, fir déi ze informéieren, wa se Plaz hunn. Well, wéi mer virdru gesot hunn, et si 750 Wunnengen do, mä et komme jo v ill méi Studenten. An et müssen och net onbedéngt Studente sinn. Et si jo och Leit, déi net vill verdéngen an déi vlächt frou wieren, mat méi eelere Leit dann zesummenzwunnen.

Ech wollt dann nach eppes soe vum Ale Monopol. Do hate mer jo an der Press gelies, dass dat verkaf wier. Et ass zwar elo net immens vill hei erwähnt ginn, mä ech mengen, mir hu schonn esou v ill vum Monopol geschwatt, dass d'Leit einfach erlückert sinn. Et si ganz vill Bierger respektiv Geschäftslieit, déi scho mat Idee komm sinn a gesot hunn, egal wat dohinner kénnt, et ass émmer besser wéi dat, wat elo do ass. An esou wéi d'Saach ausgesait, kénnt jo net egal wat dohinner. Ech hoffen op jidde Fall, dass mer am September do méi gewuer ginn. Mä ech sinn immens frou, dass déi Saach dann elo endlech aus eisem Zentrum verschwénnent.

Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci fir déi vill a gutt Riedebäitrag a Suggestiounen. Fir vlächt mat deem leschten unzefánken: Ech mengen, dynamesch si mir all heibannen, wann et drëms geet, d'Interesse vun Esch ze verteidegen. A sténkeg gi mer, wa mer ver-äppelt ginn. An heiansdo huet een awer d'Gefill am Moment, wann een dat mat-kritt.

D'Madame Freis hat mer dat scho gezielt gehat vun deenen zwou Entrevuen. Mir wäerten egal wéi starten. Et ass just traureg, mat wéi enger Argumentatioun awer do virgaange gétt, wann et drëms geet, datt mer Hëllef ufroen. Leider ass dat de Fall. Mir wéssen op jidde Fall, datt de Projet elo scho Succès huet, datt elo schonn Demanden do sinn, a mir wäerten do drop weider schaffen.

Ech gi vlächt ganz kuerz nach op e puer Froen an. Vlächt e bësse queesch duerch de Gaart. All déi Suggestiounen, déi

komm sinn am Kader vun de Studenten-jobs: Där bidde mer dann un, éischents am Theater, zweetens wat d'Ausweitung vum Sportsangebot ugeet. D'Sportsangebot wäert ausgebaut ginn op deen – helleft mer Här Hinterscheid – Uni-Sports. Oder wéi nennt Der déi nei Abteilung?“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Neie Programm.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den neie Programm Uni-Sports, wou dann och weider Studente gefrot sinn, fir dat och kënnen ze begleeden.“

Eng Stëmm: „Bei de Vakanzenjobs“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Bei de Vakanzenjobs si scho Studenten dobäi. Dat ass natierlech eng Saach, déi sech elo émmer méi wäert intensivéieren a wou mer och wierklech énnerstétzten an déi Richtung.“

Wat dat ganzt, soe mer, sozial-kulturell Liewen oder Fräizäitliewe vun de Studenten ugeet, hat ech gesot gehat, datt mer am enke Kontakt sti mat de Studenten-associatiounen an hirer Daachorganisatioun. Dat ass am Moment e bësse schwierig. Si sinn nach e bëssen duercherneen, wéi se wat hei sollen organiséieren. De Moment ass et esou, datt op engem ganz flotte Programm geschafft gétt an der Kulturfabrik, déi souwisou en Angebot weider u Studente maachen. A si hunn do och Aktivitéite geplant gehat. Si müssen e bësse kucken, sech och émmer mat eise Kalenneren ofzestëmmen. Plus dat bei der Rockhal, an an an. Do sinn eng ganz Rei Saachen, déi am-gaange sinn ze entstoen. Ech menge schonn, datt mer an den nächste Méint do vill méi konkret kénne ginn. Si schaffen op jidde Fall enk mat eis zesummen.

Och ass an eise Käpp am Schäfferot en Angebot, wat komm ass. Wou mer awer och nach musse bis an de September, Oktober era waarden, datt dat méi konkret ass. Hei ass eng weider Iwwerleeung opkomm, fir Raimlechkeeten an Esch fir Studenten: dat, wat emol den ehemolege Student Leisure Room um Barbourg war. Wou mir gesot hunn, mir wëlle net, dass se souwält ewech sinn. Si kéinten eventuell an engem Projet hei zu Esch integréiert ginn, hei si mer nach an de Verhandlungen. Also dozou och méi am Hierscht, am Wanter.

Den ERA-Projet – onofhängeg, ob d'Studenten do sinn oder net, mir wäre glécklech, wa mer endlech den ERA-Projet hätten. Mer hunn nach gëschter am Schäfferot driwwer geschwatt, wou mer iwver

grouss Bauprojeten hei zu Esch geschwat hunn. D'Problematik ass déi, datt e guden Deel op franséischer Säit läit an, d'Majoritéit vum Deel. Mir hu festgestallt, d'Keess fir an d'Schwämm era läit op Escher Säit. An de ganze Rescht, dee läit op däär anerer Säit.

Also gleeft et, datt mer eis wierklech Méi ginn. Dat wier absolut flott, wa mer dee Site do kéinte kréien, och fir eis Escher Bierger. Wa mer do kéinten eng oppe Schwämm maachen. Mir sinn do drun. Do läit awer e groussen Deel vun den Entscheidungen zu Paräis, net bei eis. Vlächt kenne mer eng Kéier an en europäesche Programm eraklammen. Dat ass op jidde Fall émmer erém en Thema, ze kucken, wéi mer dat kenne maachen.

All déi Diskussioune ronderém d'Mobilitéit, déi féiere mer. Dee Véloswee: do mussen net eréischt Beem geplantz ginn. Mir si mat de Vertrieder vun der Arcelor iwwert de Wee getréppelt. Dat ass deen, wou hannert der Losch-Garage deen anere Wee geet. Dat ass eng Strooss mat breeden Trottoiren. Do sti Platanen, do stinn al Beem. Dat wier an eisen Aen iwwerhaapt keng Affär. Si wéissen, wou et ass. Mir wäerten de 14. September mëttes um véier Auer, wa mer se hei hunn, erém mat hinne schwätzen.

Am Virfeld kréie se vun eis erém eng Kéier alleguerten déi Froen, déi mer onbedéngt mussen a wëlle mat hinne diskutéieren – wéi énnert anerem d'Halen, Här Zwally. Do hutt Dir absolut recht.

Déifferdeng, dat ass e super Projet. Wa mir froen, wéi eng Hale mir kéinte kréien oder fräi wieren, da komme mer ongeféier an esou eng Diskussioun wéi mat dem Monopol an der Uelzechstrooss. Da si mer an Dimensiounen, wou mer um europäeschen Niveau praktesch spekuléieren. Si sinn awer mat déi gréisssten Immobilienagence, déi am Moment um Maart ass. A mir kréien do näischt geschenkt.

A wann d'Regierung net endlech do de Courage iwverhëlt a seet, hei, dat ass elo just nach fir de symboleschen Euro, de Süden huet genuch do investéiert... Eis Aarbechter, déi do geschafft hunn, hu genuch Schweess a Blutt do investéiert, fir elo mol ganz pathetesch ze sinn. Wann dat net endlech duerchgeet a gesot gëtt, datt d'Gemengen dat fir de symboleschen Euro kréien – eigentlech fir näisch – da gëtt et natierlech schwierig fir eis, fir do weiderzefueren.

Awer dat gëllt och fir aner Sitten. Dat gëllt fir Esch-Schéffleng, dat gëllt fir d'Terres-Rouges an aner Sitten, aner Projeten, déi mir immens gäre wéil realiséieren. Awer net d'Geld hunn, fir kenne matzespillen. Leider ass dat esou. Awer

mir ginn eis alleguerten net. Stëmmt, do kenne mir ganz dynamesch a granzeg ginn – ech mengen alleguerten zesummen, allen 19 hei –, wann et drëms geet, fir dat ze verteidegen.

Iwwerleeungen, fir können onkomplizéiert Pabeiere mat de Studenten an d'Rei ze maachen – datt se sech können umellen, datt se können Infoe kréien –, si mir amgaangen eis ze iwwerleeën. Dat mat de Bornë fonctionnéiert net. Iwwerleeunge lafen awer, ob een eventuell an der Woch vläicht kéint e Beamten op Belval schécken. Also déi Iwwerleeunge lafen, wéi mer am onkomplizéiertsten – ech soen elo „Guichet unique“ – können och mat hinne Saachen, respektiv Pabeiere klären.

Zum Thema Kantin leeft och am Hannergrond eng Preparatioun vun engem Projet. Ech mengen, ech hat et scho mol eng Kéier gesot gehat, vlächt am Kader mam Südspidol, mat der Gemeng, mat der Uni sech ze iwwerleeën, alternativ nach Kantin unzebidden. Dat ass schonn e méi gréissste Projet. Dat huet och mat Terrain ze dinn, dat huet mat finanzieller Opdeelung ze dinn, wéi mer dat realiséiert kréien. Mir sinn do wierklech weider a Planungen an Iwwerleeungen. Ech hunn lech elo e bësse méi vun deem geschwat gehat, wat scho konkret a realisabel ass. Mir wäerte méi oft elo an den nächste Méint kenne vu konkrete Projete berichten, déi kunnen émgesat ginn an natierlech kommen.

Ofschléissend wëll ech lech soen – den Här Codello huet mer dat elo just gesot –, an der Gemeng waren elo just vun de Services Ressources humaines vun der Uni eng ganz Rei Studenten a Personal hei. Déi am Moment amgaang sinn, iwwert de Maart ze goen, iwwer Esch ze goen. Dir gesitt, hei eng weider Abteilung, déi amgaangen ass, Visitten ze maachen.

Här Hinterscheid, wollt Dir nach eppes zur Mobilitéit soen? Ausser datt mir granze mat hinnen?"

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Merci. Jo mir gransen émmer. Mä mer gransen awer net némmeren, mir schaffen och. Ech wëll just drun erënneren, dass ab dem 14. September den neie Fahrplang vum TICE op d'Universitéit ausgeriicht ass. Wou mer elo mat enger zousätzlecher Linn vun Esch aus direkt op Belval fueren. An zwar mat der Linn 7, déi viru gefouert gëtt vun hirem alen Tracé duerch d'Henri-Koch-Strooss erop. An dat am Véierelstonnentakt. Duerch déi Reorganisatioun, déi duerch d'Uni induziert ginn ass, fiert den TICE 700.000 Fahrkilometer pro Joer weider.

Vun dräi Linne gëtt den Zentrum vun Esch direkt am Véierelstonnentakt ugeschloss. Awer et sinn zwou Linnen – eng, déi ganz aus dem Westen erofkénnt an déi aner, déi ganz aus dem Osten erofkénnt. Also d'Linn 4 kénnt vun Diddelegg direkt op Belval erop, d'Linn 15 kénnt vu Kéngz op Belval. Et kommen nach Linne doriwwer eraus op Belval. An ech menge mat der CFL zesummen a mat der Linn 3, déi südlech laantscht fiert, si mer vum Zentrum vun Esch u Belval ugeschloss.

Wat den éffentlechen Transport ugeet, si mer ongefíer am Zwou-, Dräi-Minuttentakt, wann een all Operateuren zesummerechent. Vun do hier gesinn, sinn all Viraussetzunge gemaach, dass den Zentrum vun Esch a Belval iwwert den éffentlechen Transport ganz gutt uneneen ugebonne ginn. D'Véloen, d'Vél'Ok-Systemer sinn do. D'Universitéit setzt do op hir eige Käschten nach zousätzlecher – awer déiselwecht wéi eise Vél'Ok-System. Soudass dat richteg praktesch fir d'Studenten ass.

Wa mer et dann elo definitiv mat der Arcelor färdegbruecht hunn, dee südleche Wee ze maachen, dee Corridor de mobilité douce, deen eigentlech existéiert. Wou et e Wee gëtt, wou awer verhéierstechnesch, also sécherheetstechnesch, nach schéngé Bedenken ze sinn. Mä wou mer awer och – an ech mengen, ech hunn dat hei scho gesot – fir déi nei Cellule de mobilité douce, déi um MDDI ass Énnerstétzung hunn, fir dat virunze maachen. Leider geet dat mat der CFL net esou einfach.

Den Här Zwally huet et gesot, vill méi grouss kann d'Cadence do net gehuewe ginn, aus Korridorsgrénn an aus signaltechnesche Grénn. An och well d'Fahrmaterial vun der CFL och éischter op Méttel- a Laangstrecken ausgeluecht ass. Et misst een en S-Bahn-System do hunn, wou ee vill méi schnell kéint mam Fahrmaterial beschleunegen an entschleunegen; da géif dat och goen.

Et ass eng Fro gestallt gi mam éffentleche Raum. Also en Deel vum éffentleche Raum ass natierlech reglementéiert, soss kéinte mer do net driwwer fueren. An de Fonds Belval huet deen Deel, wou d'Gebaier vum Staat – d'Universitéit –, déi an hirem Privatbesétz drop sinn, behalen. An déi Konventioun téscht der Agora an dem Fonds Belval ass amgaang ofgeschloss ze ginn, respektiv ass ofgeschloss. An dofir sinn de Fonds Belval an de Staat dann och zoustänneg, fir den Entretien vun deem ganzen Deel ze garantéieren. Wat och net oninteressant fir d'Gemeng ass, well soss misste mir dat mat eise Resourcë maachen.

Dat zu deene Punkten, déi d'Mobilitéit an deen Deel betreffen. Mä all déi Stroosse, déi am éffentleche Raum sinn, sinn och reglementéiert a wäerten och an der Zukunft reglementéiert a kontrolléiert gi vun eis. Mä dat, wat am private Beräich vum Staat ass, dat muss de Staat selwer organiséieren."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hinterscheid. Nach ee Saz vum Här Codello.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Kuerz als Präzisioun, datt den Här Hinterscheid an ech mat de Servicer dru schaffen, fir am September mat enger politescher Motiouan an de Gemengerot ze kommen. Well mer onheemlech bedaueren, datt de Conseil Régional de Lorraine déi Zuchlinn Thionville-Belval-Lonkesch ab 2016 wëll ofschafen. A mir sinn eis zesumme mat de Suessemmer Kollegen aus dem Schäfferot eens ginn, och mat de franséische Gemengen, datt mer sol- len e politeschen Drock do opbauen. Och am Hibléck vun der Maison de la Grande Région, déi hei opgaang ass, wou Personal aus där Regioun all Dag heihinner schaffe kënnnt.

An et kann elo net esou sinn, datt mir d'Maison de la Grande Région heihinner kréien, datt mir mat der Uni hei èmmer méi oppe solle ginn, an da gëtt vun eise Partner op franséischer Säit d'Mobilitéit gekappt.

Also mir wäerte mat enger Motiouan heihinner kommen, déi dann och vun anere Gemengeréit wäert gestëmmt ginn. A mir froen och do eng politesch Entrevue mam President vum Conseil Régional, well déi Zuchlinn Thionville-Belval-Lonkesch ass onheemlech wichteg, wat den Developpement vun der Uni an d'Aarbechte vun der Maison de la Grande Région hei ugeet.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerte fir déi interes-sant Riedebäitrag. Ier mer an der Dages-uerdnung weiderfueren, wëll ech awer fir d'éischt kuerz op dat Dëppchen Hunneg hei kommen. Op den éischten Hunneg vum Escher Déierepark, wou Der en Dépliant dobäi hutt. An ech wëll der Equipe ronderém d'Anne Meyers e risegrousse Merci soen, déi eis dat fir haut fäerdeg-gemaach hunn – fir eis allegueren, ech mengen och fir d'Press, fir jiddwureen. E grousse Merci u si. Dir gesitt, et geet och do uewen um Bierg weider. E ganz flotte Projet. Merci der ganzer Equipe, Vitamin-ne fir de Summer.“

5. Avenant à la Convention avec l'association Vélo-Union Esch dans le cadre de la «Flèche du Sud»; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): Mir kommen op den nächsten Dagesuerdnungspunkt. Den Avenant vun der Konventioun vun der Vélosunioun, Här Hinterscheid.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci Madame Buergermeeschter. Also et ass den Avenant fir d'Organisatioun vun der Etapp vun der Flèche du Sud fir d'nächst Joer. Et ass esou, dass dee Präis, deen d'Vélosunioun deenen eenzelne Gemengen do gefrot huet, schonn éwig laang besteet. Mir haten eigentlech scho bal e privilegierte Präis als Stad. An et ass elo en Avenant, fir dat op deen neie Präis unzepassen.“

Mir wëllen, dass déi Escher Course nach wie vor stattfënnt, an dass déi och wei-der zu Esch ukënnt. Mir sinn awer am-gaangen, mat der Vélosunioun ze schwätzzen, ob mer net erëm eng Kéier kennen e Prolog hei zu Esch kréien. Mä dat wär fréistens fir 2017. Ech géif lech bidden, däi Konventioun zouzestëmmen, fir dass déi traditionell Escher Course ka viru bestoe bleiwen. Ech wëll och soen, dass aner Gemenge schonn ufänken, sech ze zerklappen, fir däerfen eng Ville-Arrivée ze sinn.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention avec l'association Vélo-Union Esch dans le cadre de la «Flèche du Sud».

6. Convention avec l'association sans but lucratif Rosa Létzebuerg A.S.B.L.; décision 7. Adhésion au Rainbow Cities Network; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Mir kommen zum nächste Punkt: d'Konventioun mat Rosa Létzebuerg an d'Adhésioun un de Reseau vu Rainbow City. Den Här Codello huet d'Wuert.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Mer-ci, Madame Buergermeeschter. Déi zwee nächst Punkte schreive sech an eng ganz Rei Punkten an, déi an den nächste Méint wäerten an de Gemengerot kommen. Déi sech erauskristalliséiert hunn aus Diskussiounen, déi mer an engem interne Groupe de travail hei am Haus agefouert haben. Well mer eis och wëllen énnert dem Slogan „Esch, eng Stad fir jiddweeen“ Gedanke maachen an och konkret Hürden émgoen, fir eis Stad diskrimina-tionsfräi ze maachen.“

Esch, eng divers Stad, eng multikulturell Stad, déi net némmer den edukative Facteur op déi eenzel Nationalitéité soll leeën, mä och elo op den Handicap. Gëschter hate mer och e ganz flott konkret Beispill. Gëschter ass e Vernissage gewiescht tëschent jonke Kënschtler aus dem Point Information Jeunes, aus dem Jugendhaus an handicapierte Leit vun der Fondation Kräizbierg. Gitt an de PIJ lech déi Ausstellung ukucken. Dat ass och ee ganz konkret Beispill, fir Leit, déi en Handicap hunn, mat an d'Gesellschaft eranzehuelen.

Et ass elo esou, datt mer haut d'Woch vum Gaymat organiséieren. An dat ass esou gewielt ginn, well d'Woch e Méindeg ugefaangen huet. Et ass déi fënnete Kéier, datt Rosa Létzebuerg de Gaymat hei an Esch organiséiert, déi 16. Kéier am Allgemengen. An et ass wéi an aneren Domäner, wou de Schäfferot sech gesot huet, da wëlle mer do och op den Ni-veau vun enger Konventioun goen an d'Organisatioun vum Gaymat hei op Esch leeën. An awer och do iwwert eng Konventioun mat den Organisateure vu Rosa Létzebuerg eens ginn, wéi een dat nach dorriwwer eraus ka maachen.

A wann Der d'Konventioun gesitt, da basiert déi sech net némmer op d'Organisatioun vum Gaymat; loin de là. Mä Rosa Létzebuerg wäert sech dann an Zukunft och bereestellen, fir Informationsversammlungen um Escher Terri-toire ze maachen, eis Stad an d'Bild vun eiser Stad no bausse vun enger oppener an diverser Stad mat ze organiséieren. An et wäert eng jäerlech Konferenz zu en-

gem Sujet vun LGBT-Concitojenen hei an Esch stattfannen.

All dëst nieft der traditioneller Woch – déi dës Woch jo stattfonnt huet – mat de Kinosowender. A mat – wat leschte Méindeg déi éischte Kéier de Fall war – enger Gedenkeremonie fir déi homosexuell Affer vum Nationalsozialismus, wat an deem Senn oft a ganz gär vergiess gëtt. Well et bis elo op der Welt mat der Stad Berlin némmen eng Gemeng gëtt, déi ee Monument zu deem Thema huet.

Des Weideren ass Rosa Lëtzebuerg Vertrieder an engem Aarbechtsgrupp vum Tourismusministère, dee vun der Staatssekretärin an d'Liewe geruff ginn ass, fir den „Tourisme pour tous“ ze promouvéieren. An den „Tourisme pour tous“, ech hat et schonn op der Generalversammlung vum Syndicat dës Woch e bëssen erläutert, dat ass net némmen den Tourismus méi accessibel maache fir Leit mat engem Handicap oder mat age-schränkter Mobilität, mä et ass och fir den „Tourisme gay“ ze promouvéieren.

Mir hunn och mat dem Geschäftsverband a mat enger ganzer Rei von Hotelieren a Restaurateure schonn zénter dem leschte Joer eng flott Combine fonnt: Wann Der e Solidaritéitsbändche vum Gaymat fir fénnef Euro kaft, da kritt Der an deenen Etablissementer während dës Woch 10% Rabatt.

An de Geschäftsverband an de Syndicat d'Initiative ginn och als aktiv Partner an der Konventioun genannt. Dëst fir ze weisen, datt mer eben als politesch Responsabel wëllen hei d'Diskriminatiounen ofbauen.

Dëse Mount huet de Centre pour l'égalité des traitements, zesumme mam TNS-Ilres en Observatoire des discriminations hei am Lëtzebuerger Land erausbruecht. Och wann eis Situations nach besser ass wéi bei aneren an Europa an an der Welt, sou muss een awer nach feststellen, datt 5% vun de Befrotene soen, datt si schonn eng Situation matkritt hunn, wou Leit opgrond vun hirer Orientation sexuelle hei am Land diskriminéiert gi sinn.

Déi 5% gëllt et ofzebauen. Wéi gesot, et geet eis vill besser. Mir däerfen hei muer op dëser Gemengeplaz e Gaymat stattfanne loessen. Net méi spéit wéi virun dräi Wochen ass deen zu Istanbul gewaltsam duerch Polizeikräfte verbueden an opgelést ginn.

Ech hat d'Chance, nach d'lescht Woch zu Köln deelzehuelen, wou all Joers émmer Leit aus Länner invitíert ginn, wou d'Homosexualitéit nach énner Strof oder souguer énner Doudesstrof steet. Si hu Partnerstied wéi Volgograd, Peking an nach aner Länner aus der Welt. An all Joers gi

Leit dohinner invitíert, fir och ze weisen, datt mer solidaresch solle sinn.

Esch war nach émmer eng open, divers a solidaresch Stad. A mat deem Vote vun där heite Konventioun gi mer e ganz wichtige Schrëtt an déi dote Richtung, wat den Ofbau vun Diskriminatiounen wat d'sexuell Orientatioun ugeet. An ech wäert och mat anere konkrete Mesuren an och Manifestatiounen weiderhin hei an de Gemengerot kommen. An ech bieden lech dofir, där heite Konventioun zouzestëmmen.

Wat vläicht drunhänkt – de Punkt 7, wann ech deen direkt kéint mat presentéieren. Et ass esou, datt et viru geraumer Zäit schonn en EU-Projet ginn huet téschent zwou Partnerstied vun Esch. Dat waren Turin a Köln, déi sech Gedanke gemaach hunn, eben an deem Senn schonn, wéi een och als Gemengen zesumme ka schaffen, fir d'Gläichstellung vun homosexuelle Mathbierger an dem Stadliewen ze rechtfertegen. Aus deem EU-Projet ass – och opgrond vun der grousser Dynamik vun hollännesche Gemengen, och Rotterdam, eis drëtt Partnerstad – eben dat Netzwerk vun de Rainbow Cities an d'Liewe geruff ginn.

Mir si selwer elo gefrot gi vun eise Partnerstied, fir och deem Reseau bázietrieden. Ech soen et direkt, dat huet keng finanziell Inzidenz. Mä et huet eng héich-politesch Symbolik, wa mer deem Reseau bázietrieden.

Nach d'lescht Woch hu mer an enger éischter Aarbechtssitzung decidéiert, datt mer dann och géife Léck a Lille invitíieren, fir bázietrieden. Well da wier et eemoleg, datt e ganze Réng vu Villes jumelées deem Reseau ugehéiert.

Mir wäerten an deem Reseau duerch zwou Persoune vertruede sinn. Ech proposéieren d'Madame Nicole Jemming als Chef de service vun der Égalité des chances a mech selwer. Dat ass eng Sitzung pro Joer. De Rescht wäert émmer iwwert d'Best-Practice-Beispiller, iwwert déi nei Medien an déi nei Technologiën lafen. Jiddweree ka vu jiddwerengem do léieren. Mir wäerte bei Wäitem déi klengste Gemeng sinn aus deem Reseau, wat d'Awunnerzuel ugeet. Dat si mer gewinnt, och aus eise Reseau vun de Villes jumelées. Mä dat wéll awer net heeschen, datt eng grouss Gemeng net eppes vun enger klenger Gemeng ka léieren, an eng kleng Gemeng net vun enger grousser. An dofir froen ech och de Gemengerot, fir kënnen deem Reseau do bázietrieden. Merci."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Merci Här Codello. Läit eng Wuertmeldung vir? Madame Bofferding, w.e.g.“

Taina Bofferding (LSAP): „Da fänken ech un, Merci. D'sozialistesch Fraktioune begréisséss souwuel dës Konventioun mat Rosa Lëtzebuerg wéi och de Bäitrett zum Reseau Rainbow Cities.

Fir d'éisch zu der Konventioun: Hei gëtt net just d'Aarbecht, déi d'ASBL leescht, unerkannt. Mat der Konventioun garantéiere mer hinnen och eng gewësse finanziell Planungssécherheet, déi ganz wichteg ass, fir dass se kënnen hir Projete realiséieren. Een Haaptevent an hiren Aktiounen ass muer de Gaymat.

De Festival leeft sät dem 4. Juli a bitt eng ganz Panoplie um Aktivitéiten, geféllt mat Filmowender, enger Expositioun an och dem Gaymat selver, mat enger Rei Concerten an och der Bühneshow als Ofschloss muer. Mam Gaymat verbënnt ee gutt Stëmmung, Spaass a rhythmesch Musik. De But ass awer och, fir iwwert d'Rechter vun homo-, bi- an transsexuelle Persounen ze informéieren an d'Diskriminatiounen ze bekämpfen, déi am Zesummenhang mat der Genderidentitéit a sexueller Identitéit stinn.

Niewent deene politesche Messagë ginn et och eng Rei kulturell Offeren – oder wéi de Generalsekretär vu Rosa Lëtzebuerg selver definéiert: e politesche Message verpaakt an e flotte Programm.

De Gaymat ass e soziokulturelle Festival, deen zénter '99 vun der ASBL Rosa Lëtzebuerg organiséiert gëtt. Ugeaangen huet d'ASBL mat e puer Infostänn op der Place d'Armes. A sät 2010 huet de Gaymat och seng fest Plaz hei an Esch. De Festival, deem säi Programm sech méitterweil iwwert eng Woch erstreckt, fänkt och un, an der Groussregioun e feste Bestanddeel ze ginn.

Virun deem Hannergond hätt ech e klunge kosmetesche Verbesserungsvorschlag fir d'Konventioun. Am Préambule vun der Konventioun op der éischter Säit steet: „...de Succès vum Festival Gaymat 2014“. Ech géif proposéieren, „2014“ duerch „plusieurs années“ ze ersetzen. Well wéi grad duergeluecht, gëtt et de Gaymat net eréischt sät dem leschte Joer, mä e geet elo mat der Editioun vu muer a seng sechste Ronn. An et wär vläicht besser, do ze schreiwen, dass et eben iwwer Joren eraus schonn e Succès hei zu Esch ass.

D'Editioun 2015 steet am Zeeche vun de Ménscherechter, dofir och de Motto „Gaymat for human rights“. E Méindeg war an deem Kontext och eng Gedenkeremonie fir d'Affer vum Nationalsozialismus beim Resistenzmusée, fir hinnen ze gedenken. Mir perséinlech huet dës Zeremonie ganz gutt gefall. Et war ganz respektvoll a ganz würdevoll.

Dass nach vill Sensibilisierungs- an Opklärungsaarbecht ze maachen ass, weisen zum Beispill Commentairen, déi an de sozialen Netzwerker oder an de Foren ze liese waren, elo am Kader vum Festival an och am Kader vun der Pressekonferenz. Et sinn Aussoen ze liesen, déi mech perséinlech traureg stëmmen, vun homophobe Remarquen ass leider och Létzebuerg net verschoumt. An deene Virurteiler, Stereotypen an Diskriminatiounen musse mer geschlossen entgéintrieden. Och hate mer virun dräi Deeg an der Chamber nees eng kleng Debatt zum gläichgeschlechtliche Bestietnis. Fir am Kader vun enger Demande fir e Referendum iwwert dat Gesetz, wat awer elo scho votéiert ass, ofzestëmmen. Munch Spricher hunn do leider och ganz déif an d'Mottekëscht vun de Stereotypen geograff a sech net genéiert, iwwert d'sexuell Orientéierung, d'Fräiheet an d'Rechter vun anere Leit ze jugéieren.

Mam Bäitrett zum Rainbow-City-Reseau verflicht Esch sech, eng aktiv Roll an der Politik ze bedreiwen an ze förderen, déi d'Liewen an d'Rechter vu Lesben, Schwulen, Bisexualen sou wéi och Trans- an Intersexualen ze stärken.

E Liewen ouni Gewalt an ouni Diskriminéierung – d'Reebou-Stied verflichte sech, dozou eng aktiv Roll ze iwwerhuelen. Dat begréisse mir als sozialistesch Fraktiou an énnertëtzen dat op der ganzer Linn.

De Reebou ass e Symbol, deen dat Faarwegt, d'Villfalt an awer och d'Fräiheit an d'Selbstbestëmmung ausdréckt. Als Reebou-Stad wäert Esch mat senger aktiver Politik e Vibild fir vill aner Stied a Regionne ginn. Menschen, déi opgrond vun hirer sexueller Identitéit Repressiounen ausgesat oder verfollegt ginn, wéi de Schäffen elo grad schonn duergestallt huet, brauchen eis Solidaritéit an eis Énnertëtzung. Der Verletzung vun de Mënscherechter musse mer all engagéiert entgéintrieden. Sou wéi d'Escher Gemeng dat émmer mécht, fir de Prinzip vun der Egalitéit an d'Solidaritéit ze verteidegen. Als international Reebou-Stad wéll Esch däitlech maachen, dass mer eng Stad sinn, déi fir Lesben, Schwuler, Trans- an Intersexualer eng lieuwenswäert Gemeng ass. Menschen mat énnerschiddelech sexuellen Orientéierunge si wéllkomm, d'Offer vun der Gemeng ze nutzen a sinn och invitéeert, matzemaachen. An eisem kommunalen Aktiounsplang am Kader vun der europäischer Charta fir d'Egalitéit téschent Fraen a Männer um lokale Plang, setzt d'Gemeng Esch eng Partie Ziler mat konkreten Initiativen, fir déi kënnen ze realiséieren. Ee wichtegen Aspekt – oder besser gesot ee wichtegen Objektiv – ass d'Bekämpfung vun

de Stereotypen an Diskriminatiounen a Relatioun mat der sexueller Orientéierung. An als Mesure hu mer festgehalen, d'Aktivitéiten, wéi déi vun der Association Rosa Létzebuerg an Transgender, hei zu Esch ze énnertëtzen. Dofir menge ech, ass déi Konventioun hei och eng logesch Suite. E weideren Objektiv, deen d'Gemeng an hirem Aktiounsplang fir méi Chancéglächheet wéll erreechen, ass d'Sensibilisierung vu Schülerinnen a Schüler am Fondamental zum Aspekt vun der Égalité des chances an der Diversitéit. An net méi spéit wéi virun zwou Wochen oder annerhallwer Woch si jo och do Diplomer iwwerrecht ginn un d'Personal aus de Maisons Relais, déi un der Formation „Gender for Kids“ an „Gender Diversity“ deelgeholl hunn. Och dat ass e wichtegen Aspekt. An iwwert dee ganze Projet hu mer och hei schonn am Gemengerot geschwatt.

Weider Zieler vun déser Vernetzung sinn, communal Usätz an der Gläichstellungs- an Antidiskriminiséierungsaarbecht fir Lesben, Schwuler, Trans- an Intersexualer auszetauschen, gemeinsam Strategien ze entwéckelen an duerch deen internationaplen Echange zousätzlech Impulser fir den Asaz fir rechtlech a gesellschaftlech Gläichstellung an den eenzelne Reebou-Stied ze setzen. Interessant ass och ze héieren, dass schonn zwou Persoune proposéiert gi sinn, fir un deenen eenzelnen Aarbechten deelzehuelen. Wann ech richtig gelies hunn, gëtt och eemol d'Joer dee grousse Fach- an Erfahrungsaustausch organiséiert, wou dann déi eenzel Stied sech kënnen austauschen. Mat deene politeschen Efforten, déi ech virdunner opgezielt hunn an deene ville gudden Initiativen, wéi dem Gaymat, leesch d'Gemeng Esch e wichtige Bäitrag.

Mir setzen Zeeche fir Toleranz, Akzeptanz a Wäertschätzung vun énnerschiddelech Liewensformen, déi Esch beräicherent. A mat deene ville politesche Beméiungen gëtt d'Gläichberechtigung vun alle Bevölkerungsgruppe gestäerkt. A fir et an aller Däitlechkeet ze soen: Homophobie an Transphobie hunn an eiser Stad keng Platz. An dofir muss eis Gemeng sech weiderhi mat aller Krafft dofir aseten. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Madame Bofferding. Ech mengen dann hätt kee sech méi gemellt. Pardon, et huet ee sech gemellt. Madame Freis.“

Astrid Freis (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech schléisse mech natierlech menger Kollegin, der Madame Bofferding un. Hier Explikatioun huet

schonn alles ervirbruecht, wat ech och 100%-eg deelen. Ech wollt just vermierken, dass Rosa Létzebuerg viru sechs Joer am Fong geholl an der Stad émmer méi aktiv war an dass mer vum Geschäftsverband aus eng Entrevue mat den Dirigente vu Rosa Létzebuerg haten. Déi op eis zoukomm sinn, fir ze froen, ob mir als Geschäftsverband hei zu Esch net wéilten e bësse mat hinnen zesummeschaffen, well se an der Stad dee Moment net méi esou gär gesi waren. An elo sinn ech natierlech immens frou, dass de Gaymat hei zu Esch am Fong eng Tradition scho ginn ass, an dass mir dat och émmer erém mat énnertëtzen.

An do kann ech natierlech nëmmen der Escher Gemeng felicitéiere fir déi Konventioun, déi elo gemaach ginn ass. Well, wéi eis Buergermeeschtesch scho gesot huet, wann herno eppes ganz gutt funktionéiert, da sinn émmer erém aner Stied, déi dann drop zeréckkommen, fir eis déi Leit erém ewech ze stibzten, déi da gutt hei zu Esch aktiv sinn. Dofir sinn ech wierklech frou, dass mat der Escher Gemeng a mat Rosa Létzebuerg elo sou en Ofkomme besteet an dat e bësse méi definitiv verankert ass. Ech soe Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Dann huet den Här Codello d'Wuert nach eemol.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech soen deenen zwou Riednerinne Merci fir déi Énnertëtzung. Ech spieren och, datt déi awer duerch de ganze Sall geet. An ech hoffen och, datt mer an Zukunft dann och zesumme kënnen op den eenzelne Mesure schaffen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention avec l'association sans but lucratif Rosa Létzebuerg A.S.B.L.

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'adhésion au réseau Rainbow Cities Network.

8. Convention Services pour jeunes; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Codello kritt d'Wuert nach eng Kéier betreffend d'Konventioune vum Service pour Jeunes.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Dat ass déi alljäerlech Konventioune, déi mer musse stëmmen téschent dem Jugendministère an der Escher Gemeng. Wou définéiert gëtt, wat d'Objektiver vun der Maison des Jeunes sinn, wat d'Formation vum Personal ugeet. Et ass e Schlüssel, deen dann émmer ausgehandelt gëtt téschent deenen zwee Partner. An dat sinn 241.603 Euro fir déi zwee Partner, also fir de Ministère a fir d'Stad Esch.

Déi Konventioune ass och gültig, och wa mäin Numm am zweete Joer hannernee falsch geschriwwen ginn ass. Mä dat ass gëschter nach eng Kéier beim Ministère gefrot ginn, dass dat d'nächst Joer soll richteg sinn. An ech bidden lech dann och, fir d'Jugendpolitik weider ze énnerstëtzen an déi Konventioune ze stëmmen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ass mäin Numm dann d'nächste Kéier och verbessert?“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Ass deen och falsch?“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mat dem Accent aigu. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Pierre-

Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention Services pour jeunes.

9. Dossier Monkeler: Interpellation; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci och do fir d'Zoustëmung.“

Mir kommen dann zum nächste Punkt, eng Interpellatioun, déi ugefrot ginn ass vun dem Conseiller Mike Hansen iwvert den Dossier Monkeler. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäfferot an aus dem Gemengerot. Mir si viru kuerzem gewuer ginn, datt d'Gemengen Esch, Monnerech a Schéffleng den Appell fir e Recours en annulation virum Tribunal administratif géint d'Asphaltfabrik verluer hunn. A wéi d'Madame Buergermeeschter scho gesot huet, mir ginn och heiansdo sténkeg, wa mer veräppelt ginn. Well dëst ass net némmen eng onverständliche Entscheidung fir déi concernéiert Bierger a Biergerinnen, mä sécherlech och fir eis all hei am Sall.“

2014 hu sech an dësem Sall iwver 200 besuergte Bierger a Biergerinnen afont, fir iwvert d'Asphaltfabrik op engem Terrain, dee vum Economieministère um Monkeler zur Verfügung gestallt gouf, ze diskutéieren. Mä e gréngé Staatssekretär koum och aus sengem haaptstädtlechen Tirmche geklomm an huet d'Bierger, déi hei diskutéiere wollten, virun de Kapp gestouss a si virun e Fait accompli gesat. Ausserdeem huet hien nach onmëssverständliche hei an deem Sall ausgedréckt, datt egal wéi d'Wieler entscheid haten, d'Fabrik komm wier.

Dëst ass net némmen eng fatalistesch Visioun vu Politik vun enger Persoun, déi a Verantwortung ass, mä ass och besonnesch hypokritesch, wann ech bedenken, datt awer Kollege vun him hei zu Esch, zu Lalleng, géint d'Fabrik militéiert hunn. Den ehemolege Buergermeeschter, deen nach 2011 mam Slogan „Besser lieuen“ an d'Wahlcampagne gaang ass, huet also ganz gezielt d'Petitioun vun iwwer 1.000 Leit an d'formell Aspräch an d'Argumenter vun de Bierger an der Kommodosprozedur an der Gemeng ignoréiert. Ma-

dame Buergermeeschtesch, dëst war wuel déi vill versprachen Demokratiereierung an Transparency an Transparenz, déi zu Lalleng a Schéffleng a Monnerech net esou schnell vergiess wäert ginn.

Contrairement zum Staatssekretär huet d'Gemeng d'Suerge vun de Bierger seriö geholl an nach um Owend selwer annoncéiert, ze préiwen, Recours anleeën. Dëst ass nämlech eis Aufgabe als Éluen. Mir lafen net virun Diskussionen fort. Mir diskutéieren och onangenehm Theme mat de Leit, wéi mir dat d'lescht Woch hei an dësem Sall bewisen hunn. An dat nennt ee Courage politique.

De Moralist huet hei de Bierger och Léisunge presentéiert, déi een am beschte Fall als simplistesch qualifiziéiere kann. Et gouf suggeréiert, rout Luuchten opzerrichten, fir d'CO₂-Ausscheidungen ze reduzéieren. Dëst wär awer némmen eng palliativ Mesure, wéi de Schäffen Hinterscheid et schonn an der Vergaangenheit oft énnerstrach huet. Well obwuel bis haut keng Luucht do steet, froen ech mech awer, ob ee Camion beim Lassfueren a Gas ginn, fir de Bierg eropzekommen, net méi CO₂ wäert ausscheeden, wéi en dat elo mécht.

Dofir huet der Staatssekretär och hei am Sall annoncéiert, Miessungen um Monkeler ze maachen, fir den Impakt vum Trafic op d'CO₂-Wärter ze moassen. Et sinn, esou vill ech weess, och Miessunge gemaach ginn. Mä de Bericht gouf ni veréffentlecht. Wouduerch ech mir haut déi Fro stelle kann, wéi katastrophal déi Erkenntnisse an deem Bericht wuel waren, datt déi énner Verschluss gehale goufen.

Et sollt och eng Autobunnsofahrt gebaut ginn, fir de Site ze entlaaschten. Mä an der Antwort op d'Question parlementaire vum Députéierte Spautz vun der CSV kann een zwëschent de Linnen awer liesen, dass dee Projet nach ganz, ganz déif am Tirang läit. Déi eenzeg Entlaaschtung vum Site, déi et bis haut gouf, ass dem Erdratsch ze verdanken, an net dem Ministère.

De Staatssekretär huet iwwregens deen Owend hei am Sall och seng Volonté annoncéiert, déi Genehmigung vum Tipp ze verlängerer, wann Der lech richteg erénnert. An dëst virum Enn vun der offizieller Autorisatioun.

Menger Meenung no bedeut dat, datt hie ganz genau wousst, datt d'Limitte vun der Autorisatioun hu missen erreecht sinn. An d'Resultat kenne mir jo haut all. Et muss ee sech an deem Dossier och ferm Froen iwvert d'Demokratie stellen. Eng Entreprise kritt en Terrain vum Staat zur Verfügung gestallt, fir eng Fabrik drop ze errichten, ouni dass dëst hei dis-

kutiert gouf oder iwwerhaapt eng Genehmegung bestan huet. Des Weideren ass déi deemoleg Entscheidung vum Ministère eng komplett Mëssachung vum PAG vun der Stad Esch, sou wéi énnert anerem de Kolleg vun de Lénken, de Marc Baum, et éfters énnerstrach huet. Et ass eng Mëssachung vun engem autonome Gemengeverwaltungsinstrument. Dat kann ee wuel énnert selektiv Landesplanung aklasséieren.

Mä eng vun de schlëmmsten Aussoe vun deem Owend war, wéi hei de Bierger erkläert gouf, wéi déi Ausscheidungswärter vun der Fabrik kontrolléiert solle ginn. Dat gëtt net vum Staat gemaach oder vun enger onofhängeger Instanz oder engem Beobachter, well d'Entreprise soll selwer bezuele fir hir egee Kontrollen.

Kolleginnen a Kollegen, dëst ass u Lächerlechkeet an Dreistegkeet an Demokratieferne kaum ze énnerbidden. Hei gi ganz kloer Wirtschaftsinteressen iwwert den Intérêt général an d'Liewensqualitéit vun enger Stad gesat. A mir därfen dat net esou einfach akzeptéieren.

Ee vun den Argumenter vum Staatssekretär wor iwwregens, datt dës Fabrik e Bienfait fir d'Economie a fir Esch sollt sinn. Et géifen esou vill Aarbechtsplaze kreeiert ginn. Madame Buergermeeschtesch, dat ass grad esou lächerlech a kuerziichteg wéi déi Aussoe vun de Marchéfetischisten, déi eis säit Méint wëllen erklären, datt TTIP an CETA Aarbechtsplaze géife schafen. Ech wär mol interesséiert, ganz genau gewuer ze ginn, wéi vill Leit dann haut do schaffen. A mat den üblechen Aarbechtskonditiounen a solche Fabrike fänke mer haut emol lëiwer net un.

Apropos Economie, deen Owend si mir dann och gewuer ginn, datt verschidde Leit hir Aufgaben net richteg gemaach hunn. Datt et Betriber um Monkeler ginn, déi keng gültig Genehmegungen haten. Zu mengem groussen Erstaune kruten dann dës Betriber a ganz grousser Generositéit e Sursis vu sechs Méint, fir hir Pabeieren an d'Rei ze maachen. Dee Sursis gouf nach eng Kéier verlängert an haut schwätzt kee méi dovunner. Den Développement-Economique-Schäffens huet vlächt e besseren Drot zum Ministère a kéint vlächt eng Kéier nofroen, wou déi Dossieren dru sinn. Well wann et net esou traureg wär, misste mer jo haut all driwwer laache kënnen.

Haut si mer an der Situations, datt duerch esou Mësstänn d'Veutrauen an d'Politik ofhëlt. D'Angscht an d'Suerge vun de Bierger hu sech confirméiert a multiplizéiert, an d'Ëmwelt ronderëm de

Monkeler ass akut bedrot. D'Awunner vu Lalleng hu sech net némme bei der Gemeng iwwer zäitweis penetrante Gestank beschwériert, mä och beim Staatssekretär. A si waarden haut nach émmer op eng Stellungnahm. Ech froe mech dofir, wéi dat bei all deene versprachenen Oplagen dozou komme kann, datt d'Leit zu Lalleng am Gaart hir Miwwele verdreckt hunn duerch d'Fabrik, déi niewendru steet. Déi jo esou gutt iwwerwaacht soll ginn.

Als éischt, wann een de Site betreucht, fält engem nach eppes aneschters op. De ganzen Terrain gouf macadamiséiert. Hei hunn ech schéi Fotoen dobäi. De Staatssekretär schwätzt an der Autorisation vun engem Concasseur mat Hall fermé. Mä en réalité läit do a Concasseur énnert fräiem Himmel. Contrairement wat am Arrêté ministériel steet, gëtt do net némmen Asphalt produzéiert, mä och ganz vill Knascht. An dëst ass net conforme mat der Kommodosegmegung.

Madame Buergermeeschtesch, gëtt et dofir eng Genehmegung? Oder ass de Ministère mat dësen Oplage grad esou laxiste wéi mat den Oplage vun de Betriber, wou d'Pabeieren net an der Rei waren? Den ale Makadamm gëtt och énnert fräiem Himmel gelagert, well et esou schéin ass, an da wahrscheinlich an der Anlag recycléiert.

Welche Knascht a Stëbs wäert do wuel entstoen? A Welch Effeten huet deen Dreck op d'Gesondheet vun den Aarbechter, mä och virun allem vun de Leit, déi do an der Géigend wunnen.

De Gemengerot gouf och virun zwou Sitzunge vum Ressortschäffé kuerz iwwert d'Erkenntnisser vun Ofwaasserverschmotzungen informéiert. Wann een de Bericht vun der Ëmweltkommissioune iwwert déi Moossunge méi genau kuckt, sinn déi Moossunge méi wéi alarmant. Et gouf eng ganz staark Pollution duerch géfteg Schwéiermetaller gemooss, déi aus der Industriezon kommen. An et gouf suggeréiert, dass déi ganz Industriezon a Kanalisationen ze botzen ass. Wie kënnt fir déi Aarbechten op? Et ass nämlech schwéier, de Pollueur-Payeür-Prinzip unzewennen, wann een net genau weess, vu wou d'Pollution kënnt. Dofir musse mir eis och verschidde Froen am Kontext vun där Asphaltfabrik do stellen. Wéini ginn zum Beispill d'Öl- an d'Schlammabscheider vun der Fabrik eidel gemaach? Wouhi geet den Dreck? A wie mécht se eidel?

Madame Buergermeeschtesch, Membere vum Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, verschidde Leit hätte wuel gären, datt mir deen Dossier vergiessen. Mä mir wäerten hinnen dee Gefalen net doen.

Mir wäerte konsequent d'Liewensqualitéit an d'Interesse vun eise Bierger vertrieben an och streng iwwerwaachen, datt de Principe vum Pollueur-Payeür ugewardt gëtt. Kolleginnen a Kollegen, duerfir fuerdere mir haut de Schäfferot an der Motioun op, Bierger, déi sech wieiren, weider ze énnerstézen a sech mat alle legale Mëttele gëint déi Fabrik ze wieren.

Mir fuerderen lech Madame Buergermeeschtesch an d'Schäffen op, de Staatssekretär u seng Aussoen hei am Sall ze erënneren an den Dossier Autobunnspfaart net ze vergiessen. A grad esou d'Resultater vun de Miessungen anzufuerden. Déi mussen am Sénn vun Demokratie an Transparenz verëffentlecht an all Bierger zougänglech gemaach ginn. Mir fuerderen lech och op, all legal Mëttele anzesetzen, fir lech géint d'Entreprise anzesetzen, déi net conforme mat den Autorisationen sinn.

Dëst gesot, soen ech lech Merci, datt Dir dëse Punkt op den Ordre du jour geholl hutt an datt Dir contrairement zu anere Leit, de Courage hat, dëst net einfach duerchgoen ze loassen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hansen. Et gi Meldungen dozou: den Här Bernard, den Här Kersch an den Här Zwally. Här Bernard w.e.g.l.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci Madame Buergermeeschter. Wou den Här Hansen recht huet, huet e recht. Ech hu mat vill Opmiersamkeet sää Bréif gelies, deen natierlech net zu enger besserer Ambiance an der Koalitioun hei bäidréit, wéinst senger Attaque op déi gréng, déi jo awer relativ schaarf ass, déi ech awer deelen. Mä wou e recht huet, huet e recht.

Dee ganze Mëssstand gouf eigentlech duerch Zoufall entdeckt an net duerch eng iwwerméisseg Kontroll vun de Gemengen oder vun deenen zoustännegen Instanzen. Et gouf entdeckt bei enger Énnersuchung vun der Waasserqualitéit vum ieweschten Deel vun der Uelzecht a vun den Niewebäch, wéi zum Beispill d'Kiemelbaach, déi vum Crassier kënnt. Scho virun e puer Méint, am Hierscht vum leschte Joer, hat sech erausgestallt, dass et grouss Verschmotzungen an der Industriezon Monkeler gëtt, an zwar mat Schwéiermetallen, mat Ueleg, mat Benzin – an ech kommen nach op anerer méi prázis ze schwätzen.

Zum Deel – an dat ass och e Skandal – lafen Ueleg a Benzin an de Reewaasserkollektor. Dat muss ee sech virstellen. Wéi et schéngt, ginn oder goufen och Autos-

batterien hei entsuergt, wat d'Ursaach wär fir déi héich Konzentratounswärter vu Cadmium, déi gemooss gi sinn. Dat, wat een awer als ganz gravéierend alarméierend betruchte muss, ass d'Tat-saach, dass virdrun ni iergendeng Êmweltverschmotzung festgestallt ginn ass, aus deem einfache Grond, well keng Kontrolle gemaach gi sinn.

D'Verantwortung läit och bei deenen zoustännege Gemengen, wat déi kommunal Industriezone betrëfft. An ech wëll wëssen, wiem déi Verantwortung énnerläit. Dat kann ee jo feststellen am Organigramme vun der Gemeng Esch zum Beispill, wien do fir déi Situatioun zoustänneg ass.

(LSAP): „Här Hansen, Merci nach eng Kéier fir dës Explikatiounen. Ass dat elo fir de Gemengerot okay mat deem Zousaz, wou den Här Kersch gesot huet? Fir dee bei d'Motiouen bázefügen? Ass dat okay?“

(Interruption)

Här Weidig, den Här Hansen huet en elo virgelies.

(Diskussion)

Mat deem Zousaz erbieden ech dann de Vote.“

Interpellation de M. Mike Hansen

Discussion concernant les effets sur l'environnement et la santé des habitants du quartier Lallange de l'installation d'une usine d'asphalte sur le site de Monkeler. Début 2014, plus de 200 personnes ont assisté à la réunion publique au sujet de l'implantation d'une usine d'asphalte dans la zone industrielle et ont clairement montré l'intérêt et l'importance que les riverains attachent à ce sujet.

Malgré les efforts d'un Secrétaire d'Etat moralisateur, d'un parti se disant écologique, qui s'est indigné de descendre de sa tour de la capitale, et ses promesses arrogantes, les habitants du quartier n'ont jamais renoncé à leur mobilisation.

L'usine en question fonctionne, maintenant, depuis environ dix mois, et les réclamations des habitants se sont multipliées, tout comme de nombreuses de leurs inquiétudes.

Madame la Bourgmestre, Messieurs les Echevins, nous, le POSL Esch, nous sommes solidaires avec les citoyens mobilisés pour le maintien de leur qualité de vie et nous sommes convaincus que la qualité de vie

est un intérêt général qui doit être défendu. Le POSL Esch est d'avis que cette usine a des conséquences néfastes sur la santé des habitants du quartier et sur l'environnement, et ceci doit impérativement être discuté!

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonner – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'interpellation du dossier Monkeler.

10. Règlements de circulation définitifs:

a) Règlements-taxe concernant le stationnement payant, modification; décision

b) Règlement concernant les activités ambulantes sur la voie publique; décision

c) Modification du règlement de circulation: emplacements food-trucks et stationnement longue durée dans la rue Henri Koch; décision

d) Modification du règlement de circulation: installation d'un parking dans la rue du Turin; décision

e) Circulation: Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren.“

Den Här Hinterscheid huet d'Wuert elo, fir de Règlement taxe an eng Rei Saache vun der Circulatioun virzestellen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci Madame Buergermeeschter. Et ass nach net esou laang hier, do ass hei geschwät iwwert differenzéiert Parktaxen. Ech hat och do gesot, mir sinn amgaang drun ze schaffen, an et kénnt och nach virum Summer eppes. Mir hunn eng Situations, wou mer hei am Zentrum vun Esch mëttlerweil dräi Parkhaiser hunn an nach émmer eng enorm Belaaschtung an der Surface. Déi dräi Parkhaiser: Do kann ee soen, dass eent ganz gutt ausge-

laascht ass, eent e bësse manner an eent net gutt ausgelaascht.

A mir musse kucken, wa mer wëllen dee Parksuchverkéier am Zentrum minimiséieren an dofir e Maximum u Liewensqualitéit erëmkréien, dat iwwert d'Tarifpolitik ze steieren. Dir hutt och elo e Reglement hei virlein, wou mer eigentlech Esch an dräi Gebührenzonen opdeelen, wou Der de Plang băileien hutt. Den Esch-Zentrum, wat déi rout Zon ass, déi am Reglement och herno Zone rouge heescht. Dann hu mer den Esch-Perizentrum. Dat sinn déi Quartieren, déi direkt um Zentrum dru leien, dat ass dann d'Zone jaune am Text. An dann d'Zone vert – net d'Zone verte – den Esch-Périphérie. Dat sinn dann déi, déi wierklech ganz un der Périphérie leien.

Mir proposéieren elo den Esch-Zentrum, wierklech den Zentrum an der Surface méi deier ze maachen, an zwar op 1,70 Euro erop. Ech wëll nach eng Kéier dorun erënneren, dass dee Moment jo d'Residenten net tangéiert sinn. Den Tarif minimal ass 0,40 Euro fir 15 Minuten.

Dann an der zweeter Zon, de Perizentrum elo op 1,30 Euro ze loossen, mat dem Tarif minimal vun 30 Cent. An an de periphäre Quartieren och op 1,30. Elo kann ee sech froen, firwat differenzéiert. Dir déi zwou Zonen. Well et weess een net, ob elo net Verdrängungseffekter entstinn aus dem Zentrum eraus an de Perizentrum, wou een duerno vlächt muss drop reagéieren. Dann ass et méi einfach, wann een du moins d'Zonen emol reglementéiert huet.

Eng weider Neierung – eppes, wat laang gefuerdert ginn ass – ass déi sougenannen „Brötchentaste“. An déi nenne mer dann „Stationnement minute“, wou en Tarif vun 20 Cent fir 20 Minuten ass. Firwat 20 Cent fir 20 Minuten? Dat ass eng Ménz, déi ee kann ageheien, wou ee Mechanismus declenchéiert gëtt.

Et ass driwwer geschwat ginn, fir do mat Disquen ze fueren. Mä mat Disque fueren ass èmmer geféierlech, well dann huet een Diskussioune. An déi aarm Agenten, déi mussen dann ufänken, mat de Leit ze negociéieren, ob et elo net awer 21 Minutte waren oder 25 Minuten oder awer nëmmen 18 Minuten. Esou präzis kritt een déi Disquen net. An dofir wëlle mer e mechanesch oder digital kontrolléierte System, dee mat enger Ménz geet.

Mir haten och am Ufank Diskussioune mat Vertrieder vum Geschäftsverband. An déi hunn dat dann awer och staark mat ènnerstëtzzt, well och si verstanen hunn, dass dat net anescht kann objektiv kontrolléierbar funktionéieren. Déi Stationnements minute, déi sinn elo wier-

lech ugeduecht hei am Zentrum, an der Libératiounstrooss, an der Xavier-Brasseur-Strooss, an der rue du X Septembre, bei der Post a spéider och gegebenfalls beim Spidol, fir den Dépose minute do kënnen ze maachen, wa Patienten do eran- an erausginn.

Mir hunn dat de Moment do nach mat Disque lafen op 30 Minuten. Wann dat sech konfirméiert, da këinne mer dat esou si loossen. Mä am anere Fall hu mer hei dann och en Instrument. Dee Stationnement minute bréngt och eng Méglechkeet fir Commerçanten, déi selwer just bäßifueren, fir auszeliwweren. Ech men-gen, déi kënnen dat dann och als Place de livraison an enlèvement notzen. D'Parkingsgebühren an de Parking public, déi brauche mir net als Gemengerot hei ze stëmmen. Mä déi sinn awer direkt am Zesummenhang mat eisem Taxereglement an der Surface.

Do hu mer mat de Bedreiwer vun deenen zwee Parkinge geschwat, de Parking Hôtel de Ville an de Parking Kennedy, dass déi op 1,50 Euro d'Stonn eropginn, mat engem Échelonnage vun 0,50 Euro pro 15 Minuten no där éischter Stonn. Esou wéi mer et och elo maachen. Dat ass och esou am Escher Parkhaus um Kennedy.

An da kënnnt d'Neierung awer dobäi: Mir hunn e Parking am Zentrum, dee quasi eidel do stéet – do wëlle mir de Parking Brill op 1 Euro d'Stonn erofsetzen. Fir d'Leit ze incitéieren, an dee Parking ze goen. Et ass kloer, d'Augmentatioun un der Surface ass gekoppelt mat dem Erofgoen am Parking Brill. An ech mengen, do hu mer nach e puer Joer Sputt, bis deen esou voll ass wéi deen hei. An do och den Échelonnement: déi éischter Stonn 1 Euro, an dann 30 Cent pro 15 Minuten, awer dann èmmer virun eng Stonn.

Wat och net tangéiert gëtt an deene Parkingen, dat sinn déi Forfaits soirée, Forfaits nuit, Forfaits weekend an esou weider. Fir dass dat alles kohärent bleift, well de Parking ass do nuets, owes an de Weekend – virun allem sonndes – eidel. An dofir ergétt et och Sënn, dass en da genotzt gëtt, och wa mer eigentlech kaum Geld dru verdéngen. Mä du moins steet en dann der Populatioun zur Verfügung. Mir sinn der Meenung, dass et méi sënnvoll ass, wéineger Geld um Brill ze verdéngen, mä dass déi Infrastruktur, déi awer do ass, an déi eis all Joers Sue kascht, dann du moins emol vun der Populatioun genotzt gëtt.

Et ass och esou, dass mer mat der Ponts-et-Chaussées-Divisioun Grande Voirie amgaang sinn ze schwätzen, fir dass d'Signalisation vun der Grande Voirie an notamment vun der Autobunn erof och

méi kloer an erkenntlech weist, dass et eppes gëtt, wat Brill heescht. De Moment, wann Der vun der Autobunn kommt, hutt Der Esch-Centre, Esch-West a Belval drop stoen.

Esch-West – do weess keen, wat dat ass. Par contre de Brill – dat fänkt mëttlerweil un, och engem Net-Escher e Begréff ze sinn. Well den Theater op der Brillplaz ass, well aner Aktivitéiten do sinn. Mir hunn herno iergendwann eise ganze Carré culturel do, soudass mer mat der Ponts-et-Chaussées elo schwätzen, fir dass sou schnell wéi méglech, am léifsten iwwermuer, dann op der Grande Voirie steet: „Esch-Brill“. Dass een no der Sortie Esch-Centre erausfiert, virun a Richtung Rond-point Raemerech, Esch-Brill a vun do aus d'Signalisation mécht. A mir mengen, dass dat och géif hëlfen. Et war nach iergendeng Konfusioun am Text mat dem Parking Terres Rouges, an déi ass awer elo am Text behuewen.

Dat zu de Parkingsgebühren. Ech mengen, et ass hei net onbedéngt eng Affär vu Geld verdéngen oder manner Geld misse bäßleeën, mä et ass virun allem, datt d'Parkinggebühren d'Instrument sinn, wat genotzt gëtt, fir de Verkéier ze steieren.

Ech wëll gläichzäiteg och eppes anescht presentéieren, wat en duebelt Reglement ass: en Taxereglement an e Verkéiersreglement. Mer hunn zénter laangem e Problem bei zwou – virun allem bei zwou – Schoulen. Dat ass de Lycée Technique Lalleng an dat ass de Lycée Technique Esch an de CNFPC, wou e ganze Koup Marchands ambulants sech virun d'Schoule stellen a Pizza an ech weess net wat nach alles, aus de Mallen eraus verkafen. Ouni Kontroll, ouni dass iergendwéi ee weess, ob déi Saachen do seriö hirgestallt gi sinn, ob déi seriö stockéiert gi sinn, ob déi seriö transportéiert gi sinn.

Mir hate bis elo keng Handhab, fir do aktiv ze ginn. An eigentlech hunn och souwuel d'Police wéi d'Douane eis gesot, mir hu keng richteg Handhab. Et ass net reglementéiert. Mir hunn elo e Reglement, wou mer eis um Maartereglement orientéiert hunn, och wat d'Taxatioun ugeet. Um Maartereglement muss ee pro Meter Verkafsfäch e gewëssene Préis bezuelen. A mir assimiléieren dat eigentlech elo virtuell un de Marché ambulant. A mir kreéieren en Taxereglement, wou mer soen, dass ee muss eng Autorisatioun hunn, fir déi Vente ambulante ze maachen.

Mir hunn dann elo e „règlement concernant les activités ambulantes sur la voie publique“. An do huele mer dann d'Food Trucks – mir nennen dat „Food Trucks“,

well eis kee besseren Terme agefall ass an d'Stad Lëtzebuerg och schonn emol dovu geschwat hat – a reglementéiere se elo. Déi Emplacementer sinn all Kéiers fir e Schoultrimester attribuéiert, an zwar da vu September bis Dezember, vum 1. Januar bis den 10. Abrëll, well dann hu mer zwee Trimester èmmer ofgedeckert. An da vum 10. Abrëll bis de 15. Juli. Während deene Periode kann de Schäfferot, wann Emplacementer disponibel sinn, déi erausginn, fir eng Woch even-tuell och oder fir eng Journée. Mir hunn elo keng Tax dofir virgesinn, mä dat kéint een eventuell maachen, wann ee wéilt probéieren. An da muss ee jo och net onbedéngt dann eng Tax dofir maachen. Wann ee wéllt esou e „Food Truck“ op der Voie publique maachen, muss en eng Demande beim Schäfferot maachen. An déi Demande ka sech némmen op ee kloer identifizéierte Véhicule bezéien. Mir mussen och wéssen, wien dat ass: Numm, Virnumm, Carte d'identité vun der Personne physique. Oder, wa se da froe fir eng Sociétéit, da brauche mer genau d'Raison sociale, de Siège social an och virun allem d'Regéstere vum Regéster de commerce an alles. Mir wëlle wéssen, wou se sinn, op wat fir engem Emplacement. Eng „Description détaillée des produits et/ou services proposés à l'avant“, fir ze evitéieren, dass do egal wat verkaf gëtt. D'Immatrikulationsplaqué an eng Foto vun deem „Food Truck“, fir och do ze evitéieren, dass egal wat an der Zukunft geschitt. An de Schäfferot wäert dat an Zukunft en fonction vu verschidde Kritären énnersichen. Do ass fir d'éischt de „respect des dispositions en matière d'hygiène alimentaire et de sécurité au travail“; dann „sécurité et tranquillité publique“, „la mise en place de moyens pour récupérer les déchets“, „non-concurrence aux établissements aux alentours de l'emplacement sollicité“. Well mir wéssen net, wou déi allegueren hierkommen. A mir hunn awer och Escher Betriber, déi esou Saachen ubidden an déi riskéieren dann eng Konkurrenz gemaach ze kréien. An d'Qualitéit vun de Produkter, dat steet zwar net dran, mä dat ass awer implizit mat enthalen. Mer wëllen och wéssen, dass déi Betriber eng TVA-Nummer hunn. Fir och ze evitéieren, dass do schwarz gehandelt gëtt. An déi kréien dann eng Tax, also en Ausweis, wou se visiblement an hiren Auto eraleeën. An dee kann à tout moment kontrolléiert ginn, sou wéi um Maart, wéi op de Braderié vun eisem Maartmeeschter. Awer och gegebenenfalls vun der Police a vun den Douanes et Accises. Well notamment, wa mer insistéieren, dass

d'TVA an der Rei ass, do sinn d'Douanes et Accices dofir zoustänneg, fir dat ze kontrolléieren. A fir d'Sécurité an d'hygiène alimentaire ze kontrolléieren, sinn et och d'Douanes et Accises, déi et maachen, am Optrag vun der Direktioun vun der Santé. En Emplacement fir en Trimester kascht 600 Euro. Dat mag héich erschéngen, mä wann een dat aver ofrechent op déi Camion-Pizza, déi een do heiansdo gesäßt erausgoen, ass dat marginal. An dat schreckt dann och éischter of, dass net egal wat do leeft. An da fir e Mount 250 Euro. Mir hu festgeluecht a proposéieren, d'Taxereglement an d'Organisatioun ze trenne vum präzisen Emplacement. Dat wëlle mer all Kéiers iwwer d'Verkéiersreglement maachen. Well wann een elo op eng Kéier eng Plaz méi oder eng Plaz manner brauch, oder wa sech erausstellt, dass niewent deenen zwee Lycéeën do, op deene Plazen, wou elo bekannt sinn, och nach aner Plaze virun anere Schoule géife kommen, da kann een dat iwwert d'Verkéiersreglement regelen. Mir hunn elo op jidde Fall op der Place de l'Exposition, dat heescht beim Lycée Technique Lalleng, sechs Emplacementer um Parking vis-à-vis. An an der rue Henri Koch hu mer och sechs Emplacementer virgesinn. An ech wéll soen, ech hat d'lescht Woch eng Reunioun mat den Direkteren, souwuel vum CNFPC wéi vum Lycée Technique Esch, an déi soen eis elo scho Merci, dass mer dat maachen. Mir hunn e Parking longue durée zu Rae-merech, mer hunn e Parking longue durée an der Jos-Kieffer-Strooss. A mir wäerten och an der rue Henri Koch, och op Demande hi vun den Direkteren an an der Konsequenz vun der Decisioun, déi mer geholl hunn, fir um Parking Rae-merech e Parking longue durée ze maachen elo dotëschent och d'rue Henri Koch esou reglementéieren, well soss hu mer do e Knuet dran. An d'Schouldirekteren énnerstëtzten dat ganz staark, och wéssend, dass d'Linn 7 vum 14. September un an Zukunft am Véiereltonnentakt duerch d'rue Henri Koch fier. A virun allem fir den CNFPC, wou Leit aus der Grande région hikommen. Déi dann iwwert de Park & Ride Belval oder iwwert den Zuch kënnne mat der Linn 7 virun hiren Etablissementer erausgelooss ginn. Als leschte Punkt presentéieren ech dann och an der rue de Turin hinnen – do hu mer och nach esou e klenge Sträife ge-hat, deen eigentlech bis elo net reglementéiert war. Deen hu mer awer elo amenagéiert, an dee reglementéiere mer och als Parking. Well dat huet sech lues a lues zu engem Camionettë-Schlupfloch

entwéckelt. An et entdeckt een der èmmer nach erém. An déi reglementéiere mer och elo als normal Residents-Parkplazen, soudass déi dann och disponibel si fir d'Leit aus dem Quartier a virun allem och keng camoufléiert Camionettë-Parkplaz ginn. A last but not least, déi provisoresh Reglementer: Do ass ném-men eent, wat Der virleien hutt.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hinterscheid. Kann ech dovunner ausgoen, datt jidd-weree mat allem d'accord ass? (Gelächter)

Den Här Mischo an den Här Biltgen. Et war awer de Versuch wäert.“

Eng Stëmm: „Et war gutt probéiert.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An den Här Weidig an d'Madame Hildgen. Ech erénnere just drun, datt et hallwer eng ass.“ (Gelächter)

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Eis Fraktioun ass am Prinzip mat désem Parkraummanagement averstanen, awer net mat den Tariffer. Den Uewerflächeparking geet an der Zone rouge vun 1,30 Euro op 1,70 Euro an d'Luucht, wat méi wéi 30% sinn. An an de Quartieren, déi am wäiteste vum Zentrum ewech lieien, muss een nach èmmer 1,30 Euro bezuelen. Eis Propos wier et, fir an der Zone rouge op 1,50 ze hiewen, an der Zone jaune 1,30 ze loossen an an der Zone vert 1 Euro oder 1,10 Euro ze fixéieren. Virun allem d'Augmentation op 1,70 Euro stéiert eis. An ech froe mech, wat d'Restaurateuren zu déser Erhéijung soen. Well an der Mëttelegässchen muss ee jo hei zu Esch am Géigesaz zu der Stad Lëtzebuerg bezuele fir de Parking un der Uewerfläch. Och déi wéine Geschäft, déi an der Mëttelegässchen op hunn, profitéiere sécherlech net vun déser Erhéijung vum Tarif.“

Den Tarif vum System Parking minute an der Libérationstrooss, an der Xavier-Brasseur-Strooss an esou weider ass fir eis Fraktioun an der Rei. Mä de System muss virun allem an der Ufankszäit vun eisen Agents municipaux streng kontrolléiert ginn, fir dass dee System och fonctionnéiert.

Ech wéll op déser Plaz drun erénnernen, dass zum Beispill de Kiss & Go beim Conservatoire guer net fonctionnéiert.

Eng aner Idee, déi schonn 2011 am CSV-Wahlprogramm stoung, ass, dass ee mat enger Quartiersvignette eng halfe oder eng Stonn an engem anere Quartier ka gratis parken, natierlech zousätzlech mat engem Disque.

Eng weider Fro, déi mer eis als CSV stellen, ass, firwat de Parking de la Place de la Frontière an de Parking de la Place des Terres Rouges an d'Zone rouge klasséiert gi sinn. Um Plang, dee mer an eisem Dossier leien hunn, sinn nämlech déi zwee Parkingen an der Zone vert.

Beim ganze Parkraummanagement steet fir d'CSV den Escher Resident am Mëttelpunkt. An do stelle mer net nämme fest, dass d'Tariffer an d'Lucht gaange sinn, mä och, dass an Zukunft 76 Parkplazen am Zentrum an am noen Zentrum verschwinnen. Um Boulevard Prince Henri verléiere mer aacht Plazen, well eng Jugendspillplaz installéiert gëtt.

Am ieweschten Deel vun der Uelzechts-trooss fale ronn 20 Plazen ewech, well d'Zone piétonne erweidert, respektiv färdeggestallt gëtt. Beim Square Emile Mayrisch verschwanne véier Plaza fir Shared Space, wat net esou dramatesch ass, an awer. An zu gudder Lescht fale bei der Dellhéicht-Schoul 26 normal an eng Behennerteparkplaz ewech, vis-à-vis nach eng Kéier 17 Plaza laanscht d'Strooss, well do déi nei Busquaiie sollen hikommen.

Eiser Meenung no hätt dése Projet emol sollen eng Testphas duerchlafen. Well d'Direktioun vum LGE ass zwar informéiert, awer net begeeschert vun dësem Changement. Am Moment mussen d'Schüler némmer aus dem Bus klammen a si sécher an der Schoul. An Zukunft musse se da plus ou moins 250 Meter tréppelen, wat zwar méi gesond, mä awer méi geféierlech ass, well eng Stroossestift muss gewiesselt ginn.

Dann eng lescht Fro zum Parkraummanagement betréfft de Parking vun der Clinique Sainte-Marie, wou duerch d'Demolitioun 32 Plazen am Quartier Flies ewechgefall sinn. Wat geschitt do vun der Sait vun der Gemeng? Well dat sinn natierlech erém Parkplazen, déi d'Visiteuren an d'Patiente sech an deenen anere Stroosse ronderém siche ginn.

D'Reglement vun den Emplacementer vun deene „Food Trucks“ fanne mer eng gutt Idee, mä mir wollten awer op e Sécherheetsproblem opmierksam maachen. D'Schüler mussen nämlech, wa se bei esou e Food Truck ginn, d'Enceinte vun der Schoul verloossen, wat net erlaabt ass. An da spilt keng Assurance méi mat, wann iergendengem Schüler eppes soll passéieren. D'Schüler hunn nämlech net d'Recht, genau wéi wa se eraus fémme ginn, d'Enceinte vun der Schoul während der Schoulzäit ze verloessen.

Ongesond lesswuere bei esou Food Trucks verleeden natierlech d'Schüler méi wéi elo déi gesond Ernährung, déi se an de Kantine kréien. A wéi gesot, et ass e

Problem, dass dann d'Schüler op der Voie publique sinn an awer verschiddene Geforen ausgesat sinn. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Biltgen. Duerono den Här Weidig.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Merci Här Hinterscheid fir d'Explikatiounen. Déi Lénk hunn elo schonn e puer Joer émmer erém bemängelt, dass et beim Escher Parking résidentiel némmer een eenzege ondifferenzierter Tarif gouf, dee fir ganz Esch gegollt huet.

Et mécht eiser Meenung effektiv Senn, dass een am Zentrum, wou ee gären e starke Roulement hätt, a gläichzäiteg och gären hätt, dass esou vill wéi méiglech Autoe vun der Surface verschwinnen, méi en deieren Tarif huet wéi an der Peripherie, wou dee Problem e ganz aneren ass. Wou et haapsächlech drëm goe soll, ze verhënneren, dass eis Quartieren als Laangzäitparking oder Park-&-Ride-Ersatz méssbraucht ginn an domat net méi fir d'Awunner vum Quartier fräi sinn. Et mécht och Senn, d'Stad an dräi Zonen anzedeelen. De Centre, wou och d'Parkhaiser dra leien, de Péri-centre ronderém d'Spidol an dann d'Pérophérie, wierklech de Rand vun Esch. Och d'Aféiere vum Stationnement minute fanne mir eng gutt Idee. Well sou grad op deene Plazen, wou se gebraucht ginn, d'Parkplaze méi séier erém fräi ginn. An dat wierkt sech bestëmmt och positiv op de Verkéier aus, deen op deene Plazen entsteet, doduerch dass Autofuerer do ronderém fueren, bis se endlech eng Parkplaz fonnt hunn. An natierlech och doduerch, dass et dann e puer manner ginn, déi sech grad op deene Plaza falsch ofstellen, fir séier hir Kommissioune ze maachen an domadder awer ganz geféierlech Situationschafen.

Aus deem Grond wollt ech proposéieren, och esou e Stationnement minute an der Bieleser Strooss virun der Post ze installéieren. Well hei entstinn och all Dag ganz geféierlech Situationschafen, wann Autofuerer fir an d'Post ze goen oder Bréiwer anzegeheien, einfach virun der Post stoebleiwen, meeschters souguer op dem Zebrasträifen. Hei géif esou eng Zon d'Gefor wahrscheinlich och op d'mannst e bëssen entschärfen.

Souwält fanne mer Är Proposéieren also ganz interessant. Wann ee sech dann awer déi proposéiert Tariffer ukuckt, ass et awer schonn e bësser méi schwéier, hei iwver-all e Senn dran ze erkennen. An ech mengen, mir gesinn et och ähnlech wéi

mäi Virriedner, den Här Mischo. Wéi ech virdru scho gesot hunn, ass et richteg, dass et am Zentrum méi deier ass, fir op der Surface ze parken, wéi am Parkhaus. Well nach émmer ginn et Leit, déi mengen, et wier besser, verzweifelt am Zentrum eng Parkplaz ze sichen, amplaz einfach an eent vun de Parkhaiser ze füeren. Dass de Parking um Brill soll méi bëllieg ginn, mécht an där Logik och Senn, zemoools wa mer wëssen, dass dése Parking nach émmer net ausgelaascht ass.

Mä dass den Tarif vun deenen aneren zwee Parkhaiser soll op 1,50 gehéicht ginn, ass kontraproduktiv an zwee Senn: éischtens reduziert et erém de positiven Effet, deen d'Erhéijung vun den Tariffer op der Surface hätt, an zweetens mécht et de Stadkär nach e bësse méi onattraktiv par rapport zu aneren Nopeschstied an och zu Belval, wou ee bequem ka fir dräi Stonne gratis parken.“

Eng Stëmm: „Net méi laang.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Schonn elo ass d'Parken zu Esch immens deier. Dobäi kënnt dann nach de Fait, dass de Parking op der Stadhausplaz ganz no un der proposéierter gieler Zon ass, wou d'Parken dann awer nach émmer 1,30 Euro d'Stonn kascht. Hei gëtt also och dee positiven Effet vun deene méi deieren Tariffer op der Surface am Zentrum neutraliséiert. De Verkéier duerch déi Leit, déi eng Parkplaz an där gieler Zon sichen, wäert sech erhéijen.

Dann nach eppes zu den Zonen. Ech hu virdrun erkläret, dass mer Ärer Meenung sinn, dass een Esch sollt, wat de Parkraum ugeet, an dräi Zonen andeelen. Mä total onverständlich ass et awer, dass dann déi giel an déi gréng Zon deesel-wechten Tarif solle kréien. Firwat maache mer dann iwverhaapt dräi Zonen? Mir sinn onbedéngt der Meenung, dass den Tarif an der grénger Zon, also an der Peripherie hätt missen drastesch erofgesat ginn. Sou wéi Är Proposéieren hei virläit, ass dat Ganzt eigentlech näischt aneschters wéi eng weider Taxenerhéijung, déi ebe just an deene verschiddenen Zonen e bëssen énnerschiddlech ausfällt. An och, wann Dir et hei aneschters duerstellert, menge mir awer, dass dat hei haapsächlech soll dozou déngen, méi Geld an d'Keessen ze spullen. An et awer manner mat enger intelligenter Parkraumpolitik ze dinn huet. Aus deene Grénn kenne mir dése Projet trotz e puer richtegen Usätz net matdroen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Här Weidig an dann nach d'Madame Hildgen.“

Paul Weidig (LSAP): „Fir d'éischt wéll ech dem Schäffe Merci soe fir déi explizit Erklärungen, déi en hei ginn huet. A vir-un allem och, dass mer deen Dossier hei virdru souwuel an der Mobilitéits- wéi an der Finanzkommissiou haten. Wou relativ wéineg Remarqué gemaach gi sinn, an d'Tendenz, déi an deem gesamte Reglement läit, awer am Allgemenge positiv begutacht ginn ass.

Wat grosso modo wierklech zielt an deenen heite Bestriewungen, ass d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger ze héijen. Dat ass ganz kloer. An ech mengen, mir musse versichen – d'Leit versti leider keng aner Politik –, duerch d'Taxereguléierung d'Leit dozou ze verleeden, fir vernünfteg ze sinn an an d'Parkgaragen ze goen, déi disponibel sinn.

Och iwwer Mëttet ass et wierklech en Non-sens, dass jiddwereen, deen an e Restaurant am Zentrum goe wéllt, da sechsmol ronderëm fier, bis en eng Platz fénnt. Statt dass e virdrun direkt de Park-ing ufiert an dann dohinner geet. Dann ass en doudsécher méi schnell am Restaurant, wéi wann en herno verzweifelt ronderëm sicht, fir eng Parkplatz ze kréien, an dann nach ganz oft falsch parkt. Da kritt en natierlech och nach eng Verwarnung, an da reegeit e sech op, hei an Esch kéint een iwwerhaapt net méi parken, an dat wär alles deier, a Gott weess wat.

Also ech mengen, datt déi ganz Moos-namen hei, déi ganz Staffelung am Intérêt vun eise Bierger ass, souwuel am Zen-trum wéi och an der Périphérie. Ech sinn der Meenung, dass déi ganz Problematik net anesch ka gehandhaabt ginn, well Leit verstinn effektiv némmen, wa se bezuelen. Wann een da gesäit, dass se fir 70, 80 Euro oder fir 40, 50 geet och schonn duer, iergendwou an e Restaurant mëttes iesse ginn. A sech da schwéier doen, fir 50 Cent méi ze bezuelen. Oder wa se net gären an en Tief-garage erafueren, obschonn et am Sum-mer och nach gutt kill dobannen ass – net émmer, dat ass natierlech richteg –, an dat awer sécher méi sénnvoll ass.

Dat anert, wat ech ganz positiv fannen, ass éischtens emol déi Dépose minute. Dat ass sécher ganz wichteg. An dat kann een net mat Disqué maachen, well da verleeé mir einfach d'Responsabilitéit op déi Jongen, déi dat opschreiwe ginn, an da ginn nach eng ganz Partie Diskus-sioun gefouert. An ech fannen, dass dat duerch eng aner Méglechkeet wéi déi, dass se zum Beispill genau ageheien, wéi laang, dass se do sinn, vernünfteg ze kontrolléieren ass.

En anere gudden Usaz ass natierlech de Langzeitparker. Esch ass net némmen eng

Wunnstad. Mir sinn och eng wichteg Aar-bechtsstad, wou geschafft gëtt – haapt-sächlech Spideeler, Schoulen a Geschäft-er, déi begréissen dat natierlech. Dann hu se Méglechkeeten, fir hir Autoe wäh-ren zéng Stonnen ze parken, a mat esou engem abordabele Präis. An dat ass lesch-ten Enns am Interét fir jiddwereen, deen hei an Esch schafft a sái Liewe verdéngt. Souwält déi Remarquen zu der Taxener-héijung. Dat Drétt ass d'Activité ambu-lante. Ech mengen, dat ass ganz séenn-voll. Mir kommen net dolaanscht, dass mir allegueren domat d'accord musse sinn. Et schéngt mir selbstverständlech ze sinn, dass dat muss regléiert ginn. An op déi Aart a Weis brénge mir et och fäerdeg, e bëssen Uerdnung ze schafen. Wann do juristesches Problemer si mat de Lycéeën, da muss ee kucken, wéi een dee Problem vläicht aneschers uegepaakt kritt. Mä ech géif mengen, wann e Schü-ler iwwert Mëttet erausgeet, d'Enceinte vum Lycée verléiss, dann ass et selbst-verständlech, dass en da seng Assurance, déi en um Site vun der Schoul huet, be-wosst verléiss an dass doduerch awer net zousätzlech Problemer entstinn. Souwält meng Interventiounen. Merci an e gudden Appetit. Ech ka leider net mat iesse goen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Madame Hildgen, w.e.g.l.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Am Prinzip hätt ech zwou Froen un den Här Hinterscheid.

Dat Éischt war: Ech si gefrot gi vu Leit, déi an der Victor-Hugo-Strooss wunnen, wat de Moment do geschafft gëtt. Do si Leit vun der Gemeng amgaang, Leitungen ze zéien. A wéi d'Leit, déi do wunnen, gefrot hunn, wat do géif geschéien, ass gesot ginn, hei komme Luchten hin. Déi Strooss hei gëtt elo vun der Stalin-grad-Plaz aus bis zum Enn vun der Victor-Hugo-Strooss zugemaach. Ech hätt gär gewosst, ob dat schonn an der Verkéiers-kommissiou eng Kéier beschwat ginn ass an ob mir als Gemengerot schonn eng Kéier informéiert gi sinn. An et däerf een net déi Leit, déi do wunnen, vergiessen, wann dat soll zustane kommen. Et géife just Busse kënnen do zirkuléieren. Fir déi ass dat natierlech eng Contrainte. Well do si Leit, déi all Dag müssen do erausfueren. Zum Beispill ass eng Crèche do, wou all moies Leit dohinner kommen, fir hir Kanner ofzeliwweren. Wou ginn déi Leit elo parken? Musse si all Kéiers 1,70 Euro bezuelen, wa se hiert Kand némmen 20 Minuten oder 10 Mi-nuten an d'Crèche féieren oder wa si et

owes erëm siche kommen? Mir géife bie-den, fir dorop eng Äntwert ze kréien. An ech soe schonn am Virfeld dem Här Hinterscheid Merci. An ech hoffen, datt ee vläicht, wann dat esou soll sinn, och eng Léisung géif fannen an deem spezielle Fall. Dat Zweet ass: Mir sinn am Prinzip als CSV d'accord mat dem Verkéiersreglement, mat deenen neie Secteuren, déi Der dragestallt hutt. Mä mir sinn net d'accord mat den Tariffer. Wéi den Här Mischo d'éinescht gesot huet, géife mir fir d'Tariffer proposéieren: 1,50 Euro, 1,30 Euro an 1,10 Euro. A vu datt mer jo awer an der Ofstëmmung entweder net këinne matstëmmen oder mussen dogéint stëm-men, géife mer lech virschloen, d'Tariffer ze trenne vun deem Rescht vum Projet an eventuell déi Tariffer nei ze berechnen. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Hinterscheid gëtt elo nach d'Äntworten.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Et sinn e puer Froe gestallt ginn, déi hei direkt mam Tarifreglement ze dinn hunn. Et sinn eigentlech e puer Voten. Ech hu se alleguer zesumme présentéiert. Mir hunn dat Taxereglement fir d'Tariffer, mir hunn d'Food-Truck-Reglement, a mer hunn nach déi aner Verkéiersreglementer. Ech hu se an engem Otemzuch presen-téiert, mä de Sekretär wäert schonn dofir suergen, dass mer do separat déi richteg Votë maachen.“

D'Tariffer an der Mëttegstond: Ech men-gen, den Här Weidig huet et gesot. Wa mir d'Mëttegstond fräi maachen an der Surface, da kréie mir Parksuchverkéier, dat hate mer laang genuch. Da si se aus de Parkhaiser erausgefuer, duerch Esch gedréit an da si se herno awer erëm an d'Parkhaus eragefuer. Also dat gëtt kee Sënn. An et ass mer gesot gi vu Kollegen, déi an der Stad schaffen, dass an der Stad d'Mëttegstond och net gratis ass. Déi Fro mat de Lycéeën, dass d'Schüler net däerfen erausgoen: D'Schüler däer-fen och elo net erausgoen. Si ginn awer eraus. An dann ass dat eigentlech a Kon-tradiktioun mat deem Gespräch, wou ech d'lescht Woch mat dem Direktor vum CNFPC a vum Lycée Technique Esch hat, déi dat do begréissen. An déi sech och net der Illusioun higinn, dass ee mat der Schoulkantin alles ka léisen. An déi et dann och eigentlech besser fannen, wann et kontrolléiert ass.

Well esou, wéi et elo leeft, soe si, wësse mir net émmer, wat do verkaf gëtt, an ob et sech wierklech némmen op Pizzaen an op Bréidercher bezitt. An dofir menge

mir, dass dat awer sënnvoll ass. An d'Direktere bréngen et net färdeg, hir Dier zouzespären, dass d'Schüler net dierfen erausgoen. Mir suergen awer einfach elo dofir, dass dat, wat am öffentleche Raum do leeft, kontrolléiert a suivéiert ass.

De Parking, wou der sot, vun der Clinique Sainte-Marie bannendran, dat ass kee Problem vum öffentleche Raum, mä dat ass e Problem vu Baugenehmegungen, wat do virläit. An ech mengen, dass do Ënnersichungen amgaang sinn. Well do sinn effektiv Saachen ofgerappt ginn, respektiv ewechgefall. Mä dat läit awer um Niveau vun de Baugenehmegungen. An ech huelen un, dass dat do och geamaach gëtt.

Den Här Biltgen fënnt et gutt, dass et dräi Zone sinn. Et kann een elo driwwer diskutéieren: dräi Zonen, awer némmen zwee verschidden Tariffer. Ech hunn et a menger Einleitung explizéiert. Mir wëllen eis d'Méiglechkeet loossen: Wann et elo Verdrängungseffekter gëtt, wou et da wierklech herno vum Zentrum an de Perizentrum erausgedréckt gëtt, da muss ee vläicht drop reagéieren. Mä d'Fro hu mer eis awer gestallt a gemengt, dass dee Risiko net grad esou grouss wär, vläicht hei direkt un der Peripherie. Mä dofir hu mer déi dräi Zonen, fir gegebenfalls dann eropzegoen.

Ech weess, dass Dir lech virgestallt hutt, beim differenziererten Tarifgefüge, dass een no hanne géif eroefgoen an elo bleiwen, wou mer sinn. Mä ech wëll och net verstopen, dass dat ganzt Parkraumbewirtschaftungskonzept eis jo awer och richteg a wichteg Sue kascht. An dass déi Leit, déi mengen, haut nach èmmer mam Auto bis an Esch an den Zentrum ze müssen, bis wierklech virun d'Dier ze fueren, eben e puer Cent méi bezuele müssen.

Well mir investéiere parallel Milliounen an den öffentlechen Transport. Mir investéiere parallel immens vill Suen an eise Vël'Ok-System, mir investéiere parallel immens vill Geld an d'Mobilité douce. A mir sinn eis jo all eens, dass dat zukunftsorientéiert ass. An dofir hunn ech kee Problem, wann een deenen, déi et nach èmmer net verstanen hunn, dass et an enger Stad wéi Esch, déi esou kompakt ass, aner Mobilitéité ka ginn, wéi mam Individualauto bis virun d'Dier ze fueren. Da müssen déi et eben iwwert de Portemonnaie léieren.

Mëttlerweil hu mer jo nach eppes dobäi. Dat gëtt jo niéiert, dovu gëtt net méi geschwat: dat ass de Longue durée, wou mer 50 Cent d'Stonn hunn. Wou mer eng Alternativ offréiert hunn. Wou mer mëttlerweil iwwer – wann ech et elo richteg am Kapp hunn – 1.300 oder 1.400

Parkplaze ronderëm Esch verstreet hunn, mat deene leschten, déi elo bäikommen. A wa mer dann drun denken, dass mer och nach dee Park & Ride vun der CFL um Belval stoen hunn."

Eng Stëmm: „Deen ass awer net fir eis.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Dach deen ass fir eis ze benotzen, wann ech an de Park & Ride op Belval fueren a mam Zuch erof op Esch schafte kommen, dann ass de Park & Ride, wann ech eng Monatskaart hunn, fir mech gratis. Oder wann ech mat der Linn 7 op Esch schafte kommen, dat ass datselwecht. Wann ech mat der Linn 15 vun deem Park & Ride an d'Spidol ginn, ass et datselwecht. Also ech mengen, mir hunn Alternativen haut. Et muss een net méi mam Auto an den Zentrum kommen. A mir hunn e ganze Koup vill méi nohalteg an ekologesch sënnvoll Alternative wéi dat. An dofir mengen ech, dass mer wierklech müssen esouwält d'Schrauf zoudréien.

Zu Bréissel si se amgaang ze iwwerleeën, de ganzen Zentrum vu Bréissel eng Zone piétonne ze maachen, aus wirtschaftlichen Iwwerleeungen, fir de Stadkär nach méi attraktiv ze maachen. A wann Der gëschter Owend gesinn hutt, wat op der Brillplaz lass war: Wa mer do déi Autoe ronderëm nach e bëssen ewech hätten, mer se ènnendrënner am Parking stoen hätten, dann hätte mer sécher och qualitativ eppes gewonnen.

Dofir ass eng Logik an deem Ganzen, an ech géif lech dann och bieden, deem trotzdem zouzestëmmen a vläicht eng Kéier ze soen, et gëtt domat och e Signal gesat, dass et aner Alternative gëtt, wéi den Auto ze huelen a sech individuell domat fortzebewegen.

Dann zu där Fro vun der Madame Hildgen, déi elo näisch direkt heimat ze dinn huet: Wat geschitt an der Victor-Hugo-Strooss? Do maache mer eng Luucht, fir dem Bus eng Virfahrt ze ginn, fir do erauszfueren. Mir haten an der Verkéierskommissioun déi ganz Reorganisatioun vun eise Buslinne virgestallt. Also dat Eenzegt, wat do ännert, ass dass do eng Luucht kënnt. Dass de Bus Virfahrt huet, fir hinnen op dee klenge Contournement erauszfueren, wa mer d'Linn 12 herno do èmleeën an do eraufere loessen. Soss geschitt näisch do. Soss ännere mer och näisch do.

An ech mengen och, datt déi Crèche do net weider tangéiert gëtt. Et fiert all Véierelstonn e Bus laanscht, duerfir gëtt déi Ampel gemaach. An déi Ampel bréngt och souguer zum Deel vläicht nach déi eng oder déi aner zousätzlech Verkéiersberouegung.

Ech mengen, ech hunn elo op all Froe geäntwert.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Hinterscheid. Au vote. Eenzel ofstëmmen?“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Jo.“

Eng Stëmm: „Da ka jiddweree fir sech.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Et c'est parti.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve avec 11 voix pour et 6 voix contre la modification du règlement-taxe concernant le stationnement payant.

Voix pour (11): Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Voix contre (6): M. Laurent Biltgen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. André Zwally

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le règlement concernant les activités ambulantes sur la voie publique.

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme

Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de circulation concernant les emplacements food-trucks et le stationnement longue durée dans la rue Henri Koch.

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de circulation concernant l'installation d'un parking dans la rue du Turin.

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation routière.

11. Office Social:

- a) Nomination du nouveau trésorier de l'Office Social; décision**
- b) Réduction de tâche; décision**

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den nächste Punkt ass den Office social.

Do läit eis d'Nominatioun vun dem neien Trésorier vum Office social vir, déi mer mussen approuvéieren. De Conseil d'administration huet virgeschloen, d'Madame Isabella Dell'Aera ze nominéieren. Ech géif lech bidden, deem zouzestëmmen.

Vläicht kann ech einfach och schonn den zweete Punkt soen, da kenne mer déi Voten zesummen huelen.
Den zweete Punkt ass eng Réduction de tâche vun der Madame Odile Biver vum SRAS, där och den Office sociale zougestëmmt huet, vu 75 op 50%. An ech bie den lech, deem zouzestëmmen.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la nomination du nouveau trésorier de l'Office Social.

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité une réduction de tâche.

12. Questions de personnel; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dann d'Personaldecisiounen, Här Codello.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Zwou Personaldecisiounen an der Séance publique. Am Secrétariat général proposéiere mer, e Posten an der Carrière vum Huissier ze kreeéieren. Dëst ass doduercher bedéngt, datt ee vun de Memberen aus där Cellule wéll den Exame maachen, an et kann een némmen zum Examen zougelooss ginn, wann en deementspriechende Poste kreeéiert ass. An dëst och en vue vun enger Reorganisatioun, well den aktuelle Huissier an d'Pensioun geet. Sou datt deen da kann ersat ginn. An da géife mer dee Moment natierlech och mat enger Suppression de poste an de Gemengerot kommen.“

Dat Anert ass: Dir wësst ganz genau, dass duerch den Accord an der Fonction publique eng Prime unique un d'Fonctionnaires an un d'Employés communaux ausbezuelt gëtt. Dëst ass an der Maach. Mä mir mussen awer och an de Gemenegerot kommen, fir d'Salariés à tâche intellectuelle. Well déi duerch den Accord mat der Fonction publique net beinhalt sinn. An do muss de Gemengerot eng deementspriechend Deliberatioun hueulen.

Madame Buergermeeschter, ech wéilt just nach vläicht profitéieren, de Gemenegerot ze informéieren, well ech dat elo grad kritt hunn: Dir wësst, datt den 18. September d'Wahlen zu der Delegation Fonctionnaires-Employés sinn. An de Service du Personnel huet mer elo grad matgedeelt, den Effektif huet misse recalculéiert ginn op den 1. Januar, wat elo en fonction ass. Mir haten op den 1. Januar 371 Fonctionnaires an Employés communaux. Et ass awer dann och esou, datt den 18. September dann net méi siwen Delegéierte wäerte gestëmmt ginn, mä sechs effektiv Delegéierten a sechs Suppléanten. Dëst nach zur Informatioun. Den 19. August hëlt den Här Kox déi Lëschten entgéint. Dat ass de leschten Délai. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote. Kenne mer alles beiee stëmmen? Jo.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les questions de personnel.

13. CISEA: Mandat du chef de corps; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Énnert dem Punkt 13 bidden ech lech allegueren, d'Mandat vum Lieutenant-Colonel Guy Bernard vun de Pompjeeën ze verlängeren a bidden ém e Vote.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme

Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le mandat du chef de corps CISEA.

14. Etat des restants 2014; décision

